

# eis sprooch

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch  
Lëtzebuerg

1. Trimester  
1993

Nei Folleg / 4 Hefter pro Jor, dovun 1 Extra-Scie  
Drock: Kremer-Muller & Cie L-3895 Fëiz

Nr 37

Henri Rinnen: Erënnerung un de Willy Goergen	1	Antoinette Delperdang-Kaber: Fréijoorsbloumen / D'Margréitchen	34
Monique Hermes: «Gréiwemaacher erënnert sech...» Jos. Hurt (1892-1962)	7	Tom Thies: Dem Här Paschtouer säi Flocki	35
Josy Ourth: Am wonnerschéine Mä	14	Dieter Zimmer: Dem Paulus séng Bréiwer un d'Korinther	38
Monique Hermes: Eng versëlwert Plaquette vun der A.L. fir den Néckel Kremer	15	F. Molitor, R. Schaack, Emm. Bolz: Psalm 23: Mäin Hiirt	39
Jeanine Theis-Kauth: Mer hun erëm e Jor gepackt	16	R. Wohlfart: Zeechnong	40
Raymond Schaack: E Spigel	17	Ley Jacoby: Vu Leit, vu klenge Garen an allerlee Schoulmaschinnen	41
Emely Arnoldy: Mäi Frënd, de Bam		Rudy Ludes: Keen Hënnesch a kee Viischt	49
Marcel Lamy: Generalversammlung vun der A.L.	22	Robert Siuda: Klenggeketen	50 / 64
M. Lenertz: Roude Léiw waach!	29	Henri Rinnen: Ët wor virun...	51
Rudy Ludes: De Bakes-pätter erzielt	31	Notizen	56
Vic. Robert: D'Maison de retraite	32	E. Devaquet: Huct dir e Mënsch	59
Jeanine Theis-Kauth: Si zwee / D'Mënschen an de Krich	33	Jeanine Theis-Kauth: Den Äschermëttwoch kënnst bestëmmt	59
		Nei Bicher	60



*Primmel – Guckucksblumm*

*(Fotoën: H. Rinnen)*

*Schnéikläckelcher*





H. Rinnen

## Erënnerung un de Willy Goergen

30.4.1867 Stesel — 6.6. 1942 Lëtzebuerg


D'lescht Jor gouf gewëss mat Recht un eng béis Zäit an eiser Geschicht erënnert. Sin duerwéinst eiser Schrëftsteller vergiess oder iwwersi gin, déi an deem Jor, 1942, äis fir ëmmer verlooss hun? An der Nummer 35 a 36 vun «cis sprooch» hate mer un een erënnert den 11. Juni 1942 zu Rëidëng op der Kor versched wor: den Hary Godefroid. An engem Saz gouf do ernimmt, datt hie fir en aneren e grouse Respekt hat, als deer beschter Dichter een an eiser Sprooch ugesin huet an him zer Eier fir deem séng 70 Jor extra eng Festbroschür geschriwwen huet: de Willy Goergen, deen en etlech Deg virun him, de 6. Juni 1942, an der Stad Lëtzebuerg stënterlech gestuerwen as.

A grad esou ëm déi Zäit vum 50. Doudesdag (1992) as de 5. Band vum Willy Goergen séngem ganze Wierk am Verlag Borschette zu Krëschtnech erauskomm. E 5. Band! e Bewäis vun deem, wat deen all säi Liewe geschriwwen huet. Hien huet eppes Opweises! Op esou ville Gebitter huet en d'Gewan geruet a gegruewen, geplout a geéigt, gekappt a gegiet, geséit a geméit an d'Rekolt dervun an e sëllicher Illefter a Broschüren an d'Scheier erabruecht.

Et as en zolitten Häknapp a Fruuchtkaascht gin, et goufe Maandele voll, wat e gepléckt a gewonnen, opgeraaft a verschafft huet, dofir brauch een nëmmen d'Bibliographie an deem 5. Band, wéi an der Festbroschür vum Willy Goergen zu Stesel den 30. Abrëll 1967 ze kucken.

De Willy Goergen as zu Stesel a «Staffels» den 30. Abrëll 1867 an engem klengen Bauernhaus op d'Welt komm. Dat huet hie kees verlecchent.

Hie war de Staffels Wëll, an dat as e säi Liewe laang fir déi Steseler bliwwen, fir déi



*l'oto: «Ons Hemecht» – Festschrift zur Feier des 30jährigen Bestehens des Vereins 1894–1924*

Friem gouf et de Professor Willy Goergen. De Jänn, säi Papp, as vu Kontern aus mam Marjänn, séng Mamm, a «Staffels» abestuet gin. Si haten sech dräi Jonge bei der Hiefamm bestallt.

Dee Jéngsten as am beschten Alter gestuerwen, deen Eelste blouf am Haus an huet d'Bauerewiese virugeféiert. De Wëll konnt viru léiere goen, en as an de Kolléisch an d'Stad gaangen. Datt dat nët esou liicht ewéi haut war, fir all Dag vu Stesel an d'Stad ze kommen, verstin eis jong Leit haut wuel schlecht, et gouf kee beim Haus mat engem Autobus, zesoe bei der Dir, ewechgeholl, hie musst op Walfer, zou Fouss, op d'Gare goen, bei all Wieder, Summer a Winter. Hat dann d'Uelzrecht den Dall iwverschwemmt, dann

huet säi Papp en alt um Hatzebockel duurch d'Waasser bis déi Säit gedroen. An der Festbroschür vun 1967 schreift de Professor Fernand Hoffmann — dat war dër hei liest as aus deem gudden Bäitrag «Der Mundartlyriker Willy Goergen» erausgeholl, dir kënnt och soen dat allermeescht geknäipt —: «Wéi kënnt ech dat vergiessen, wéi mäi Papp sech ofgerackert huet, fir mäi Studium méiglech ze maachen. Well ech déi dräi éischt Joer vu Walfer mam Zuch an d'Stad gefuer sin, as hien all muerges em haalwer fénnef mat mir opgestan, huet mir de Kaffi gemat a mech meeschtens bis op d'Heeschtrëffer Strooss begleet, fir datt ech den haalwer Sechszuch nët sollt verspéiden. Et as alt virkomm, datt d'Uelzrecht mueres fréi bei der Bréck iwwer de Wee stung, dann huet hie mech um Hatzefatz duurch de Strumm gedroen, fir dass ech konnt mat dréchene Féiss an d'Stad kommen.»

Nom Kolléisch geet e fir d'éischt op d'Universitéit op Bonn an dono op Léiwen. Do huet hien de 7. Oktober 1891 d'«Candidature en philosophie et lettres» bestan, a well et geheescht huet an denen éischten zéng Jor wir keng Aussicht op eng Plaz zu Lëtzebuerg, as en nach op Stroossbuerg viru studéiere gaangen.

Fir sénge Leit doheem nët esou vill an çmmen e Belaascht ze sin, huet hien eng Plaz an enger Privatschoul ugeholl, wou e jong Leit fir op d'Militärakademie virbereet huet, Stonne gin am Däitschen, am Franséischen an an der Geschicht.

An der Krëschtwoch 1892 bestit en sech mat der Joffer Elise Kintzlé, engem Schoulmeeschter säi Meedchen, an déi jong Koppel leeft nach zwee Jor zu Stroossbuerg; se vergréissere den Stot mat zwéi Jongen, dem Max an dem Ernest.

1894 besteet de Willy Goergen dann zu Lëtzebuerg «Candidature en philosophie et lettres» an 1895 as en Dr. phil., Fächer: däitsch a griichesch.

Du wor en da Professor an en hat säin Akommes. En as awer nach bis 1898 zu Ste-

sel wunne bliwwen, éier e mat der Famill an d'Stad geplënnert as. Mä Stesel huet hien nët lass gelooss, en as mam Duerf a sénge Leit verwuess bliwwen:

«Sin ech och mat der Stadt bestued  
Mäin Häerz vergësst säi Stesel ni»  
(Aus dem Licwen. S. 8)

Mat sénger Fra an denen zwéi Jongen as hien dacks op Stesel geschrackt, a «Staffels», d'Haus um Bierg.

De Willy Goergen huet fir d'éischt héidäitsch geschriwwen an an däitschen Zäitschrëften — wéi en zu Stroossbuerg wor — «Jung Deutschland, Erwinia» sénger Gedichter publizéiert. E wor 31 Jor al, éier dat éischt Gedicht op Lëtzebuergesch (1898) vun him crauskoum. Et wor: «Du gutt Mamm verlooss mech nët» dat de Leit ganz gutt gefall huet (Komp. J.A. Müller). Iwregens hien hat vill Respekt a Léift fir séng Mamm, déi 1904 gestuerwen as, dovun zeit e.a. d'Gedicht «Hal dach déng Mamm an Fieren; Mat Aangscht a Suergen iwwerlueden as d'Mamm allzäit fir dech mäi Kand» (Komp. J.P. Beicht). An dër Erënnerongsbroschür vun 1954 sin d'Komponisten opgezéit, déi sénger Gedichter vertount hun; et sin dër 47.

Fir deer e puer ze nennen: J.P. Beicht, Henri Pensis, J.A. Müller, Jean Eiffes, Dom. Heckmes, Alb. Thorn, Louis Petit, Bern. May, Broulli, Max Menager, J.P. Neuen, Lou Koster, A. Kowalsky, Nic. Schuh, apaart awer den Theodor Decker. An der Jonghe-mecht (1930. Nr. 5/6/7. 1930. Gesang u. Musikheft. S. 192) gi mer gewuer wéi dee bekannte Komponist Th. Decker derzou komm as, fir dem Willy Goergen sénger Gedichter ze vertounen.

(Iwwer den Theodor Decker, an der Fiels den 3. November 1851 gebuer, deen zu Vannes, Dépt. du Morbihan, Frankreich, den 9. Oktober 1930 gestuerwen as a begruewe läit, kann een am Buch: Lëtzebuergesche Komponisten, vum Léon Blasen méi gewuer gin — [Lëtzebuergesche Stadmusel] (1988).

«Trotzdem sich Decker schnell in Vannes



eingelebt hatte, ließ die Heimat den Geächteten nie ganz los. Alle vier bis fünf Jahre kehrte er wenigstens auf eine Woche nach Hause, und je älter er wurde, desto wilder und nachhaltiger packte ihn das «Verlangern». Der Zufall führte ihn 1920 zur Vertonung von Luxemburger Liedern. «Bei meinem Ferienaufenthalt fiel mir ein Buch «Das Luxemburgische und sein Schrifttum» in die Hände. In einem Zuge las ich es von Anfang bis zu Ende. Ein Gedicht fiel mit besonders auf: Schnéi, Schnéi, Schnéi! Ich fragte einen Freund, wer der Dichter W. Goergen sei. Und alsbald verschaffte ich mir seine sämtlichen Werke.» So wurde Theodor Decker der Vertoner par excellence der Goergen'schen Lyrik. Dem siebzehnjährigen Künstler selber machte die Entdeckung eine nicht geringe Freude.»

Et heescht den Th. Decker hätt 115 Gedichter vum Willy Goergen vertount.

Déi zwéi si gutt Frënd gin, an den Th. Decker huet dem Willy Goergen de «Lauda Jerusalem Dominum» zoucrkannt (Fotocopie am Buch vum Léon Blasen).

Éier mer emol an dem Willy Goergen séng sëllechen Heftercher a Broschüre bliedere gin, loosse mer fir d'éischt emol jhust e bësselche kucken, wat fir eng Sprooch e geschriwwen huet, dat Steseler oder dat Stater. Et kann ee soen, datt et béides wor. «Hie schreift esouwuel de Stater Dialekt, deen sech mat Wieder wéi «Hierz, Schmierz, Stier, ons» asv. weist, wéi och säi Steseler (aus dem Uelzechtdall) mat Fro (Fra), schwarz, woar, Oën (Aen), Oarbecht, Koar (Kar-Kuer) asv. «Ech schwätze gär an ouni Zécken, wéi mech méng Mamm geléiert hat» verréit en eng Kéier an et duerf een dofir glewen, datt déi Stacklëtzebuerger Wieder an Ausdréck och zu Steseler gewuess sin a gelieft hun, déi hien a sénge Gedichter brauch. Et sin der vill derbäi, déi engem ausdenkeg gouwen an aus dem Moud koumen. A wann hien och dorëmmer glanne gaange wir, da kënnt een nawell nët anescht soen ewéi datt dat gutt gemacht wor. Op déi Manéier hu mir se behalen. Si stin um

Pabeier, an si bleiwen et. 't as gewosst, datt mer haut nët méi apaart no sou Ausdréck gruewen, «et as vun alen Doën gutt Lëtzebuerger Aart» se ze wëssen an se nët ze verschafen. All Sprooch as jo eppes Lieweges an all Zäit huet déi Sprooch, déi sech «guet». Déi al Formen, déi mer soss haten, héiert een haut bal nët méi. Wéi wor den ale Lëtzebuerger Superlativ? Beim Willy Goergen fanne mer en sou dacks wéi mer et gär hätten. Hien huet «der liichst, der froust, der haartst, der meescht», woufir mer haut éischer déite soen: am liichsten, am frousten, am haartsten, am meechten. Déi al Vergaangenheetsform as am Vergoen: «féil, schrouf, gouf», si liewen awer nach staark am Éislek, (zitíiert aus der Broschür vum 1967: Sprooch a Folklor beim Willy Goergen vum H. Rinnen). Do gët dann och eng Prouf bruecht, déi am selwechten e Bléck an dem Willy Goergen sénge spaassege Gedichter weist:

### Keng Rou (aus: Spackelrousen. S. 17)

De Strachen Hans, dat wor e Quoten  
wéi an der iwverall alt huet;  
all Quënt, déi him an de Kapp koum, sot en,  
do gouf nët laang gebluet.  
Op d'Religioun huet hie gehalen,  
mä d'Masse woren him ze laang;  
well him keng Priedegt konnt gefalen,  
as hien der mäascht an d'Vesper gaang.  
Do souz en dann am Klackenhäischen  
vir op der Bänk séng Liederjend;  
wou d'Letzt woar, loug eng Pällemstraischen  
sou krut e käs Kawent.

En huet gelies dra Jor fir Joër,  
an aus dem Haans-ehc gouf an Haans,  
d'Kannskanner woaren well schonns maans,  
mam Licse wollt et nët méi goen. —  
Kaum dass en sech an d'Bänk gesat,  
krut hien de Krämpche gläich an d'Oën  
an huet geschwënn ronrong gemat.  
E schnaarcht, datt d'Kirchendunne  
kraachen,  
de Kapp op d'Liederjend gestäipt.  
«Éim Haans!» sot Mëllesch Jang am Laachen,  
't as Holz genuch!» — Den Haans, deen näipt

Dat Ronke goug dem Hār Paschtouer am Enn verdäiwelt op de Mo; d'ganz Vesper duurch dee Bei am Ouer, dat woar keng Andacht méi dat do. E muss den Haans zur Ried mol stellen. «Ma sot mol Pätter, wéi al sid dir?» «O Hār, wann ech se all doarf zällen, Dat seint dër oachtzeg an ër vir.» — Oho, Éim Haans, dat léisst sech híieren, déi huet nèt jidderee, verstitt. Do heescht et sech alt scho schambréiren a man, dass ee keng Giichtflëss kritt. Dir sollt icch mëttes, fir ze tompen, eng Stonn doheem an d'Fotell drécken, zemol nach sonndes, dat kënnt iech zou.» «Dir huet gutt schwätzen; déi louder Mécken, déi loosse mir doheem keng Rou.»

Fir déi jong Leit as et wuel néideg déi Wieder auserneen ze leën. E «Quoten» heescht et fir e Mann, dee kee Knuet mécht, fir engem eppes ze soen, kee Blat virun de Mond hëlt an all droleg Saach, all Spiicht riichter aus seet ouni laang ze faxen. Hei hu mer «blueden» derfir stoen, e Wuert aus der Baucresprooch, wou et gebraucht gët fir Blieder, wéi un de Rommelen, ewech ze huclen, déi zevill solle sin.

«Liederjend» as eng al Form fir «Legend» (Hilleg-Legend); «Letzt» kënne mer verstoen fir d'Gebiet vum Dag, och vum Helliggen, deen op deen Dag gefeiert gouf, sou as en dann och nimools (käs) a Verleënheet (Kawent) komm — en hat keng Méi fir sech dran erëm ze fannen. Hei setzt de Willy Goergen schnaarchen niicht ronken an d'Riedensart vum «Holz seën». «Den Éim Haans as al,» «et seint dër achtzeg an ër vir, eppes méi wéi véieranachtzeg dorëmmer», an de Paschtouer mengt «déi huet nèt jiddereen, verstitt. Do heescht et sech alt scho schambréiren a man, dass ä keng Giichtflëss kritt. «Schambréieren» wëllt hei soen, sech versueren, dobanne bleiwen a sech waarm halen. Giichtflëss (Floss) si stënterleche Wéi, Räissen duurch Rheumatissem, apaart am Réck. Et wir ganz liicht e Bichelche voll dær Wieder opzezielen, well s'uchtcrall

stin. (sou op 8 Säiten an deem Artikel vum H. Rinnen).

Derniicht huet hien awer och alt deer Wieder, héichgestachener an abstrakter, aus dem Héidäitschen erageholl: déi siewen him verziën!

1896 wor eng Kommissioun genannt gin, fir en Dictionär ze maachen, deen 1906 færdig wor. Ém 1900 gët de Willy Goergen an déi Kommissioun genannt, an e sammelt dichteg Spréch a Riedensarten, déi an «Ons Hémecht» 1910 an 1911 erschéngen. Du hun Abonnente vun deer Zäitschréft fond, dat deer Spréch drënner wiren, déi ze graff, ze ruckelzeg wiren, a gedreet d'Zäitschréft ofzebestellen, wann deer vum «graffen Néckel» nach virun dra kéimen. Dat huet de Willy Goergen däermoosse gefoxt, an en huet de Rescht vu séngem Manuskript verbrannt, et as d'Päif aus gaangen, heescht et.

De W. Goergen wor iwregens Präsident vun «Ons Hémecht» vum 28.1.1909 bis den 23.5.1912 a vum 17.2.1916 bis de 25.4.1918.

De 24. Abrëll 1935 as de Willy Goergen a Pensioun gaangen, hien hat 68 Jor. Du konnt hien nach méi op «sai Stesel» resen, a wéi dat nèt méi gong, d'Been nèt méi wollten, as e bis an de Parc getrëppelt, op déi Plaz, déi Bellevue heescht, a vun him de Pescatores-Duxall gedeeft gin as; vun do konnt en den Uelzechtdall erof bis op Stesel gesin. 1937 gouf e fir séng 70 Jor gefeiert.

Den Hary Godefroid schreift him zer Eier eng ganz Broschür: «Lidderklank an Hémechtsdank», dat en «dem Hār Willy Goergen dem leeburger voleksdichter an treie frend zouerkennt vum verein «Hémechtssprôch» a vum verfässer.»

De Willy Goergen as Éiremember an der «Hémechtssprooch» 1939, niicht dem Isi Comes, Edmond J. (Papa) Klein an Nic. Welter; de Max Goergen, sai Jong, 1893 gebuer, gët ënner den aktive Membre genannt.\*

De 6. Juni 1942 fällt de Willy Goergen stënterlech ewech, en Hæerschlag — haut géif e soen: en Hæerinfarkt. Sai gréisste Wonsch



wor fir doheem zu Stesel begruewen ze gin, e krut en nēt erfëllt. Hie musst am neien Deel vum Nckloskiirfecht um Lampertsbiërg déi lescht Rou kréien. Ee Jor dono wéi séng lescht Broschür «E Bucki Spackelrousen» (1941) eraus komm as.

*Ech gréissen dech, du frëndlecht Dierfchen,  
wou ech gedronk, d'éischt Hemechtsloft.  
Du hänks am Biërg do wéi e Kierfchen  
voll Äppelglanz a Rousendofst.  
Dei Numm as mir an d'Häerz geschriwwen  
du Hemechtsduerf sou hell a léif.  
E fromme Wonsch as mir nach bliwwen  
dass mir déng Aerd e Graf och géif...*

De Willy Goergen as wuel deen, deen am meeschten (dër meescht fir säin Ausdrock derfir ze gebrauchen) Opweises huet; Spréch, Gedichter, Thaterstécker, bal eescht, bal schausseg, bal spaasseg, vu Land a Leit, et gouf nēt eppes am Liewe vu Mënsch an Déier, vun Natur a Glaf, vu Stieds- an Duerfliewen wouriwwer en nēt a sénge Gedichter eppes ze soen, besser, ze reime wousst.

Et mag sin, datt nēt all Gedicht jidderengem geroden as. Den Nik. Welter, deen 1906 (Die Dichter der Lux. Mundart) de Goergen nun nēt grad gelueft hat, huet säin Urteel awer revidéiert a schreift 1929 an «Mundartliche und hochdeutsche Dichtung in Luxemburg»: «Eine nach künstlerischen Grundsätzen veranstaltete Blumenlese aus W. Goergens lyrischem Werk ergäbe das Kostbarste, was unsere Mundartlyrik aufzuweisen hat.» Hei sief dann nach eng Kéier op d'Festbroschür vun 1967 higewisen an deer de Prof. Fernand Hoffmann eng Parti vu sénge gudder Gedichter bréngt, grad ewéi och an deem zwéte Band vu sénger «Mundartdichtung» (1967) an elo alles an deen 5 Bänn do as.

1901 koum dem Willy Goergen säin éischte Bännchen d'«Hemechtstéin»; 1941 dec leschten «E Bucki Spackelrousen». 20 Broschüre sin et, ounst séng Theaterstécker, ounst séng Gelegenheitsrieden, Artiklen an Zeitungen an Zäitschrëften!

40 Jor laang huet de Willy Goergen gewuddert a geruddert an äis esouvill aus Gaart a Gewan, aus der Natur, vun de Fester an de Feierdeg, aus dem Liewe fir déi Kleng an déi Grouss, vu Leed a Freed, Besënnlechtem a Spaassegem an deer Sprooch verierft, déi hie gären hat.

*Mir hale fest un onser Sprooch  
Déi mir fir ons gezammert hun;  
Ni kënnte mir erdron déi Schmooch,  
Datt een ons do wëllt Ongläich dun.*

D'Titele vu sénge Broschüre verrodend dat alles. Dobäi wor hie kee «Speißbiirger»!

Wann een d'Lidd vum «Kättchen, Kättchen, bréng mer nach e Pättchen» héiert denkt wuel den Dausendsten nēt drun, datt den Text dervu vum Willy Goergen as, dat de Jang Eiffes vertount huet. An déi Lidder fir Kanner wéi «Hiesche sëtzt am Rommelstéck», vertount vum Pepy Beicht; vum «Léiwe Kleeschen», vertount vum Pepy Beicht; «Himmelsdäierche fléi, Hiesche gëf gutt uecht», vum Th. Decker vertount; «wann d'Kanner bidden», vertount vum J. A. Müller; «fir d'Träiheet: et klénkt e Wuert duurch d'Land erfort», vertount vum Henri Pensis; «Mäin Éislek» vertount vum Albert Thorn; vun der Mamm «hal dach déng Mamm an Éieren» vertount vum J. P. Beicht (1869-1925); fir déi Jong «Jonktem huet e feiregt Blut», vertount vum Dom. Heckmes; «Beim Séisselklappen», vertount vum Henri Pensis...

Bis elo as nach kee Wuert weider iwwer dem Willy Goergen säi litterarescht-lyrescht Schaffe gesot gin, nëmme grad ernimmt; dat kann een an deen Bicher vum Fernand Hoffmann noliesen, grad ewéi dat iwwer d'Theaterstécker, déi de Willy Goergen geschriwwen huet.

Et muss ee sech awer nach froen, fir wat, datt de Willy Goergen sou dacks säin Numm nēt enner séng Gedichter an op séng Broschüre gesat huet. Hien hätt sech jo glat a guer nēt bräichen zu schummen iwwer dat, wat e geschriwwen huet a wat publizéiert gouf. 20 Pseudonyme si bis elo vum

Carlo Hury erausfond gin! Ouni déi opzielien ze wëllen, soll awer op d'(ganz) Bibliographie am 5. Band vun dem Willy Goergen séngem Gesamtwierk, wou och déi däitsch Saachen dra stin, op déi an der «Mundartdichtung» vum Fernand Hoffmann, an op déi an de Broschüre vun de Steseler Feieren 1954 an 1967, wou an deer leschter nach séng Konferenzen, Rieden an Theaterstécker ernimmt sin, an dat wat nët gedréckt as gin. (Wou sin déi Manuskripter haut?)

De Willy Goergen stong mat béide Féiss fest am Hemechtsbuedem, apaart an deem Steseler, hien huet eng këreg Lëtzebuerger Sprooch geschriwwen; mat séng Gedichter an Theaterstécker as munches aus eiser Sprooch, aus dem Bauereliewen, am Naturbild an Naturliewen, de Leit an hirem Denken a Fille festgehal gin. Hic wor e Verdeger vun der Onofhängegkeet vum Land, trei zur Dynastic.

Et as dofir sécher gutt ze verstoen, datt déi Schmod, déi d'Nazien dem Land bruecht hun, hien al gedréckt hun a nët sou ganz onschëlleg u séngem Doud sin.

Et mag jo sin, datt Munnechen dem Willy Goergen séng Gedichter an déi puer Theaterstécker nâischt méi soen, well se souvill «moraliséieren», sou vill romantesch sin, vlâicht esouguer ze dacks de Fanger gehuewe gët, mà da muss ee bedenken, datt se aus enger Zäit vun deemools sin an nët méi an eis vermaterialiséiert, Atom- a Plastikwelt richteg passen. Souguer déi schausseg-spaasseg-ironesch gin nët méi verstanen (d'Suss geet op Paräis; et geet op d'Fouer, e.a.) well et dat esou zënter méi wéi 80 Jor nët méi gët. Et dierft en awer iwwerzeegt sin, datt séng Gedichter fir Kanner, wéi vum «Ireschen Nicki» an dem «Kropemann» (wann et och haut nach kaum e Pëtz gët), den «Nckleeschen» an den «Hieschen am Rommelstéck» nach lang opgesot oder gesonge gin.

A géifen déi och nach vergoen, da bléif vu séngem ganze Wierk awer e licwegt Bild aus

deer Zäit, well sou wéi hien d'Liewen, apaart d'Bauereliewen, ueter d'Jor beschriwwen huet, mat all deem wéi et du wor, as et eng Foto, jo en Tableau à la Breughel, wéi mer se soss nët (bal) an eiser Litteratur begéinen.

Dozou kënt nach, datt a séng Gedichter esouwuel engem Sproochfuerscher honnerte vu Wieder erhalte bliwwe sin, wéi engem Folklorist doranner déi Gebräicher, Menongen a Glaf eng Fondgrouf bidden.

Zitéiere mer am Enn den Nik. Welter: Unser bewußtester Heimtdichter seit Lentzens Tod ist Professor Wilhelm Görgen. (S. 324):

Wie Lentz ist W. Görgen ein Sänger der Heimat, ihrer Sprache, ihres Glaubens, ihres Volkstums, der Dichter der Kindheit, Kindes- und Elternliebe, des Vaterhauses und des Muttergrabes. Auch er wird zum glühenden Herold des unabhängigen Grossherzogtums und seines Fürstenhauses, und das besonders während der langen Kriegsjahre (S. 329) (fir 1914-18).

A vum Fernand Hoffmann (Broschür Centenaire 1967): «Goergens Dichten ist gewoben aus Besinnung, Treue und Dank. Besinnung auf jene Werte, die gerade im Alltäglichen, im Unscheinbaren und Einfachen verborgen liegen und die letzten Endes unsere Existenz tragen; Treue und Dankbarkeit für jenes Fleckchen Heimat, das seine Kindheit getragen. Hier geht Willy Goergen weit über Lentz hinaus und begründet eine Richtung, die über Paul Noesen, Ferd. Gremling und Nikolaus Hein in Tit Schroeder Gipfel und Vollendung findet.

Mir hu fir dësen Artikel geschäfft a geknäipt an: Centenaire Willy Goergen. Stesel 30. Abrëll 1967. Der Mundartlyriker Willy Goergen, vum Fernand Hoffmann.; Fernand Hoffmann: Geschichte der Luxemburger Mundartdichtung. Band II. (1967); H. Rinnen: Sprooch a Folklor beim Willy Goergen. Centenaire Willy Goergen. Stesel 30. Abrëll 1967.; Nik. Welter: Dichtung in Luxemburg. Mundartliche und hochdeutsche Dichtung in Luxemburg. 1929; Commémoratioun Willy Goergen 1954 (du gouf eng Plack un d'Hemechtshaus opgehaangen).

\* \* \*

D'Gesamtwierk vum Willy Goergen a 5 Bänn as am Verlag Borschette, Krëschtnech zu kréien.



# «Gréiwemaacher erënnert sech...»

## Jos. Hurt (1892-1962)

Festried vun der Joffer Monique Hermès, 7. Dezember 1992

Léif Leit,

Mir sin nach an engem Joër, wou sech un esou villes erënnert gouf: «50 Joër Zwangsrekrutierung», huet et Enn August 1992 gehescht an et goung ëm en däischtert a bluddegt Kapitel aus eiser Geschicht. «1792-1992: Goethe in Trier und Luxemburg — 200 Jahre Campagne in Frankreich», as den Titel vun enger Ausstellung, déi zu Tréier an zu Lëtzebuerg an zu Weimar war oder as, en Thema, iwwer deem de Professor Mill Krier viru kurzem op dëser Plaz eng flott Konferenz gehal huet.

Haut den Owend crënnert Maacher sech, nët mat grousem Pomp oder mat enger «Séance académique», mä mat e puer Gedanken a mat enger bescheidener Ausstellung, zesumme gestallt vum Jean Welter, un e Mann, dee virun 100 Joër hei op d'Welt koum an dee virun 30 Joër hei gestuerwen as, deem hei am Schiet vun der Kräizkapell, déi him eppes bedeit huet, begruewe läit an dee séng Hemechtsuertschaft gär hat ewéi kaum en zweeten: de Paschtouer Jos Hurt.

### Biographie

Fir d'éischt e Wuert zur Biographie vun deem, ëm deem et geet. Gebuer gouf de Jos Hurt, ewéi gesot, den 13. August 1892 hei zu Maacher, als Jong vun der Koppel Anton Hurt, Schlässer a Catherine Wintersdorf(f).

Primärschoul zu Gréiwemaacher, Kollisch zu lechternach, Orientierung: Professer.

Neen, de Jos. Hurt gët Geeschtlech, geweit de 14. Juli 1918, éischt Kaplounsplaz: Maacher, weider Statiounen: Esch/Uelzecht, do grënnt en zesumme mam Victor Neucns d'«Jong Hemecht», Rolléngergronn, Pasch-



touer zu Hamm, Rektor zu Wolz, Paschtouer am Kiischpelt (am Éislek), do mécht en ë.ä. eng Studie iwwer d'Hellegstatuen uechter d'Land a publizéiert Artikelen am Sonndesblad, am Wort, am Uuchtkalenner, am Marienkalenner...

Paschtouer zu Uespelt, do bekëmmert e sech ëm de Péiter vun Uespelt, lescht Statioun: Maacher, vum 1. September 1958 un, fir nët grad 4 Joër.

A sénger Gebuurtsuertschaft, där sän Intressi e Liewe laang gegollen huet, stierft de Jos. Hurt de 25. Mäerz 1962.

Dem Jos. Hurt säin Intressi huet zäitlicwes sénger Stad Maacher gegollen, hu mer gesot. An all denen Uertschaften, wou hie war, huet e sech als grousser Geschichtsfreind wuel interesséiert an agesat, d.h. niddergeschriwwen, fir datt Saachen nët an de Vergiess gerode sollten. Awer zu Maacher, do war a blouf hien dohcom. Dat beweisen déi e sëllichen Artikelen an Zeitungen an Zäitschrëften, a Broschüren, an deem eemolege Wierk: «Grevenmacher: 1252-1952 La Bonne Ville», 700 Joër Fräiheetsbréif, wou hien déi driiwend Kraaft war, nët nëmme beim Buch, mä och beim Festakt, den 20. Juni 1952.

E weidert bedeitend Buch vum Jos Hurt as: «Der Kreuzerberg und seine Geschichte», fir d'Awciung vum Monument fir «Ons Jungen», de 15. Juli 1956, eng Fondgrouf fir Frënn vun enger vun dene geschichtsträchtege Plaze vu Maacher.

A wann et de 26. März 1962, een Dag nom Doud vum Paschtouer Jos. Hurt, am Wort geheescht huet: *«Die Stadt Grevenmacher und die Mosel verlieren einen ihrer besten Söhne, der sich in zahlreichen Abhandlungen um die Kirchengeschichte unseres Landes und um die Lokalchronik seiner Heimatstadt in hohem Maße verdient gemacht hat,»* da geet et äis haut den Owend ebc grad em dem Paschtouer Jos. Hurt séng Verdéngschter em cist Maacher, an dat unhand vun zwee Wierker: **«Grevenmacher: Einer Moselstadt geschichtliches Werden und Wachsen».**

Wéi den Hurt dout war, wosste wuel déi Wéinegst, datt e sénger Stad eng geschichtlech Ofhandlung mam Titel: «Grevenmacher: Einer Moselstadt geschichtliches Werden und Wachsen», eng gebonne «Kartular-Chronik», dräi Deler, sechs Bänn, e Manuskript vun engem gewësse Wäert, hannerloosse sollt.

Versti mer äis gutt: Den Ausdrock «geschichtlech Ofhandlung» as sécher héichgegraff. Den Hurt war kee «Beruffshistoriker». Hie war e grousser Geschichtsfreind an en onermiddleche Sammler. Et wär nämlech kompetenten Historiker ewéi engem Gilbert

Trausch, engem Mill Krier, déi sech wäit iwuer eis Grenzen eraus en Numm gemaach hun, Ongläich gedon, wann een elo op eemol Lokalhistoriker géif op eng «Stuf» mat hinne setzen.

An dach as et derwäert, datt mer äis e bësse méi intensiv mat dene sechs Bänn iwuer Gréiwemaacher befaassen, déi den Hurt zesummegehallt huet. Si gehéiere ganz sécher zur «réserve précieuse» vun eiser Gemeng.

Dräi Deler, hate mer gesot, an zwar:

— **Von den Anfängen bis 1400**

— **1400 bis 1617**

— **1618 bis 1795** (resp. 1800, also bis no der Franséischer Revolutioun)

Et sin am ganzen 1.311 Säiten, fortlafen numeréiert, wann een awer all Ziedelen an Ziedelcher derbäizelt (e Faible vum Hurt an e Grauel fir all seriösen Historiker), da kënnt ee gär a gutt op 1.600 Säiten Dokumenter, Urkunden, Auszich aus Archiven a Bicher, Bréiwer, selwer verfaasst Artikelen, Anekdoten, Plangen, Fotoën, Zeechnungen, Ausschnëtt aus Zeitungen, Stammeem...

Eppes stëmmt an deem «Sammelsurium» am gudde Sënn: Et geet streng chronologisch, d.h. der Rei no: An d'Geschicht an d'Geschichte vun der Stiedchen un der Musel am Laf vun de Jorhonnerten, gin och am Spigel vun där grousser Weltgeschicht beliicht, well den Hurt méngt: *«Mit einem Haufen urkundlicher Angaben vermag der Leser nicht viel anzufangen, wenn die Urkunden oder Auszüge nicht in Verbindung zueinander gesetzt werden.»* (Bd 1, S. 9)

**Von den Anfängen bis 1400**

An elo bliedere mer da kuurz an deem éischte Band, wou et em Kapitelen ewéi: «In grauer Vorzeit — Moselland und Moselvolk (-451) — Im Moselgau (6. und 7. Jahrhundert) — Im Dämmerchein der Geschichte — «Villa Machera» (7. Jahrhundert bis 1252) — Im goldenen Frührot der Befreiung (1252-1356) — Im Wachsen und Werden (1356-1396), geet. Dës Titele si gutt gewielt, well si soen u sech



scho vill aus. Mā fir d'éischt musse mer dem Hurt selwer d'Wuert gin. Dat Ganzt fänkt nämlech u mat enger Widmung, déi hie sénger léiwcr Hemechtsstad Maacher zoukomme léisst:

«Es liegt ein Städtlein im Moselland, – Von vielen geliebt, von vielen gekannt, – Umgeben von Reben im Blütenduft – Und herrlichem Wald mit würziger Luft. – Da rauschet Mosella ihr silbernes Lied, – Ein Lied von waltem Gemüt, – Das Widerhall weckt in des Volkes Brust, – In Arbeit und Frohsinn und Sangeslust.»

An da kénnt en Text, dee wucl poetisch a mäerchenhaft, awer esou schéin an deífsen-neg as, datt een Tech en nēt virenthale kann:

«Es war einmal...»

Da gab es im Moselland ein traumstilles, vom Grün der Weinberge umkränzt, vom Blau der Mosel umzogenes und vom leuchtenden Himmel überspanntes Städtchen. Das hieß Grevenmacher.

Klein war es und alt, Jahrhunderte alt. Rundum gingen noch starke, verfallene Wehrmauern (Ringmauern) mit trutzigen Türmen. Darin waren enge, winklige Gässchen mit kleinen Häuschen. Die hatten schmale Fenster mit grün-

lich-altersblindem Glas. Daneben standen große Patrizierhäuser mit weitgespannten Torbogen, an denen verbröckelnde Wappen leuchteten. In der Mitte stand der altersgraue Wachturm, vierschötig und breit und ließ seine Stundenschläge schläfrig rasselnd über das Städtchen verklingen. Und Straßen und Gassen und Häuser erzählen. Erzählen von Jammer und Not und harter Lebensmüh derer, die einst an diesen Herden saßen und im Schatten dieser Türme lebten. Dunkle Schicksalstage steigen auf, die nicht im Buche der Geschichte verzeichnet sind. Rotglühend wird der Himmel von den lobenden Feuergarben, die aus dem gebrandschatzten Städtchen steigen und hellrot fließt das Wasser des Marktbächleins von all dem Blut, das dort vergossen ward. Immer wieder zog auf der Völkerstraße durch diese Ortschaft mit den Kriegsbeeren aus aller Herren Ländern das Elend, immer wieder hallten diese Gassen und Häuser wieder von den Greueln plündernder Horden. Und die Pest kam nachgezogen und machte die ausgebrannten Straßen zu Wüsteneien...

Aber auch davon wissen sie zu berichten, die Gassen und Gässchen, die Mauern und Türme, freudig und stark, wie aus dunklen Verhängnissen, aus Not und Tod, aus Mißwuchs und Miß-

Schroden, bedeutet nach dem lux. Wörter-

buch „Schroden“ bezeichnet durch einen Handhebel fortbewegen. Daher die Berufsbezeichnung Schroder, Schroter. In einer Notiz aus dem Kreis Zell vom 9. Dez. 1752 heißt es: Schroden; dabei handelt es sich darum, Fässer auf einen Ochsen zu befördern.

Wort, des. Fässer, Schroden, d. h. auf zwei Leitbäumen, die oben u. unten verlaufen, sind, ziehend fortbewegt od. wälzt, auch die Fässer auf der Schroden hier kreieroll.

*ernte immer wieder die unverwüstliche Lebenskraft dieses Moselvolkes neues Wachsen und Schaffen hervorbrachte.*

*Es war einmal...*

*Kommt, in dieses Moselstädtchen wollen wir wandern; horcht, von ihm erzählen diese Blätter...»*

An domat wëll ech gläich eng Klamer opmaachen. An esou Texter, déi voller Häerz a Gefill sin, läit dem Hurt séng absolut Stärkt. Hie war virun allem e Schréfsteller, wuel gefillsbetount, mä mat enger onheemlecher Léift zu sénger Hemecht. Dat mécht séng ägentlech Gréisst aus. Wann ee séng 'Texter mat deem Brüll liest, gesäit ee se ganz anescht an eventuell nach analyséiert oder ganz sachlech kommentéiert. Fir dat ze beleën, nach eng Ausso vum Hurt, am Kapitel: «Moseland und Moselvolk»:

*«Es ist uns Moselanern eigentlich nie recht gut ergangen. Mit unsern Landesbrüdern wurden wir viel in der Weltgeschichte herumgestoßen, an unserm Lande haben sie Fetzen heruntergerissen zu allen Seiten, daß uns das Blut floß.*

*Und unsere Arbeiten tun wir jahraus jahrein, in Regen und Sonne, in guten und in schlechten Zeiten, ob wir singen oder weinen.*

*Da ist etwas Scharfes in unser Gemüt gekommen, etwas Säure in unser Blut. Das fließt uns meist unbewußt in die Rede, wie das Nachwirken Jahrhundertealter Bitterkeit. Wir wurden so oft von Großen und Kleinen begauert, daß wir mißtrauisch geworden sind und eine untrügliche Witterung für Mausebeien haben.*

*Schlicht und urwüchsig sind wir wie der Wein, der auf unsern Rebkoppen wächst; das bißchen Säure darf nicht fehlen, das ist mit uns geworden, das ist ein Teil unserer Art, die wir ungepanscht und ungezuckert rein halten wollen. Es ist wahr, der Spott sitzt uns locker auf den Lippen und gibt uns leicht aus dem Munde. Wir finden in unserer derbrauen Sprache, die ist wie wir, leicht das rechte Wort für alles Lächerliche und Überhebliche.*

*Aber auch das ist wahr, es lebt noch genug Kraft in unserm unverbrauchten Volkstum, daß wir*

*nicht zu Säuerlingen und Grämlingen verkümmern, vielmehr mit urwüchsigem Lachen oder kräftigem Faustschlag die Winkelzüge des Schicksals ertragen.» (S. 51)*

Dat as keng Geschicht. Do as emol näischt Chronologesches méi dran ze fannen. Elei wëllt den Hurt eppes ganz anescht an dat geléngt em. Hie liwwert äis eng Beschreibung vum Miseler, mat där en dem Nik. Hein séngem Wénzer d'Wäiwaasser reeche kann...

An da muss een onbedéngt nach op eppes hiweisen; Och mat Anekdoten, oder, loosse mer besser soen, mat Legenden, knéckt den Hurt nët. De Goethe war virun 200 Joër gläich zweemol zu Maacher, dat wesse mer, et steet an de Geschichtsbücher geschriwwen. Abec, den hellege Mäerte vun Tours, dee mam Mantel, och, an zwar tëscht 384 an 386, wéi en op där aler Römerstrooss bei de Keser Maximus op Tréier geridden as... Et steet néirens weider geschriwwen, et sief da beim Hurt: Wichteg Maacher Plazen ewéi de Groësteen, d'Alkërrech, felan an dësem éischten Deel nët. Wichtegen Tatsaachen ewéi dem Fräiheetsbréif am Joër 1252 duurch de Graf Hary de Blonden, e Jong vun der gudder Gräfin Ermesinde, gët Rechnung gedron. Wosst Dir z.B., datt dee berüimte Jhang de Blanne séngem Monni, dem Tréierer Erzbëschof Balduin, den 3. Juni 1346 Iechternach, Bitburg, Réimech a Maacher fir 30.000 Florentiner Gulde verkaaft hat?

#### 1400 bis 1617

Mir kommen un den zweeten Deel vum Hurt séngem Wierk. A siwe verschidde Kapitele geet et ë.a. ëm d'Pandherrschaft (1400-1433), dat neit burgundescht Räich (1443-1506), déi spuenesch-franséisch Kricher (1542-1559)...

Dësen Deel as der Groussherzogin Charlotte gewidmet mat deen heite Wierder:

*«In tiefster Verehrung» – «In dunkelschweren Tagen, da ich an diesem Buch schrieb, war der Gedanke an Sie, K.H., Hoffnungsstern und Weglicht.»*



Ganz gefillsbetount as nees eng Kéier d'Virwuert. Et sich mer erlaabt, kuurz ze zitieren:

*«Da ich diese Zeilen schreibe, liegt draussen ein grauer, trostlos müder Januartag. Schnee deckt die Koppen und kaltnasse Winde stürmen in den Bäumen. Noch ist der Frühling weit, so weit...»*

*Doch manchmal huscht ein Lichtstrahl aus trüben Wolken. Menschen gehen vorbei, hüllen sich fröstelnd in den Mantel und blicken einander trübselig an. Und wo zwei beisammenstehen, geht es in gedämpftem Flüsterton. Daraus fließt das Leid und die Not der Tage, die so viele Todesnachrichten gebracht haben. Wie schreckhafter, schwarzer Vogelflug aus dem kalten Osten kamen sie. Wenig Tränen, aber viel schmerzlich verhaltenes Weh sieht man in den Augen. Die schauen in die Ferne, als ob sie dort etwas suchten: ein Helfen, ein Hoffen. Noch scheint es weit, so weit...»*

An des Period, 1400-1617, fällt de Péiter vun Osburg, an domat d'Grënnung vum Zivilhospiz zu Maacher (1418), fir den Hurt e ganz ergibegt Thema an der Stad vum hellege Laurentius, dem Diakon vun den Aarmen.

A keen aner ewéi den Adolf Berens hat 1939 gutt Viraarbecht gelescht mat der Festschrëft: «500 Jahre Zivilhospiz zu Grevenmacher (1439-1939). Et geet weider em d'Landrichterei Gréiwemaacher, em dat aalt Schlass, Laurentius, Schutzpatréiner vu Maacher. Fir wat? Den Hurt freet:

*«Der heilige Laurentius wird angerufen als Schutzpatron gegen Feuersbrunst – soll er der häufigen Feuersbrünste wegen vielleicht zum Schutzpatron der Stadt erwählt worden sein?»*

Datumen ewéi den 1.9.1552 (Albrecht von Brandenburg) sin nët vergiess. Laang befaasst den Hurt sech mat engem historiesche Bauwierk, deem als Maacher Stadur, desweidere mat de spéitmittelalterlechen Zünften a Bruderschaften, z.B. d'Rochus-Bruderschaften, där et der zu Maacher jo eng ganz Parti goufen, mat Gebräicher... Jhust een Zitat. Et geet em de Stadkär:

*«Unvergeßlich imponierend mag die Wirkung gewesen sein, die das Platzbild dieser Zusam-*

*menstellung ausgeübt hat: Stadthaus, Stadtturm, Pfarrkirche und Marktplatz mit dem Freiheitskreuz... Das Ganze bot ein Bild unvergeßlicher Harmonie und Kraft, würdig einer Stadt, die so bürgerstolz und ausbarrend war, wie das alte Grevenmacher.»*

#### 1618 bis 1795

Gräife mer aus deem drëtten a leschte Band vum Hurt séngem Wierk, deem dem Schoulmeeschter an Inspekter Arthur Hary gewidmet as, jhust craus, datt et elei dran em Krich, Brand, Nout an Doud, awer och em dat gëludent Zäitalter enner der éisterräichescher Herrschaft, geet. (Iwrengens, den Arthur Hary, dee Lëtzebuerger Kannerzeitungen crausgin huet, sollt d'Muselbuch «Im Land der Reben» schreiwen. Als Schoulinsekter as en de 16. März 1925 hei zu Maacher am Alter vun nëmmer 33 Joer gestuerft).

D'Virwuert as e Bréif un desen Arthur Hary:

*«Es ist nicht von ungefähr, daß wir auf die Mosel zu sprechen kamen, auf Moselland und Moselstadt. Du meinst, deren Geschichte müßte einmal geschrieben werden in einem Moselbuch. (...) So etwa redetest du auf mich ein: Wenn Geschichte Lehrmeisterin eines Volkes sein soll, muß sie zum Volke sprechen, daß dieses sie versteht. Denn groß ist das Interesse am Heimatgeschehen der vergangenen Jahrhunderte, an dem, was es täglich um sich siebt an Straßen und Häusern, an Mauern und Türmen, an Fluß und Bach, an Merkwürdigkeiten in Feld und Wald.»*

An da geet et em den 30järege Krich (1618-1648), eng Zäit vun Nout an Doud. Deemools, nämlech 1620, soll hei zu Maacher deem éischte Schoulmeeschter an der Person vum Heinrich Machthumb gewiescht sin (virdrun huet jo de Koschter Schoul gehal).

Och Hexeprozesser zu Maacher gi vum Hurt nët doutgeschwigen (1628). D'Plaze vun desen Hexe waren ë.a. d'Schuckenhiel, de Groësteen, op Sankt-Johann... Majo dann. Den Hurt hat iwwerhaupt e Faibel fir Geeschter an Hexen. Eng vun sénge beschten Aarbechten as d'Schrëft: «Geisterabwehr bei



unseren Vorfahren», déi 1960 crauskoum, 1677: Eng flott Beschreiwung iwwer de Maart soll Iech net virenthale gin:

*«Der Markt, den man mit Recht den alten Markt nennen könnte, befand sich ausgehend vom Stadthaus einerseits und vom Stadtturm andererseits, in der Straße bis zur Biegung links. Der Markt war der wichtigste Schauplatz des Gemeinschaftslebens. Auf ihm spielte sich nicht nur der hauptsächlichste Handelsverkehr ab, sondern auch die Rechtsvorgänge fanden dort statt. Bäcker, Metzger, Handels- und Handwerksleute hatten hier ihre Auslagen und Verkaufsstände. Auf Tischen, in Buden und unter den Hallen waren die Waren ausgelegt. Hier standen auch wohl die meisten Kaufhäuser. Ihre Fenster mit den Auslagen waren eckig und standen hervor. Über der Tür hing das Zeichen des Hauses oder die Strauss und oft wurde der Besitzer nach seinem Hausbild genannt. Wenn Markttag war, wurde am Stadthaus die rote Fahne aufgesteckt und so lange sie ausgehängt war, hatten fremde Verkäufer das Marktrecht. Die Glocke läutete den Markt ein und läutete ihn wieder aus.»*

An dann e puer pittoresk Detailer:

*«Im Lumpenring, an der Ecke des Stadthauses, steht ein Verurteilter und muß den Spott und Hohn des Volkes über sich ergehen lassen. (...) Am alten Stadtturm an der Kirchhofecke steht ein Spielmann mit Geige und singt dazu, ein lustiger Geselle pfeift die Weise mit und bald beginnt alt und jung mit zu singen und zu springen. Da erklingt die Nachtglocke und Gassen und Wirtshäuser leeren sich. Im Stadtturm sitzen einige Marktdiebe, die man erwischt hat.»* (S. 195)

Et geet weider ëm Stroossennimm, ëm d'Muschelchäffahrt an ëm de Patroun vun de Schëffer. Sāi Kult koum iwregens bei āis vu Saint-Nicolas-du-Port, a wann der eng Kēier d'Geleēnheet huet, da gitt déi schēin Niklosbasilika bei Nanzig kucken:

Bedāitend Maacher Familjen, ewēi d'Famill Thierry, kommen zu Eieren. Postkutschen a Postverbindunge gin opgezielt, an de Blannen Theis kēnt op d'Welt (1747).

D'Keserin Maria Theresia léisst e Grēiwemaacher Kadaster opstellen (1767), déi nei Parkiirch gēt gebaut, haut Dekanatskiirch (1776-1782). Mir haten ëm déi Zāit och Spillkaartefabriken hei, a kuurz drop koum den Dichterfürst Goethe glāich zwēemol duurch Maacher an e sollt esouguer en ale Lexikon hei leie loossen (1792).

Domat wār eise Krees āgentlech zou, wann net nach 1794 d'Fransouse komm wāren a geraaft a geplēnert hātten...

«Dat Buch huet 1.000 Sāiten», huet et 1963 an der Stad am Neien Theater bei der 1.000-Jorfeier vun der Stad Lētzebucrg gheesch. Dem Hurt sāi Wierk: «Grevemacher: Einer Moselstadt Werden und Wachsen» huet vill méi ewēi 1.000 Sāiten, an et sin Dausende vu Saachen dra festgchal...

## II. Zum Schluss nach en Dictionnaire

An clo géif et Zāit gin, léif Leit, datt ech Iech klore Wāin aschenke géif. Et sollt den Owend āgentlech nēme ganz niewebāi ëm dat Wierk goen, iwwer dat mer 1987, am 25. Doudesjor vun Jos. Hurt, schon eng Kēier sechs Warte-Sāite publizēiert haten.

Mir wollte mat engem ganz anere Wierk opwaardn an zwar mam Hurt séngem «Dictionnaire»: «Grēiwemaacher — Ausdrēck a Riedensarten», e Buch, dat leider an der Stad an der «Section de Linguistique, de Folklore et de Toponymie» vum «Institut Grand-Ducal» lāit. Mir haten dat Buch eng Kēier kuurz gewise kritt a wollte fir dēt «Hurt-Joer» eng Aarbecht driwwer schreiwē an eng Konferenz mat Ausstellung halen. Mā mir kruten et nēt, trotz Interventioun vun der Gemeng, trotz Opruff vum Hār Minister Steichen un déi Verantwortlech. Mir hātte wuel kēnnen an d'Stad schaffe goen. Mā dat as einfach nēt méiglech.

Esou en Owend, ewēi deen hei kascht Leit, déi duurch Zoufall och nach e Beruff a vill aner Beschäftigungen hun, ganz vill Zāit, dat as sécher kee Geheimnis. An déi Zāit muss ee sech kēnnen huelen, wann ee se grad huet, z.B. nuets...



Wie wat an der Stad mat Hurt séngem Buch iwwer Maacher Ausdréck a Riedensaarten mécht, wesse mir nët. Mir hätten hei eppes dermat gemaach. Et sollt nët sin. Dir kënt dohannen eng Kopie vun denen éischte Sätze gesin, déi mer deemools ergaddert haten. An d'Virwuert wëlle mer Iech och nët virenthalen:

«Gréiwemaacher — Ausdréck a Riedensaarten — Sprooch a Spréch», opgeschriewe vum Jos. Hurt 1940/1944 —

*Meiner lieben Mutter, Frau Cath. Hurt-Wintersdorf, der ich dieses Buch verdanke, zum 80. Geburtstag, 1866-1946.*

*Schon seit langem geht die Grevenmacherer Mundart immer mehr und mehr zurück. Das konnte ich feststellen bei meinen gelegentlichen Besuchen der Heimat: es war, als ob jedesmal ein weiteres Stück verlorengegangen wäre. Das hörte ich heraus aus dem Spielen und Sprechen der Kinder, das merkte ich in der Unterhaltung mit alten und jungen Leuten, das klang aus dem Reden der Geschäftsleute und Handwerker, ganz zu schweigen von den Beamten. Ganze Kreise haben es als unfein aufgegeben, die rauhe und etwas grobe Sprache zu sprechen; die Altingesessenen schämen sich vor den Fremden. Und die Stadt wurde zu sehr von fremden Familien überflutet und in den Familien, wo ein Teil Grevenmacherer und der andere Fremder ist, da wird in 99% die alte Grevenmacherer Mundart aufgegeben. Das dürfte nicht sein. Das ist schade. Damit geht ein Teil Volksgut verloren.*

*Viel ist schon verlorengegangen, weiteres geht noch täglich verloren und mit dem alten Geschlecht stirbt die alte Sprache, in ihrer Kräftigkeit und Deftigkeit, in ihrer Rauheit und Ausdrucksfähigkeit. Und doch so schön, so warm, so klangreich. Und ein verwässertes deutsch-französisches Allerweltsluxemburgisch drängt sich vor.*

*Das ist so fad und süß, das paßt so gar nicht in die alten Mauern, zu unserm herben Wein.*

*Ich habe versucht zu retten, was noch zu retten war. Jahrelang habe ich alte Ausdrücke und Redewendungen, die ich im Umgang und in der Rede mit Grevenmachern hörte, niederge-*

*schrieben, fragte sie aus, sammelte altes Restgut. Und alles legte ich meiner Mutter vor, die nie anders gesprochen hat und bis zu ihrem 60. Geburtstag (Jahr) nie aus der Stadt heraus war. Sie ließ mich manches abweisen als nicht richtig Grevenmacherisch. Aus Büchern und Schriften habe ich es entnommen.*

*Dieses Buch aber soll kein Totensarg sein, worin ein Leichnam einbalsamiert wird. Nein, es möchte dazu beitragen, daß unsere alte Sprache, eine der ältesten und ursprünglichsten des Landes, wieder gesprochen werde, daß sie nicht verloren gehe und nicht verwässert werde. Denn von unserer Grevenmacher Sprache muß es heißen: «Sit ut est aut nonsit» — «Sie soll sein wie sie ist oder sie soll nicht sein».*

Vill Woucréchten, déi haut, an enger Zäit vu Migratioun an un der Schwell vum groussen europäische Bannemaart nach vill méi wouer sin, ewéi deemools. Sot dach de Premierminister Jacques Santer den 25.11.1992, wéi den Néckel Kremer vun Déifferdeng d'versëlwert Plaquette vun der «Actioun Lëtzebuergesch — Eis Sprooch» iwwerrecht krut: «Och an engem Verenegten Europa däerfe mer eis Identitéit nët opgin. Eis Sprooch as e Garant fir dës Identitéit».

100 Joër Jos. Hurt: Fir wat dësen Owend? Fir wat iwwerhaapt esou Owenter?

Dozou, ganz zum Schluss, e puer perséinlech Bemierkungen: Keen aner ewéi eis Châmbrepräsidentin Erna Hennicot sot de 5. November 1992 dëst Joër bei der Festversammlung vun der Kathoulescher Fraenaktioun am Neien Theater an der Stad: «Wëssen, wouhi mer gin, heescht fir d'éischt emol froen, wouhier mer kommen.»

Leit ewéi e Jos. Hurt weisen äis, wouhier mer kommen. Si weisen äis awer och eng Richtung. Gréiwemaacher huet, ewéi kaum eng aner Uertschaft hei am Land, d'Stad Lëtzebuerg an Iechternach erausgeholl, e räichen historiesche Patrimoine. A Gréiwemaacher hat ëmmer Leit, déi sech däers bewusst waren an déi sech dofir engagéiert hun. Dat as eng Chance. Dat verflucht awer och, grad esou,

wéi dës Wierder aus dem Festakt vum 29. Juni 1952: «Fräiheet iwwer Maacher»:

«Loosst d'Klacke wäithi schalen, — loosst d'Häerzer fredeg walen — Eist Maacher gët sech nët, — Esou laang nach d'Riewe blénken — an d'Lidder lësteg klenken, — Fest schwiert mat Mond an Iland, — dass een et héiert duurch d'ganzt Land. — Fräi wore mir, fräi bliwe mir: — A Freed a Leed sti mir zu Dir, o Maacher, Hemechtsstad.»

A wann eis schéin an heemlech Stiedchen haut am Gaang as, eng zweet «Ausdehnung» ze erliewen, déi éischt war bekanntlech do, wou dem Hurt säi Wierk iwwer Maacher ophält, 1796, wéi d'Festung zerstéiert gouf, da bitt sech eng cemoleg Geleënheet, fir bedeitend Maacher Bërger ouni grouss Onkäschten ze éieren...

Mir hun eng rue Pierre d'Osbourg, eng rue Frantz Seimetz, eng rue Vic. Prost, eng rue Vic. Braun. Si hun et verdéngt, well et waren dichteg Maacher.

Mir brächten awer z.B. eng rue Philippe Knaff, eng rue Nicolas Clasen, eng rue Antoine Godart, eng rue Marie-Anne de Thicrry, eng rue Antoine Wagner, eng rue Adolf Berens, eng rue Jos. Faber, eng rue Jos. Hurt... An dat si se bei wäitem nët all. Awer si all hätten et verdéngt: Si all weisen äis nämlech, wouhier mer kommen. A si gin äis eng Richtung u fir d'Zoukonft.

De Professor Jos. Hess schreift am Virwuert vu senger «Luxemburger Volkskunde», déi 1929 am Verlag Paul Faber zu Gréiwemaacher crauskoum:

*«Es gilt zu retten, was noch zu retten ist. So rasch vollzieht sich der materielle Aufstieg unserer Zeit, daß wir Gefahr laufen, von den Wurzeln unsers Daseins abgeschnitten zu werden, und haltlos, ohne das beruhigende Gefühl der Verbundenheit mit dem mütterlichen Heimatboden und mit unsern Vorvätern, nur unserer Zeit zu leben. Zurückschauen heißt aber nicht zurückschreiten. Wer mit der Vergangenheit verwachsen, seines Weges dahinzieht, strauchelt nicht so leicht wie einer, der von der Hecke gepflückt, ein Zufallsleben führt.»*

Dës Wierder passe gence op deen, dee mer haut den Owend éiere wëllen: de Paschtouer Jos: Hurt. Hien, dee mat ganzem Häerz u senger Hemechtsstad gehaangen huet, wollt dene Maacher weisen, wouhier se kéimen. Dat as him geroden, an dora läit ee vu senger Verdéngschter. Dofir war et derwäert, datt en a séngem 100. Gebuurtsjoër an a séngem 30. Doudesjoër a senger Hemechtsstad extra ervirgehuewe gin as.

Ech soen Iech merci.

Josy Ourth

## Am wonnerschéine Mä

Et wor am wonnerschéine Mä  
tëscht Wisegréng a schnéiwäiss  
Bléien,  
do wou um Bor vum Flouerwee  
blo Blimmercher de Käppche wéien,  
bas du, méng heemlech Léift, um Pad  
stolz wéi eng Kinnigin do gaangen  
an hues gehemelt Blumm a Blat  
un deem verzéckt däi Bléck  
gehaangen.

Et wor am wonnerschéine Mä,  
voll Doft a Klank wor d'Fréijoërs-  
wieder,  
de Schléiwendar um Flouerwee  
wor wäiss wéi Schnéi an durech  
d'Blieder  
huet d'Gléck dir an den An geliicht,  
a wéi ech dir méng Léift gestanen,  
huet op méng Fro dir am Gesiicht  
eng fredeg Äntwert klar gestanen.



Monique Hermes

## Eng versëlwert Plaquette vun der «Actioun Lëtzebuergesch» fir den Néckel Kremer

«Aus deem Geschriwwene kann een eraushuelen, wéi et deemools war!»

Et as ewell eng Tradition gin, datt d'«Actioun Lëtzebuergesch - Eis Sprooch» all Joër eng versëlwert Plaquette mat de Käpp vun cisen dräi Nationaldichter Dicks-Rodange-Lentz iwwerrecht. Dës versëlwert Plaquette as apaart geduecht fir d'Leit ze éieren, déi Verdéngschter ëm eis Sprooch hun.

Déi elefth versëlwert Plaquette goung de 25. November 1992 an der «Brasserie des Capucins» an der Stad un den Néckel Kremer vun Déifferdäng. «Nieft séngem Verdéngscht fir

eis kleng Sprooch, fir séng Bicher, kritt hien och am schwechte merci gesot fir dat, wat en an enger batterer Zäit gemaach, matgemaach an erlieft huet.

Esou e Merci soll och un déi vill aner goen, déi am schwechte Fall waren a mat him geéiert solle gin», sot de Prësident vun der A.L. Henri Rinnen, deen d'Wierk vum Néckel Kremer kuurz virgestallt huet an op de Minettsdapp, Schmelzaarbechter, gudde Coureur, Taxisentrepneur, Instrukter fir de

*Staatsminister Jacques Santer, Henri Rinnen, Néckel Kremer (Foto: Lé Sibenaler – Lux. Wort)*



Führerschäin a Verséchrungsagent agaang as.

De Staats- a Kulturminister Jacques Santer huet dem Néckel Kremer d'Unerkennung vun der Regirung iwuerbruecht fir e Liwenswierk, dat am Déngscht vun der Hemecht a vun der Lëtzebuergger Sprooch steet. An enger gudder Usprooch huet de Premierminister gemengt, datt et jhust an der Zäit vum Zwete Weltkrich drëm goug, «d'Sprooch, den Ausdrock vun der Volleks-séil ze erhalen». Fleng doduurch géif d'Wierk vum Néckel Kremer zu engem Bestanddeel vun eiser Litteratur gin. Hie wär e Mann aus dem Vollek, dee mat deem Vollek gelieft a geschafft hätt an deen et verstan hätt, a séngem Wierk dës Volleksverbondenheet auszedrécken. *Och am Vereenten Europa misst eis Identitéit erhale bleiwen. De Garant dofir wär eis Sprooch*, sot de Jacques Santer, fir grad op d'Verdéngschter vun der A.L. um Gebitt vun eiser Sprooch hinzewiesen.

Mat Tatsaachen ëm de Krich huet den Néckel Kremer opgewaart. Aus sénge Wieder goug Léift an'Irei fir d'Hemecht ervir. An et war ze gléwen, wéi hie gesot huet: «Ech hu probéiert, am Ënnergrond méng Flicht ze maachen a fir mäi Land anzetrieden. Aus deem Geschriwwene kann een eraushuelen, wat deemools war!»

Loosse mer och nach soen, datt zesumme mat de Comitésmembere vun der «Actioun Lëtzebuergesch - Eis Sprooch» a mat der Madame Kremer, eng Parti Perséinlechketen a Frënn vum Néckel Kremer an d'«Brasserie des Capucins» komm waren: nieft dem Staats- a Kulturminister Jacques Santer, d'Regierungsreit Lex Roth a Gaston Gengler, de Buurgermeeschter vu Wëntger Henri Wenkin, de geschichtleche Professor Jacques Ludwig a vill aner.

An dem Néckel Kremer séng fënnf Bicher an eiser Sprooch hieschen: «De Krich am Ënnergrond (1987) — Wéi et deemools wor (1987) — Frënnungen (1988) — E Liewe fir déi aner (1990) — Am Déngscht vun der Hemecht (1991)».

*Jeanine Theis-Kauth*

## *Mer hun erëm e Jor gepackt*

*Mer kruten d'Sonn verbueden  
an d'krupseg Äppelschiel.*

*'t brauch keen e Bësch ze rueden,  
d'Beem gi vum selwe giel.*

*Ech sichen, an ech tiermen  
a glannen iwerall;  
fir d'Häerzer opzewiermen,  
huet wéineg mer gefall.*

*Vläicht knaps e frëndlecht Laachen,  
eng Séil, déi sech erweecht,  
eng Hand, déi engem Schwaachen  
e Gubli Waasser reecht.*

*'t sin ëmmer d'selwecht Biller  
vun Honger, Leed an Doud  
a ronderëmmer Killer –  
dat as de leschte Moud.*

*Sou daie mer den Aachen  
an zéien hott an har,  
bis datt eis Knache kraachen,  
un der verfuerner Kar.*

*Lo as e Jor vergaangen,  
a mär hun näischt dergéint.  
Dat Neit gët ugefaangen –  
vläicht gët et méi e schéint...*



Raymond Schaack

# E Spiegel

Vun 1903 bis 1925 war mäi Grousspapp Charel Schaack fir d'éischt Riichter an duerno Procureur zu Dikkrrech. Mat senger Famill huet en an der rue Clairefontaine gewunnt, déi op gutt lëtzebuergesch Kléck heescht. En hat do vum Architekt Knepper e grousst Haus gelount, well d'Famill war nët grad kleng. Zu gudder Lescht waren et de Papp, d'Mamm, zéng Kanner, eng Bomi, eng Tata an en Déngschtmeedchen. Datt bei esou enger Band Kanner all gudden Dag eppes anescht lass war, as nët verwonnerlech. Bal hat deen een d'Riedelen an huet déi nächst dräi, véier ugestach, da loug schon nees eng hallef Dosen zesumme mam Mumps oder enger Gripp am Bett. Vu bluddege Knéien, Bëlsen op der Stir an anere Klenggekete gouf iwwerhaapt nët geschwat. Réigelméisseg war derounst Gespréich genuch mat allerlee Topereien a Gestichts.

Fe vun den elste Bouwen hat eng Plantation Kaktussen. Fir déi e wéineg fiicht ze halen, ouni datt d'Wuerzelen naass géifen, hat e vum Kleeschen eng Sprézt (am Genre vun denen ale Flytoxsprézen) geschenkt kritt. Déi war elo eppes wéi en Hellegtum a keen aneren huet se dierfe bekucken, geschweins dann upaken. Enges Daags wéi en aus dem Kolléisch koum a grad zur viischer Dir eragoe wollt, recnt em vun uewen e ferme Strol Waasser op de Kapp. «Donnerwetzki, méng deier Pompel. Déi huet bestëmmt ee vun de Jéngste sech gemopst.» An enger Rosere lääft en op den éischte Stack a gesäit do jo wiirkelech säi jéngste Brudder bei der Fënster. En hëlt e mam Schlawittchen, moosst em, fir unzufänken, eng zolidd erof a jäizt: «Dat do léiert dech, méng Sprézt ze schuppen!» Deen aneren huet scho gekrasch a gçjaut wéi um Spiiss, ma e krut nach duergebass: «Ech hu

se nët geklaut.» — «Du aremséilege Ligner,» a patsch! hat en nach eng geprafft. Ma en huet och énnert der Folter nët wëllen zouginn, datt en déi helleg Sprézt geholl hätt. Zu gudder Lescht fret den Eelsten dunn: «Ma wat war dann dat Waasser?» Prompt kënnt d'Äntwert wéi am Triumph: «Ech hun op dech gep...»

Esou eng Spiichte koume réigelméisseg vir. Eng Kéier huet den Här Procureur op der Esplanade ee vu senger Bouwe gesinn, wéi en engem anere Päerdkniddelen nogehäit huet, eng aner Kéier huet den Dokter misse kommen fir der dräi op eng Kéier ze bitzen. Déi ware mat engem Lederweuschen de Bamerdall erofgerannt a waren énnen an der Kéier dermat getippt. Do war et esou schro fir d'Tapisserei gaang, datt et ouni Stéck a Klameren nët goug. Eng aner Kéier war den Dokter émsoss rebellesch gemaach gin. Do hat d'Mamm Kiischtentaart gebak, an dee verfroossenste vun der Band hat séng véier, fénnef Stécker schon eran, wéi ee vun den anere gesot huet: «Déi Taart wir jo nach vill besser, wann déi verdäiwelt Steng nët dra wieren.» — «Wéi eng Steng,» fret deen aneren. D'Mamm spréngt op: «Wuer huus de déng Steng higeluegt?» — «Ech hu keng fond.» Wéi gesot, war den Dokter geruff gin, ma déi faméis Steng hun hire Wee och ouni den Dokter fond.

Kee Wonner, datt mat esou enger Band vu Raiber mäi Grousspapp réigelméisseg doheem desertéiert as a sech a säi Büro um Geriicht zréckgezun huet. Souguer wann en do nach laang nët émmer Aarbecht hat, hat en alt emol séng Rou. Well en nun awer nët stonnellaang wollt do sätzen d'Daumen ze dréien, an e sech zënter jonke Joëre scho fir Geschicht interesséiert huet, huet en emol ugefaang fir d'éischt d'Chronik vu senger

Fra hirer Famill (War et eng moralesch Kompensatioun fir datt e si eleng dohem mat der ganzer Raiberband setze gelooss huet?), an duerno déi vu sénger egencer ze schreiwen.

Dat war dës Gudden awer nach nët genuch. Nïcht séngem Geschreifs huet en och nach ugefaang all méiglech Waffen ze sammelen. Wéi e mat 58 Joër gestuerwen as, war d'ganzt Haus vun uewe bis ënnen dermat tapésséiert, an am éischte Weltkrich hat esouguer e preiseschen Offizéier gemengt, am Haus wir e Muséc a wollt e besichtegen. Et war ugaang mat enger aussergewöhnlicher Sammlung vu javanesche Krissen, du koumen afrikanesch Waffen derbäi. Am éischte Weltkrich hat séng Sammelwut em bal d'Liewe kascht. E war an der Émgéigend vun Arel op d'Felder no Waffe siche gaang a war derbäi vun engem Preiss erwéscht gin. E gouf als Freischärler agelacht an zum Doud veruertelt. Nëmmen d'Agräife vu séngem Frënd, dem Staatsminister Eyschen, huet em d'Liewe gerett.

Séng hecpest Veréierung awer hat e fir den Napoléon (Op lëtzebuergesch: Den Ampolcong). Alles wat e konnt u Waffen a Souveniren un de grouse Keeser opdreiven, huet e kaaft oder nach léiwer agetosch. En hat aussergewöhnlech Stécker: Casquen, ganz Uniformen, Gewierer, Sawelen, an als schéinst Stéck, de Fändel vun der Garde, deen zu Waterloo derbäi gewiescht war. (No séngem fréien Doud hu séng Kanner all déi wäertvoll Stécker fir en Apel an e Stéck Brout verkafe missen, fir hir Studien ze bezuelen. Bourse goufen et fir si keng).

Fir sénger Begeeschterung fir de Napoléon nach besser Loft ze maachen, huet en zu gudder Lescht och nach ugefaang e Buch ze schreiwen iwwer d'Napoléongsdénger, also iwwert déi Lëtzebuerger, déi an der «Grande Armée» Zwangsrekrutéiert waren. Laang huet en ëmsoss no Konskriptiouns-lëschte gesicht, déi em nach gefeelt hun. E wouss, datt et se gin hat, awer wou ware se hikomm? Scho war e bal verzweifelt, do

kënnt en enges Daags am Wanter nach méi fréi wéi gewéinlech op säi Büro. De Portier war am Gaang den Uewen unzufänken an huet duerfir Pabeier dra gestoppt. «Wou fant der deen alt, Jhang?» — «Um Späicher, Här Procureur. Do läit e ganze Koup dcës ale Krépeng an et huet nach ni een derno gefrot. E brennt iwregens extra gutt, well en esou dréchen as.» Mäi Grousspapp huet sech automatesch e Blat gekroopt. E sollt e Schlag kréien! Et waren déi Lëschten, déi en ëmsoss gesicht hat. E wouss nët, ob en de Portier sollt ëmäerbelen, oder ob en e sollt ermélzen.

Op alle Fall, esou konnt dat Monumentalwierk: «Les Luxembourgeois Soldats de la France» endlech, — wann och leider nët komplett (et war him wéi dem Tarquinius mat de sibyllinesche Bicher gaang) — vum Institut Grand-Ducal an zwee Bänn publizéiert gin. Duerch dëst Wierk as den Numm vun Charel Schaack bei alle Pompjeesverbänn, Gesangveräiner a Lokalhistoriker am Land bis haut bekannt bliwwen, well an all Festbroschür gët déi eng oder aner Säit draus zitéiert.

\*\*\*

Ech hu mäi Grousspapp ni kannt. E war scho laange Joëren dout, a mäi Papp, deen och an d'Magistratur gaange war, hat et scho bis zum Vizepräsident vun der Cour Supérieure bruecht, do gouf mäi Papp duerch en ale Schoullkomerod vun Dikerech, deen Entrepreneur gi war, gewuer, datt d'Haus an der Kléck ofgrappt géif, an datt ausser deem nach en anert schéint aalt Dikerecher Haus op der selwechter Lëscht stéing. An deem Haus léigen nach masseg al Bicher, krute mer gesot. Et stéingen och nach e puer Miwwelen dran. Mäi Papp kënnt sech alles huele wat e wëllt. (De guddé Späichesche Mätti wosst, datt säin ale Kommerod séngem Papp séng Leidenschaft e wéineg géierft hätt, an datt en nët nëmmen op Bicher aus wir, ma och op al, kapotten eeche Miwwelen, déi en a séngem Atelier



am Keller a méintelaanger Aarbecht gefléckt huet).

Et gouf also beschloss eng «Descente sur les lieux» ze organisieren. Méng Freiesch an heiteg Fra, mä Brudder Marc, eise Frënd Robert Wierz, mä Papp an ech, sin op Dikerech gcfuer. Fir mä Papp gong et nët nëmmen drëm, no alem Krëpeng ze sichen, ma eng leschte Kéier al Souveniren opzefrëschen, éiert d'«I Icmechtshaus» ofgerappt géif. Mer hun also eng éischt Statioun an der Kléck gemaach. D'Haus war komplett eidel a schon uerg verfall. Jhust de Gaart derhaner, deen am Bierg loug, huet nach e puer Souvenire versuert. Mä Papp war ganz geréiert, wéi en am ale Gaardenhaischen eng kuerz Rascht gemaach huet. Hei hat en dacks mat sénger Groussmamm gesiess. Mir gounge lues (fir eis vill zevill lues) weider. Hei krut nach e Bam en nodenkleche Bonjour gesot, do e Steen en definitiven Äddi.

Mir Véier ware frou wéi et geheescht huet, mer géifen d'Kléck verloossen an dat anert

Haus ofklappe goen. Dat kënnt méi interessant gin. Den Här Speicher hat jo gesot, mer kënnten huele wat mer wëllten. Mir hu virun allem un déi vill al Bicher geduecht vun denen e geschwat hat.

D'Haus war nach zougespaart, ma mä Papp hat gesot kritt, ënnert wéi engem Steen de Schlüssel léig. Mir koumen nët séier genuch eran.

Et war en aalt Herrschaftshaus, e risegt Gebai, mat engem Kitschenerhaus dernieft. Rondëm war e grouse Gaart, scho bal e Park. D'Haus hat wuel eng gutt Dosen Zëmmeren. Déi allermeescht Miwwele ware fort. Op deem Gebitt huet mä Papp, dec jo op Techemiwwel aus war, näischt ze radette kritt. Eise Frënd Robert awer huet sech direkt am éischen Zëmmer zwou kleng Fautellen ugelaacht, déi zwar e komplett faulen Iwwerzoch haten, awer aus schéinem Acajouholz waren. Wéi mer eis méi genee ëmsinn hun, as eis eppes aneshtes opgefall: Un all Mauer houng e vereeschlech grouse

## PUBLICATIONS

DE LA

## SECTION HISTORIQUE

DE

L'INSTITUT G.-D. DE LUXEMBOURG

(ex-avant „SOCIÉTÉ ARCHÉOLOGIQUE DU GRAND-DUCHÉ“)

SOUS LE PROTECTORAT

DE

SON ALTESSE ROYALE LE GRAND-DUC

DE LUXEMBOURG.

Volume LVIII

DIEKIRCH,  
IMPRIMERIE J. SCHNÖDEL,  
1990.



1792 - 1815.

LES

LUXEMBOURGEOIS,

SOLDATS

DE LA FRANCE.

PAR

CHARLES SCHAAK,

FOOTUS ET FANT.

VENDE ENCELE DE L'ÉTAT BELGE NATIONAL.

DEPART GÉNÉRAL DE L'ÉTAT BELGE NATIONAL.

Spigel mat enger gëlle Rumm. Mer gounge weider duerch d'Haus. Iwwerall dat selwecht: Keng Miwwel méi, ma iwwerall Spigelen un de Wänn, ee méi féierlech grouss ewéi deen aneren. Déi meescht ware bal blann, oder wéinstens esou verstëbt, datt se nëmmen e verschwommen Bild zréckgeworf hun. Déi schweier gëlle Rummen, hun deem ganzen eppes Feierlech gin, dat un en Tableau vum Margritte erënnt huet. Jee, et war eng surrealistesch Atmosphär an denen ale Maueren.

Zu gudder Lescht koume mer an dat Zëmmer wat als Büro gedéngt hat. Effektiv, do war nët nëmmen deen obligate Spigel un deër enger Wand, ma déi dräi aner ware mat Bicher tapeziert. Vum Buedem bis ënnert de Plafang, dee bestëmmt séng gutt véier Meter héich war. Honnerten, Dausende vu Bicher! Mir waren aussr eis, ma d'Freed huet nët ugchal. Ganz séier hu mer festgestallt, datt et elauter al Memoriale waren, an al Droitsbicher, mat dene kee vun eis Jonken eppes ufänke konnt. Och mäi Papp, um Enn vu sénger Carrière als Jurist, huet näscht esou méi gebraucht.

Fënnf, zéng Minutten hu mer d'Regalen ofgesicht; et war näscht do, wat eis och nëmmen en Dibbelchen interesséiert hätt. Déi aner si weidergang duerch dat kurioust an e wéing onheemlecht Spigelschlass. Ech hun héiere wéi se niewendru gelaacht hun a si kucke gaang. Do hat eng Spann hiirt wonnerschéint Netz iwwer e ganze Spigel cwéich gezun a souz souzesoen an der Mëtt vum Spigel sech ze bewonneren. Ech hu mech nët laang opgehal a sin zréck an d'Bibliothéik gaang. Nach ëmmer hun ech gemengt, ech misst ënnert all dene Bicher nach eent oder dat anert brauchbaart fannen, nach ee Souvenir, deen ech mathuelc kënn. Iwwerdeem ech héieren hun, datt déi aner sech ënnenan un de Fautellen ze schafe mouchen, hun ech nach eng Kéier d'Regalen ofgesicht. Et huet mer schon esou lues ugefaang ze dréien, vun all denen Titelen déi ech iwwerflun hun. De grouss Spigel huet mer nogekuckt bei ménger onnëtzer Aar-

becht. Mechanesch hun ech weidergelies. Et war würtlech fir aus der Haut ze fueren. Nëmme dees blöden Droit. An dat Schlëmmst: Déi meescht Bänn waren och nach a Lieder gebonn. Et war e Verméigen, ma ech konnt mam beschte Wëll mech nët derfir begeeschten.

D'Zäit as emgaang, an d'Licht dat de Spigel mer gebrach erëmgeworf huet, gouf ëmmer méi schappeg. Zweemol hat ech wéi vu Wäitem méngem Papp séng Stëmm héieren: «Dajee, Raymond, komm crouf, mir si gläich fäerdeg.» Ech wollt se nët héieren, an hu mer weider Äerm an Ae verrenkt fir keen Titel ze iwwergoen. Emol houng ech sou héich ewéi méiglech an der Luucht, zwou Minutten derno, loug ech um Buedem a sin op véier Bec weider gekroch. Dat goug an de Réck an ech hu mech opgeriicht fir mech eng Kéier ze strecken. Dobäi as mäi Bléck natürléich an dee groussen, hallefblanne Spigel gefall. Hei! An der Dir hannert mer stoug mäi Papp. Ech hu gesi wéi en op ee bestëmmt Regal gewisen huet. Gelungen, an deem ale Spigel hätt ech kënnen mengen, en hätt grad esou e schéine Schnauz, wéi mäi Grousspapp een hat. Wat den Dreck an d'Spawecken engem nët fir apaart Biller kënnen entgéint halen!

Ech hu mech emgedréint, fir ze froe wat op deem Regal Besonnesches stéing. Ma ech hat mech zevill bei méngé Gedanke gesaumt. Hec war schon nees verschwonn. Ech sin also op dat bestëmmtent Regal lasgaang, obwuel ech gemengt hun, ech hätt et schon eng Kéier duerchgekuckt. Trotz allem wollt ech séngem Rot follegen. Ech war nach nët bis derbäi komm, du si méng Ae réigelrecht vun zwee Bicher ugezu gin. Ech hu genge gekuckt. Et war nët ze gläawen. Do stoug jo nët ënner deem ganze Plonner d'Wierk vu méngem Grousspapp «Les Luxembourgeois Soldats de la France», schéin a Lieder gebonn. Tëschent denen Honnerte vun onnëtzen Droitsbicher, dat eenzegt Buch wat ze gebrauche war, a jhust och nach dat.



An heller Freed huelen ech déi zwéi Bänn, rennen d'Trap erof wou ech déi ancr héieren hu koschteren: «Merci Pappa, dass du mer gewisen hues, wou déi Bicher stéingen.» Mäi Papp huet mech grouss gekuckt. «Wat fir eng Bicher?» — «Ma déi iwvert d'Napoleongsdénger, déi däi Papp geschriwwen huet.» — «Wou hues de déi da fond an all

deem Gerämpel? — «Ma du hues mer dach gewise wou se stéingen.» — «Ech?»

Mäi Papp an déi dräi aner hu geschwuer, datt kee vun hinnen zënter enger Véierelstonn um éischte Stack gewiescht war. D'Geheimnis vum Bild am Spigel hat ech bis haut fir mech gehal.

Emely Arnoldy

## Mäi Frënd, de Bam

E stoung um Summerwee am Wues,  
vru méngem Hemechtshaus.  
De Bam war mir un d'Häerz gewuess.  
dat son ech riicht eraus.

't gesouch een op den éischte Bléck,  
e wor voll Lieweskraaft.  
Hei hat d'Natur mat vill Geschéck,  
e Meeschterwierk geschaaft.


A sénge Blieder huet de Wand,  
gesong bis owes spéit.  
Di heemlech Weis huet mech als Kand,  
dacks an de Schlof gewéit.

A mueres fréi, ir d'Sonn geblénkt,  
sin ech domat erwächt.  
Dann huet de Bam mir frou gewénkt,  
mat sénge gréngen Äscht.

Am Fréijor wor di woodlech Loft,  
laanscht Haiser ëmmer nees,  
Erfëllt vu frëschem Bléiendoft,  
schon zënter, datt ech weess.

Lo koum e Brëif an d'Haus geflun,  
an dora stoung genee.  
Eis Strooss géif 'lo méi riicht gezun,  
da wir de Bam am Wee.

Et dierf kee géint de Fortschrëtt sin,  
hun ech mir ageriet.  
Hätt ech mech blous nët dran ergin,  
a fir de Bam gewiert.



Mä haut hun ech fir d'allerlescht,  
him Äddi nach gesot.  
Do goug en Zidd'ren duerch séng Äscht,  
hie woustt em mäi Verrot.

An deem Ablack hun ech begraff,  
mäin Treibroch wor eng Schan.  
De Bam wor bis an d'Häerz getraff,  
mä 't wor näischt méi ze man.

Eng Aarbechtsgrupp mat Aaxt a See,  
hu mir gläich drop gemellt  
Mir hun de Bam um Summerwee,  
grad konschtgerecht «gefällt».

Nach eemol huet de Wand gedam,  
gesong a séngen Äscht.  
Du wor deem staarke stolze Bam,  
séng Lieweskraaft verläscht.

Ech mengen 't kënnt nët méiglech sin,  
et wir e béisen Dram  
Well 't konnt fir mech näischt Schéinres gin,  
as wéi mäi Frënd de Bam!

Marcel Lamy

## Generalversammlung vun der A.L. vum 30. Januar 1993

De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch hat all Mëmbere vun Veräin fir e Samschdeg, 30. Januar 1993, ëm 15 Auer, an de groussce Sall vun der Brasserie des Capucins an der Stad invitéiert. Ronn 60 Leit waren dann och dohinner komm, fir gewuer ze gin, wéi et ëm d'Actioun Lëtzebuergesch steet, a wat d'Leit vun Comité alles fir dat lescht Jor opweises hun.

Ënnert de Gäscht waren ënnert anrem den Dëpëtéierte Josy Simon, den Här Guy Dockendorf vun Kulturministär, d'Madame Germaine Majerus, Sekretärin vun Veräin «Di Elwenter», den Här Léopold Kruchten als Vertrieeder vun «Arcler Land a Sprooch», den Här Nic. Weber (Cahiers Luxembourgeois), an d'Hären Emile Borschette, Josy Braun, René Kartheiser, Charcl Boucon, Henri Müller, Pir Kremer an nach vill aner bekannt Gesichter. D'Dëpëtéiert Anne Bresseur, Carlo McIntz a Paul Helminger, grad ewéi den Här René Hübsch vun der Erwuesenebildung haten sech entschëllege gelooss.

A senger Ufanksried huet den Här Henri Rinnen, President vun der A.L., all Mëmbere an Gäscht begréisst, an hinne merci gesot, datt si sech dec Mëtteg Zäit geholl hun, fir an d'Generalversammlung ze kommen. Hien huet gemengt, dëst wir ëmsouméi ze begrëissen, well esou eng Versammlung jo gewéinlech eng relativ «dréchen Affär» as.

De President as dann a senger Ried virugefuer: «Grad ewéi zjor duerf een als President nët vergiessen dene merci ze soen, déi am Jor d'Kar um Rullen halen; do as fir d'ëischt eisen aerdege Sekretär Emil Steffen ze nennen, deen sech bal entwutzt an all Dag am Büro as, fir op déi sëlliche Froen a Bréiwen ze äntweren, alles dat mécht, wat nëmme

méiglech as; derzou Päck schleeft, se souwuel an d'Post an och op d'Plaz bréngt, fir doduerch deen héic Porto ze spueren. Dann d'Mëmberekartei an der Rei hält, wou en alt eng Hand ugepaakt kritt vun Här Ernest Brachmond an domat dem Caissier René Faber d'Saach vill méi licht mécht. Déi alleguer sollen op kee Fall iwwersi gin, déi ueter d'Jor Cours-en halen, fir Lëtzebuergesch schwätzen an och schreiwen ze léieren. Flo hätt ech op en Hor no d'Press, de Radio an d'Télévisioun vergiess, déi jo och hiirt maachen, fir engem Veräin «Publissitéit» ze maachen.

An dann nët fir d'lescht och all dene merci ze soen, déi e Veräin muss hun, dat si jo d'Mëmbere, an d'Mataarbechter fir d'Zäitschrëft «eis sprooch» verdéngen dat natirlech sécher och.

Nu fäert awer nët, datt ech nees esou eng laang «kuurz» Usprooch wëlles hun ze halen ewéi zjor, wéi et iwwer 20 Jor Actioun Lëtzebuergesch néideg wor.

Wat d'lescht Jor lass wor a gemaacht gouf, wat eran as komm an crausgong, soen iech de Sekretär an de Caissier.

Et wir sécher elo ubruecht en etlech Punkte méi crauszehiewen, zemol elo, wou mer keng Grenze méi hun an et méiglech as gin, datt och keng gebueren oder Stacklëtzebuenger op Staatsplaze kënnen kommen. Ech denken do am meeschten un eis Sprooch, wéi et domat virugeet. Sou vill mer wëssen as an deer Saach nach näischt festgeluegt.

Ech wëll och weider näischt iwwer d'Sprooch ergin, dat mer ewell nach bal all Jor gemaacht hun, d.h. vun der Entwécklung vun eiser Sprooch, déi ëmmer an ëmmer als dat gréisst Stéck vun eiser Identitéit betount



gët. *A wann s'en Hauptargument vun eiser Identitéit as, da menge mir, da misst ee se dach méi respektéieren, da sollt mer se awer wéinegstens eppes besser versueren, fir datt se wiirklech als Identitéit zielen a ugesi ka gin, zemol wou se 1984 duurch e Gesetz eis Nationalsprooch gouf.* Si dierft dann nët stéits a stänneg vun hirer kärcger Substanz verléieren, a lues a lues ennerhillecht glooss gin. As et nët esou, zemol, wann een se e bësselche kritesch kuckt, se zevill enger Sprooch méi no kënt — am Wuert an am Saz — jo sech där ennerwërft, déi 1941 vun iwwer 90% vun de Leit deemools nët als hir egen ugesi gouf? — Ech wëll domat näischt géint déi Sprooch gesot hun.

Jidderec vun äis weess, datt eng Sprooch eppes Lieweges as, sech ännert, Neics ophëlt an aneres fale léisst; mä muss dat esou vill sin? Sollte mer dann nët, do, wou mer d'Wuert derfir hun, dat nët och brauchen? Sollte mer nët och emol äis d'Zäit huelen, fir se besser ze kennen an ze kënnen, an nët direkt dat fale loossen, dat bei äis gewuess as an doduerch se sech vun aneren ennerscheet?

*Eis Sprooch as soss Lëtzebuurger Däitsch oder schlecht däitsch titeliert gin, éier d'Bezeechnong Lëtzebuergesch iwwenall derfir ugehall gouf. Wa mer esou wunnen ewéi et lo as, da kënnte mer déi al Formel nees erëm huelen.*

Awer, et gët méi, vill méi iwwer d'Schreife-weis, dee beriiimten Orthograph, geschwat a gededeget a geklot a sech mësshalen, wéi iwwer dat, wat mat der Sprooch u sech geschitt, zemol wou och nach gewënscht gët, datt eis Sprooch an der E.G. unerkannt sollt gin, an der Regirong virgeworf gët, se hätt dat zer Zäit nët gemaacht. Eppes Neics as dach nach ze soen. Op der Deuxième an der Première as e «Cours de Civilisation Luxembourgaise» an de Kolléischen ageféiert gin, zënter 1992. Dee Cours as fakultativ — mir hate sénger Zäit dem Minister geschriwwen, datt mir nët frou mat deem Fakultativ wieren. An deem Cours gët Lëtzebuurger Litteratur a Sprooch, Geschicht, dann iwwer Lëtzebuurger Musck, Lëtzebuurger Konscht dozéiert.

A wann och nach kee feste Programm do as — déi verschidde Fächer kënnen opgedeelt gin, z.B. 6 Méint Litteratur, 6 Méint Konscht, 6 Méint Musek — da muss een dach soen, datt en Ufank gemaacht gouf. (Wéi et ueter d'Land an de Kolléischen as, do wësse mer kee richtege Bescheed, et sin op Plazen deer Stodentercher emol méi, emol manner.)

Eent wëll ech awer nach lass gin. Virun 8 Deg stong e Lieserbréif an enger Zeitung, wou e Mann an engem Zuch vun e puer Borschten — et kënt ee soe Lëmmelen — ugeranzt — «belästegt» kënt een och derfir soen — an ze héiere krut: Du houeren Auslänner! Léier dech emol Lëtzebuergesch schwätzen! — De Mann, en Auslänner, huet alt probéiert fir sech esou gutt ewéi méiglech op franséisch ze wieren —. Ecn anere Lëtzebuurger Mann, een an deem selwechte Coupé souz, hat du de Courage, fir déi jong Hären ze bieden, datt se een auslännesche Mann dach sollte roueg loossen, hien hätt hinne jo näischt gedon. Dat war awer dene Borschten hires, si sin dunn hanner dec geréckt. Fir deem aus de Féiss ze goen a keng Streech ze kréien as dee Lëtzebuurger dann dunn éischer, wéi e wollt, crausgeklommen — an déi aner him no. E konnt sech awer verfuussen, an et as weider näischt geschitt, ee Gléck. Et as dat e Beispill ewéi et nët sollt gemaacht gin, an ech hätt nët gär, wann d'Sprooch — an och d'A.L. — gebraucht géif, fir Friemenhaass ze zillen.

Op deer anerer Säit géif ech nun awer grad esou wënschen, datt Auslänner, déi hei schafpen an hir Kuuscht hei verdéngen nët dem Clicht arrogant géifen äntweren: «Parlez français comme tout le monde» oder: «c'est de l'arabe que vous parlez»; well dat as jo grad esou eng Provokatioun ewéi dat wat virdu gesot gin as a wat an deem Bréif an der Zeitung stong.

Ech wëll nët falsch verstane gin, ech mengen et misst vun **zwou** Säiten drop higeschafft gin, fir sech ze verstoen an ze verdroen. — Den Auslänner gët d'A.L. mat hire Cours-en — vun 1975 un — d'Méiglechkeet eppes Lëtzebuergesch ze léieren, wa si et wëllen. Et gët kee forcéiert! Méi nët dozou.

Nom President war et dann um Sekretär, dem Här Emil Steffen fir den **Aktivitéitsrapport** fir d'Jor 1992 ze presentéieren:

D'«Actioun Lëtzebuergesch» besteet elo zënter 21 Jor an huet ronn 2.000 Mëmbere. Déi Zuel as déi lescht Jore méi oder manner d'selwecht bliwwen, et kommen ongeféier grad esou vill nei Mëmbere bäi wéi der ewech falen.

De Comité besteet aus 12 Mëmbere. Fir 1992 waren dat:

Henri Rinnen	President
Lex Roth	Vize-President
René Faber	Caissier
Emil Steffen	Sekretär
Ernest Brachmond	Sekretär-adjoint

Maisy Tockert, Milly Thill, Marcel Lamy, Robert Philippart, abbé Arthur Reckinger, Robert Siuda an Tom Thies, Mëmbere.

Een Drëttel vum Comité gët all Jor erneiert, esou datt déi cenzel Mëmbere vum Comité fir eng Period vum dräi Jor gewielt gin.

Op der Austrëttsléscht fir d'Jor stin: d'Joffer Milly Thill, d'Hären Henri Rinnen, Robert Siuda an Emil Steffen.

Wéi Dir op der Invitatioun fir d'G.V. kënn gesin, stellen den Henri Rinnen an den Emil Steffen, deelweis aus Alters- an deelweis aus Gesondheetsgrënn, keng Kandidatur méi fir den neie Comité.

Dat bedeit, datt zwou Plazen am Comité fräi gin, ower och, datt d'Plaze vum President a vum Sekretär nei ze besetze sin.

Dat heescht ower och, datt e Changement an der Redaktioun antrëtt. Den Här Rinnen huet d'Redaktioun all déi Jore ze soen eleng gemat.

An der éischter Comité-Sëtzung, no der Generalversammlung, gin d'Chargen nei verdeelt.

### Wat gouf am leschte Jor geschafft?

7 Comité-Sëtzunge goufen ofgehal, déi duerchwees gutt besicht waren. 3 Nummere vun der Zäitschrëft «eis sprooch» sin craus-

komm; dat sin d'Nummere 34, 35 a 36 mat zesummen 176 Säiten. Et goufen all Kéier 2.400 Stéck gedréckt. Fir dat IV. Trimester koum an der Extra-Serie d'Nummer 15 eraus. An deer Nummer fënt een den Index vun de Nummeren 1 bis 33 vun «eis sprooch», 20 Jor A.L., vun 1971 bis 1991, zesummegehallt vum Georges Helm a Marcel Lamy. Donieft eng Lëscht vun alle Publikatiounen vun denen 20 Jor, eng Lëscht vun de Comité-Mëmbere vun all dene Jore an eng komplett Opstellung vun den Neijooch- a Gléckwonschkaarten, vun Ufank un. Et as een nützlecht, klengt Bichelchen, dat engem vill Gesichts spueren kann.

D'Nummer 3 aus der Extra-Serie mat de Stuele fir dat Dagdeeglecht as an der 4. Oplo crauskomm. 1.000 Stéck goufen nogedréckt.

### De Cours mam Schoulbuch

#### «Kommt mir léiere Lëtzebuergesch»

Der A.L. hir Metoud fir Lëtzebuergesch ze léiere besteet aus:

- 1) dem Schoulbuch «Kommt mir léiere Lëtzebuergesch»,
- 2) dobäi 3 Cassette mam Lëtzebuergesch Text vum Buch,
- 3) 1 klengen Dictionnaire, Lëtzebuergesch-Franséisch, (Extra-Serie Nr 11)
- 4) 3 Traduktiounen, englesch, däitsch a portugisesch, vum Buch.

D'lescht Jor, Ufank 1992, wor eise Stock vu Bicher a Cassetten esou wäit cidel.

Mir woussten, datt de Centre de Langues, am Opdrag vum Ministère de l'Education Nationale, un enger neier Metoud fir d'Owescoure géif schaffen.

Den Här Hubsch, Direkter vun der Erwuesenebildung, vum Ministère huet äis dat an der Generalversammlung 1992 confirméiert a matgedeelt, datt den éischten Deel vum neie Cours fir de September 1992, wann d'Owescoure erëm ufänken, färdig wir.

Mir hun deemools ee Moment gezéckt, ob mir nach Bicher a Cassette sollten nobestellen oder nët. Mir sin dunn de Risiko aagan-



gen an hu 500 Bicher an 100 Sätz Cassette bestallt, well et wir e Lach entstanen, vu Januar bis September, wou keng Bicher a Cassetten hätte können offréiert gin.

Am September as dem Centre de Langues séng nei Metoud op de Maart komm, déi dun och vun dene meeschte «chargés de cours» iwverholl gin as.

Et huet sech ower gewisen, datt der A.L. hir Metoud dach nach ëmmer gefrot gët. Am Jor 1991 war d'Buch 1.500 mol verkaaft gin, am Jor 1992 ëmmerhin nach 700 mol.

An der Tëschenzäit hu mir nach eng Kéier 500 Bicher bestallt a fir déi drëtte Kéier 100 Sätz Cassetten.

Et as dat selwecht mat dem klengen Lëtzebuergesch-Franséischen Dictionnaire dee vun der Madame Marie-Thérèse Krommer vun Alenuewen bei Arel zesummegehallt gouf. Et kënnst een drun denke fir dësen Dictionnaire nach weider auszebauen. D'Traduktioun sin och eng grouss Hëllef fir déi Schüler, déi kee franséisch verstin. Wéi et schéngt, gi se mat dësen Traduktiounen gutt eens.

### Neijoesch- a Gléckwonschkaarten

1992 wor et déi 19. Kéier, datt d'A.L. s.w. Neijoeschkaarten an déi 7. Kéier wou se faarweg Gléckwonschkaarten crausgët.

D'lescht Jor woren et Biller aus dem Här François Ewen sénger Sammlung:

«Déi Dräi Eechelen»

«Dat aalt Kasinosgebai zu Munnerëf»

«Den Däiwelsälter bei Dikrech»

«De Stroumbierg bei Schengen»

alles Holzschnëtt aus dem viregte Jorhonnert.

Fir déi faarweg Gléckwonschkaarten hat den Här Roger Steffen vu Gréiwemaacher der A.L. Biller vun zwéi vu séngen Tableau-ë gin. Op engem Bild gesäit een d'Musel bei Meechtem, op dem anere Bild d'Syrbréck bei Manternach.

Mir wellen dem Här François Ewen an dem Här Roger Steffen hei villmools merci soe fir

hiirt Entgéintkommens, ower och dem Här Jean Welter, deen d'Fotoe fir d'A.L. mécht an eis och mat Rot an Dot zur Säit steet.

S.w. Kaarte wore 4 mol 1.500 Stéck gedréckt gin. D'Kaart vun den «Dräi Eechelen» as bis op e puer Stéck ausverkaaft, déi aner sin nach ze kréien. Vun dene faarwege Kaarten sin der och nach e bëssen do. S.w. Kaarten goufen am Ganze verkaaft: 6.622 Stéck, vun de faarwege Kaarten: 1.596 Stéck (2.000 neier wore bestallt gin)

### Veräinsschreiwereien

D'Veräinsschreiwerei vum Här Marcel Lamy gin och vill gefrot. Bis elo sin iwver 400 Exemplare bestallt gin.

### Hierschtfoire 1992

Aus technesche Grënn as et nët méiglech, datt d'A.L. hiren ale Stand op der Foire crém ka kréien. Duerfir hate mir, grad wéi 1991 ewell, e Stand am Korridor, tëschent den Halen 11 an 12, zougewise kritt. Dëse Stand as méi kleng, esou datt mir wéiniger Saachen ubidde kënnen, wat sech natüerlech op den Émsaz auswiirkt.

Den Här Pe'l *Schlechter*, deen den neie Stand entworf huet, huet och dëst Jor derfir gesuergt, datt alles soll klappen. Och him soe mir villmools merci fir séng Hëllef.

Mir kënnen mam Resultat vun der Hierschtfoire zefridde sin. Der A.L. hire Stand as jo haaptsächlech als Informatiounsstand geduecht. Den Intressi bei de Leit wor grouss. Besonnesch vill Ausländer hu sech iwver d'Méiglechketen, fir eis Sprooch ze léieren, informéiert.

### Versëlwert Plaquette

De 25. November krut den Här Néckel Kremer vun Déifferdang, an enger klenger, sympathescher Feier, an der Kapuzinerstuf an der Beaumontsgaass, d'versëlwert Plaquette 1992 iwverrecht.

Den Här Kremer, dee jo e grouse Resistenzler wor, huet séng Erënnerungen un dës bat-

ter Zäit a 5 Bicher festgehalen, déi hien a Lëtzebuenger Sprooch geschriwwen huet.

\* \* \*

Wéi all déi lescht Joren wor d'A.L. och 1992 bei der Diplomverdeling vun den Owescouren duurch d'Häre Rinnen a Steffen zu Dideléng an duurch d'Häre Siuda a Faber zu Esch vertrueden.

De 16. Mee huet de Veräin «Areler Land a Sprooch» zu Stackem bei Arel déi nei geschafene Auszeechnung «De sëlwere Fuuss» u véier verdéngschtvoll Leit iwwerreecht. D'A.L., déi op dës Feier ageluude wor, gouf duurch den Henri Rinnen an E. Steffen vertrueden.

An der Kommissioun fir «travaux lexicologiques et d'orthographe officielle» déi geschafegouf fir de groussen Dictionnaire ze iwwerschaffen, as d'A.L. duurch d'Häre Rinnen a Roth vertrueden.

D'A.L. as och an der Programm-Kommissioun vun de Medien duurch den Här Rinnen als Mëmber an den Här Philippart als Suppléant vertrueden.

#### Wat steet um Programm fir 1993 ?

- Fir all Trimester as eng Nummer vun «eis Sprooch» geplangt. — D'Wierk vum Antoine Meyer soll och emol endlech un d'Rei kommen.
  - D'Virnimm op Lëtzebuergesch, zesummegehallt vum Marcel Lamy, sollen och dëst Jor publizéiert gin.
  - Véier schwaarzwäiss Neijoeschkaarten an zwou faarweg Gléckwonschkaarte si virgesin.
  - Am Oktober, d'Hierschtfoire
  - Am November, d'versëlwert Plaquette fir eng Persoun, déi nach ze bestëmmen as.
- Dee Rapport as ouni Konterried ugeholl gin.

\* \* \*

De Caissier, den Häre René *Faber*, huet de Mëmberen iwwer déi finanziell Situatioun

vum Veräin Ausstreckt gin. Allgemeng konnt festgehal gin, datt d'Caisse vun der Actioun Lëtzebuergesch op gesonne Féiss steet. D'lescht Jor koumen zesumme ronn 2.5 Milliounen an d'Caisse eran; dovu ronn 1 Millioun u Cotisatiounen, 115.000 Frang fir Kaarten, 170.000 Frang fir Zäitschrëften an aner Publikatiounen, 545.000 Frang fir d'Buch vum Cours «Kommt mir léiere Lëtzebuergesch», 30.000 Frang u Porto, deen d'Leit äis erëm bezuelt hun, 95.000 Frang un Zënsen an awer och 400.000 Frang, déi mir als Subsid vum Ministär kritt hun.

Eraus goung ronn 1,9 Milliounen; dovu goufe bezuelt: fir Publikatiounen ronn 1,4 Milliounen, Büro 200.000 Frang, Porto 100.000 Frang asw.

Énnert dem Stréch ware fir den Ufank vum neie Veräinsjor 1993 nach ronn 500.000 Frang an der Caisse vum Veräin.

Am Numm vun de Caisse-Kontrolleren huet den Här Hugues *Folscheid* der Versammlung verséichert, datt d'Caissebicher gutt gefouert sin. Aus där Ursach huet hien dann och virgeschloen, d'Generalversammlung sollt dem Caissier säi Rapport unhuelen an entlaaschten. Wat dann och eestëmmeg geschitt as.

D'Madame Germaine Majerus an d'Hären Hugues *Folscheid* a Jean-Claude Kaell sin och bereet, fir hir Aarbecht als Caisse-Kontrolleren e weidert Jor ze maachen.

De Caissier huet dann och nach drop higewisen, datt an der Extra-Nr. 15 mam Index vun der Zäitschrëft «Eis Sprooch» vergiess gouf, fir de Caisse-Kontroller aus de Joren 1971-1974 z'ernimmen (stin nët am Deliberatiounsregëschter vun dene Joren). Dat war den Här Emile Schmit. Den Här Faber huet gemengt, déi Leit, déi dës Opstellung wëllt komplett hun, missten dës kleng Bemierkung op d'Säit 19 noschreiwene.

De Budget fir 1993 gouf op 2.150.000 Frang Akommes geschat, géint 2.200.000 Frang Käschten.

#### Neiwiel fir de Comité :

— op der Austrëttsléscht sin d'Joffer Thill an





*Déi zwéin, déi gin awer nach mat sin: Henri Rinnen an Emil Steffen  
(Fotoën: Lux. Wort, Le' Sibenaler)*



d'Häre Rinnen, Siuda a Steffen

- et goufe keng nei Kandidature gestallt
- d'Joffer Thill an den Här Siuda sin averstane fir virun am Comité ze bleiwen
- d'Häre Rinnen a Steffen zéien sech awer aus Alters- resp. aus Gesondheetsgrënn zréck
- deemno si fir d'Veräinsjor 1993-1994 nëmmc méi 10 Leit am Comité, an zwar: d'Joffere Milly Thill a Maisy Tockert; d'Hären Ernest Brachmond, René Faber, Marcel Lamy, Robert Philippart, Abbé Arthur Reckinger, Lex Roth, Robert Siuda an Tom Thies.

A kuurze Wicder, a mat enger klenger Tréin am Knäpplach, hun d'Häre Rinnen a Steffen hiren Entschced begrënnt, fir wat si nët méi am neie Comité wëlle vertruede sin. Allebéid hun si awer verséiert, datt si och viru fir de Veräin do sin, an och fortun eng Hand mat upake wärten, esou wäit an esou gutt, wéi hir Gesondheet hinnen dat erlaabt.

Als 6. Programmpunkt stoung d'Cotisation fir d'Jor 1994 zur Diskussioun. D'Generalversammlung wor eestëmme mam Vorschlag vum Comité averstan, fir e Bäitrag vu 500 Frang bäizebehalen; d'Studente bezuelen 300 Frang, D'Gemengen an d'Veräiner bezuele 700 Frang.

#### Bronze Plaqueette fir den Här Gil Mandy

An e puer Wieder huet de President dem Här Gil Mandy merci gesot fir déi sëlliche flott an interessant Gedichter an Artikelen, déi hien an dene leschten 20 Jor fir eis Zäitschrëft «Eis Sprooch» geschriwwen huet. Als kleng Unerkennung fir séng Mataarbecht huet de President, an an engems och Redakter vun eiser Zäitschrëft, den Här Rinnen, dem Gil Mandy déi bronze Plaqueette vum Dicks-Rodange-Lentz iwwerrecht.

A sénger Ried as de Vice-President vun der Actioun Lëtzebuergesch, den Här Lex Roth, op d'Verdängschter vum Här Rinnen fir eis Sprooch a fir de Veräin ze schwätze komm. Hien huet et begréisst, dat d'Häre Rinnen a Steffen och an hirer «Pensioun» nach aktiv wëllten am Veräin matschaffen, an hien huet hinne verséiert, datt si zu jidder Zäit wëllkëmm sin.

Den Här Roth huet dann och nach verschidde Problemer ugeschnidden, an denen et haaptsächlech ëm d'Lëtzebuergesch geet, wéi z.B. eis Sprooch um Radio, Lëtzebuergesch fir d'Ausländer asw. Hie wor der Meinung, datt et un der Actioun Lëtzebuergesch wir, fir op denen eenzelne Plazen e Wuert matzeschwätzen, an dëst awer jhust am Interessi vun eiser Sprooch.

Den Här Guy Dockendorf, als Verrieder vum Kulturminister, huet dem Comité merci gesot fir déi gutt Aarbecht, déi si am Dëngscht vun eiser Sprooch leeschten. Hien huet dann och e puer Explikatioune gin iwwer d'Zesummesetzung vun der neier Dictionnaires-Kommissioun.

Weider hun nach d'Joffer M. Hermes an d'Häre J. Braun, N. Weber, L. Kruchten, P. Bastian, E. Borschette an M. Nürnberg Stellung geholl zu aktuelle Problemer, wou d'Lëtzebuergesch direkt getraff as, wéi z.B. Theaterstécker an eiser Sprooch, friem Wieder, déi mir einfach esou an eis Sprooch materanhuelen, Lëtzebuergesch-Courc fir Ausländer, Bicher op Lëtzebuergesch, Artikelen an eisen Zeitungen, den Zoustand vun de Griewer vun der Ermesinde, dem Michel Rodange an dem Méchel Lentz, déi nei Radiosender, nei Schoulbicher fir Lëtzebuergesch ze léieren, den Interessi vun de jonke Leit fir eis Sprooch asw.

Géint 17 Auer 15 huet de President d'Generalversammlung opgehuewen.

*Déi Al soll een éieren, déi Jong soll ee léieren,  
déi Verstänneg soll ee froen an d'Gecke soll ee verdroen.*



M. Lenertz

## Roude Léiw waach!

Dës Iwwerschrëft täischt wat den Inhalt an den Zweck vun dësem Aufsatz betrëfft. Et geet nët ëm National-Patriotesches, nach ëm Erënneronge vum leschte Krich, nach a scho gur nët ëm Egestännegket oder Friemchaass — et geet einfach ëm **Heraldik**. Ëm Wopen! A well de roude Léiw fir äis Lëtzebuerger DEE Wope war an as, steet de roude Léiw hei souzesoen als «Bléckfank», als Attrapp.

Heraldik — weem seet dat schon eppes? Wee mécht sech scho Gedanken iwwer e Wopen, deen en an eise Stied an Dierfer, op der Rees, an den Zeitungen, an der Tele gesäit, iwwert séng historesch, soziologesch, geografesch Bedäitung, déi a sénger Symbolik zum Ausdrock kënnert. An dach as de Wopen d'Spiegelbild souzsooc vun deem deem e gehéiert.

E Wopen hun a weisen, as keng Exklusivitéit vun Adel, wéi haut nach vill ugeholl gët. Vläch war en dat ganz am Ufank, am 11., 12., an 13. Jorhonnert, wéi d'Rëttersleit ënnert hiren Helmen hu misse «Faarf bekennen». Mee zënterhier, zënter Jorhonnerten, as d'Woperecht op all Schichte vum Biirgertum iwwergaang; Jidder Fenzelen, ob Aarbechter oder Minister, soufären hie séng männlech Ofstammong ka bis 1800 noweisten, steet e Wopen zou, sief et ee vu sénge Virfuere, sief et een, deen en sech nei zouleet. Dat lescht gët haut dack gemaach vu Leiden, déi hir Familien durchfuerechen an hir Stammbeem opzeechen.

Awer dofir sollt hei mol nët souvill Rieds goen, mee in specie iwwer déi national Heraldik hei bei äis am Land — sou wéi et am Titel ugedeit gët — iwwer de roude Léiw virop, eise roude Léiw, dee viru 50 Jor gewaacht huet an opgefuedert gouf, «se» ze huere. Wat as haut mat him?

Réischt d'Gesetz vum 23. Juni 1972 iwwer-

d'Nationalemblemer huet dat aus em gemaach als dat e schon zënter honnert Jor — op d'manst — ugesi gouf: Symbol vum fräic Land, vum Lëtzebuerger «tout court»! Dat kann een haut sou liichtschaz soen, kee wärd ripostéieren, awer och kee wärd sech nach duerfir iwwerméisseg an d'Broscht gehien. De Lëtzebuerger as keen «Hurra-Patriot»; duerfir awer hält en ouni grousst Gejäiz un deem fest, wat séng Vuudren e geléiert, déi déi Zäiten erlieft hun, wou de roude Léiw friemem Gedéiesch d'Kralle gewisen huet. —

Et dierft bekannt sin, datt eise roude Léiw 1214 mam Grof Walram IV. vu Limburg an d'Land koum, wéi dee sech mat eiser Gräfin Ermesinde bestuet huet. Dene rezentesten historeschen Erkenntnësser no gët ugeholl, datt eis Ermesinde als Hauswopen e waagerecht gesträifte Schëld gedron huet vun deem d'Faarwen onbekannt sin. Dëse «Burelé» huet den Hari V., Fils vum Walram an der Ermesinde 1240 a säi Wopen opgeholl an de gekréinte roude Limburger Léiw dropgesat. Säi Fils Hari VI. huet dem Léiw en dueble Schwanz gin, fir ze weisen, datt hie gleichzäitig Grof vu Lëtzebuerg a vu Limburg war.

Dat as a grobben Zich d'Entwécklungsgeschicht vun eise Nationalwopen wéi en nach haut besteet an endlech, wéi gesot, 1972 gesetzlech festgeluegt gouf.

Wann een also vum Lëtzebuerger Roude Léiw schwätzt an 't wëllt een e vun anere roude Léiwen ënnerscheden, muss een zwou wesentlech Tatsaachen a Betracht zéien:

- 1) eise Léiw muss op engem «Burelé» stoen,
- 2) eise Léiw muss en dueble Schwanz hun.

A wann ee méi an den Détail wëllt goen, muss ee wëssen, datt eise «Burelé» aus zéng Sträife besteet, 5 sëlwer a 5 bloer, woubäi et mat sëlwer ueget a logescherweis mat blo ophält.

Besonnenesch an dësem Punkt as et virun 1972 nët op eng Grimmel ukomm. Mol waren et 9, meeschtens awer 11 Sträifen, d.h. 6 sëlwer a 5 bloer, wat an heraldeschen Termen nët méi «burelé de dix pièces», mee «d'argent à cinq burelles» heescht. Et muss een och wëssen, datt d'Enner vun deem dueble Schwanz kräizweis iwwerene gin, wat an der heraldescher Sprooch «passée en sautoir» heescht. Et kennt een sech virstellen, datt clo muncher Lieser denkt: Wat e Gedeessens fir e puer Sträifen an e Léiweschwanz. Egentlech misst een deem jo zoustëmmen, haut an enger Zäit wou et em aner héichbrisant Problemer geet wéi em Wopen. Mee sou al d'Heraldik och as, vergiess an aus dem Brauch as se nët. Si huet sech erhalen an zwar an hirem ale Stil dee wéing oder näischt mat klasescher oder moderener Konscht ze din huet, an deem all Heraldiker sicht z'erhalen. Fir wat eise Léiw rout as, en dueble Schwanz huet an op engem «Burelé» steet, gouf virdu gesot. Dëst si wesentlech an onëmgänglech Bestandeler vun eise Nationalwopen, Ennerschedungsmerkmaler, fachmännesch «Brisures» genannt, zu denen nach eng gëlle Kroun, eng gëllen Zong a véier gëlle Krallen un all Patt kommen. Ouni dës Brisuren as et nët de Lëtzebuerger Wopen. Sou steet et am Blasonnement wéi et am Gesetz vum 23.6.1972 bestëmmt gouf. An an der Heraldik as et nët d'Zeechnong, déi den Ausstreich gët, mee den Text, eben de Blasonnement. (Le texte prime le dessin)

Dat as alles nët sou selbsterständlech wéi ee kënnt unhuelen. Wann een emol méi kritesch all déi Wopen kuckt, déi doruechter zu Recht oder zu Onrechtgebraucht oder méissbraucht gin, da stellt ee fest wéi ongemiddelt ge-

wollt oder ongewollt mat eise National-  
emblem emgang gët.

Am Sëtzongssall vun eiser Chamber hung zënter ondenklechen Zäiten eng schwaarz Plack mat engem gëllene Léiw drop, sou wéi d'Belsch en als Nationalwopen zënter 1830 fciert, eben de «lion belge», deem se tel quel vun denen ale brabantischen Herzogen iwwerholl huet. Nodeem d'Gesetz vum 23.6.1972 a Kraaft war, huet et nach Jore gedauert, ir dëst awer och guer nët lëtzebuergesch «Hochtszeichen» engem neien, dës Kéier Lëtzebuerger Wopen huet wäiche mussen. Leider entsprécht och dëst un an fir sech imposant Wierk nët an alle Punkten dem Gesetzestext. Et besteet awer d'Hoffnung an d'Aussicht, datt déi Verantwortlech dës Méissgrëff erkennen an eise ieweschte Gremium e fachgerechten a gesetzméisseg Nationalwopen virun d'Aen hanken.

De Lëtzebuerger, dat as gewosst, as ni zëmperlech mat séngem roude Léiw emgangen. Et as em nët op e «Grappvoll» ukomm, och nët an den ieweschten Instanzen. Wéi sollt en och, wann an 130 Jore Onofhängegkeet et nët fir néideg fond gouf, eise Wopen eng gesetzlech Basis ze gin! D'Land huet an hat aner Suergen wéi sech em Niewesächlech ze këmmen, wie wëllt dat bestreiden.

Mee elo, wou mer endlech och eng gesetzlech festgeschriwwen Nationalhymn kréien, wou mer endlech gewuer gin u wat mer äis ze balen hun, souwuel wat eise roude Léiw wéi cis «Hemecht» ugeet, elo heescht et opzepas- sen, datt de roude Léiw lëtzebuergesch an d'«Uelzecht» d'Hemecht bleift.

Duerfir soll de Roude Léiw waachen!





Rudy Ludes

## De Bakes-pätter erzielt

Déi leschte Kéier hat ech Iech vum Bakes-pätter erzielt, deen äis sou e fantastescht Ereliefnes als Millekniecht zom beschte gin hat. Hei as nach sou eng Seechen.

Mir Bouwe souzen erëm am Noper séngem Haff, op dem Täissel vun engem Won do ze klunnschen, wéi de Bakes-pätter umarschéiert koum. En huet séng Mëllechkännchen rëm sou geschwenkt wéi ëmmer. Se wor jo nach eidel. Hie wor, wéi Dir wësst, jo een deen d'Mëllech am léifste frësch gestrach ofgcholl huet.

Scho wéi en äis begréisst huet, hu mer u séngem Schmunzele gesin, datt en nees eng «op der Pan» hat, eng, déi en äis wollt kréckelen. Fir d'éischt as en ower an de Stall gaangen, fir sech séng Kan fëllen ze looszen. Wéi en eraus koum huet en sech mat Keimen op de Bor vun dem stengen Trach gesat. An iwrem Käiche sot en: «Jo, ...an der Zäit ...ehëmm ...wéi mir nach jonk a gewierweg woren, du hu mer nach kee Réckwéi kennt. Deemools hu mir äis der och vill geleescht, wat mir haut nët méi fäerdeg briechten. Ech kennt Iech do Saache verzielen...

«Nu loosst se scho kommen,» hu mir onge-dëlleg gedirängelt, «dat wësst mir ower nawell gär.» — An de Pätter huet ronderëm sech gekuckt, ob alles d'Oure gespaant hätt, an du huet en ugesat:

«An der Zäit... ehëmm...» de Pätter huet nach eng Kéier säi Schnauz gestréilt, ...«du wor ech am Frankräich op engem Schlass. Dat heescht, bei deem Schlass wor e groussen Haff, an dee wor verpacht. Do wor ech éischte Kniecht.

An deer Géigend si vill Rommele gezillt gin. Wor et well dee Buedem vun do duerfir

apaart gutt woar, oder well déi Bauren do nâischt Besseres woussten? Ech weess et nët.

Mee se wore fanatesch stolz op hir Rommel-ten. Jiddfer Bauer wollt déi schéinst an déi bescht hun. A virun allem déi gréisst. An dat wor d'Konscht!

Mäi Patron hat doranner bis deen Dag keng Chance. Wéi en du enges Daags vu mir héiren huet, a Lëtzebuerg géiwen och vill Rommele gesat, du wor en nët méi ze halen. «Jean», sot en zu mir: «Käsketuparl? (Wat sees De do?) Hat Dir da bei Iech och sou Kongkuren? (En huet ower nëmme franséisch geschwat) «Mais oui!» hun ech gesot. «Bei äis gët et fir alles Kongkuren. Bei äis kënt en och nach an d'Zeitong, mat enger Foto dobéi, wann een en décke Fësch gefaangen huet, wann een e grouse Champion fond huet, oder extra schwéier Tomaten a Kornischongen a séngem Gaart gezillt hat. ...vun de Rémélénger Käbbien hun ech deemools nach nâischt gewousst».

«Abec, Jean», sot de Patron, «ech géif vill drëm gin, wann s Du et fäerdeg briechst, datt ech mol eng Kéier déi gréisst Rommele kennt virweisen.»

Dat huet mech al gekëddelt. «As et Iech eescht?», hun ech nach nogefrot. «Mais oui!» sot en nach eng Kéier. «Wann s Du dat fäerdeg kriss, da bas De fir mech de Rommelskin- nek (le roi des betteraves) an et soll Dir nët un Devise felen» (en huet alles ëmmer nëmme sou ugedeit).

Kuurz a gutt. Ech sot: «Patron», sot ech, «gitt mir 12 Stonnen Zäit. Da wäerd Dir scho kënnen gesin ewéi är Rommele gewuess sin.»

An owes, nom Sträichen, sin ech lassgaang. Ech hat mer bei der Matant e gutt scharfe

Knäip gefrot. An dunn eraus an d'Rommelstéck. An elo kënnt et: De Mound huet sou hell geliicht, all Rommel huet e Schiet geworf. Ech sin duerch d'Reie gaang an hu ganz exakt bei all zweter Rommel de Kapp mat de Blieder ofgeschnidden. Dann hun ech e spatzt Lach an der Rommel ausgestach. Duermo hun ech déi Rommel niewendrun crausgcrappt, hun se e bësse mat dem Knäip gespëtzt, bis se gepasst huet, an da, wéi gesot, an déi aner vun uewen crof dragestach. Eng ganz Nuccht hun ech gebraucht, fir deen Hektar ('t woren der vläicht och méi) ëmzepraffen.

A mueres koum de Patron (et hat een him et gesot) an as sech ës nët zoukomm. «Käsketü-afä?» (Wat hues De gestiicht?) «Vous voyez!, Dir gesitt dach. Loosst mol gewärden», hun ech em geäntwert, «an e puer Woche schwätze mer driwer.» De Patron huet der Saach nët wëllen trauen.

«Mee dat sin der Rommele gin! Sou eng hat nach kee gesin. De Kongkur hate mir haushéich gewonn. «Jean!» sot du de Patron, «lo gläwen ech et och.»

«Du ongläwewegen Thomas», hun ech geduecht, «dann elo raus mat der Münz», hun ech riichteraus gefrot. An ech muss son, en hat sech nët huele gelooss. Ech misst lo léien, wann ech iech d'genee Zomm sollt nennen. D'Zeitongen hun och vill driwer geschriwen, ech hat déi meescht Artikelen nach laang doheem an enger Schongkëscht leien. Elo sin se verschwonnen. «Et kann een nët all Klengekeet versueren, huet méng Fra, getrécischt, ëmmer gesot.»

An dem Bauer säi polnesche Kniecht, den Tunn, huet erëm séng Fro gestallt: «soll das wouer sein?» A grad sou eescht huet de Pätter geäntwert: «Dat kanns De roueg gläwen, mä Jong! A wann s De des nët gléifs da verzielen ech Dir eng aner.»

Mee dat wir fir eng aner Kéier.

De Pätter huet erëm gekäicht, ir en nees riicht stoung, huet säi Réck emol gestreckt, huet séng Mëllechkan erwëscht an as nees gemälleg op hem lassgeschrékt.

† Vic. Robert

## D'Maison de retraite

*Soubal een zeideg fir d'Pensioun  
dann huet ee ganz vill Neider  
déi mierken nët wéi d'Zäit vergeet  
an déi geet roueg weider.*

*Ech spiren, datt zum Enn et geet  
datt ech al gin an domm  
an d'Schaffen engem näischt méi seet...  
de Bockel, dee gët kromm.*

*Mat fënn'f a sechzeg Joër  
dat as e laangen Dag  
hat ech nach nët vill Groër...  
a Geld och nët wéi Baach.*

*'t geet duer fir d'Maison de retraite  
da's eng Pensioun fir eler Hären  
do leet een owes sech an d'Bett  
an 't blënzelt een an d'Stären.*

*Do sätzen s'all am gläichen Zuch  
't fret kee wéi wäit et geet...  
se hun all Zäit genuch  
't felt jhust eng Grimmel Freed.*

*Deen een, dee schléift, deen aanre klot,  
deen drëtte braddelt vill...  
d'Statiounen, déi sin ugesot  
't weess keen sin 't deer nach vill.*

*Wien hier kënnt fir sech auszerou'n  
a sief hie grouss or kleng  
dee weess hei as déi lescht Statioun  
dozwëschent gët et keng...*



Jeanine Theis-Kauth

## Si zwee

Si gungen zesummen iwer d'Gewan,  
et huet eng Hand déi aner fond.  
Si hu sech ouni Wuert verstan,  
an heemlech taascht sech Mond zou  
Mond.

Si hu sech matenee gebéckt,  
zesummen d'selwecht Blumm gepléckt.  
Si ware frou si ware jonk,  
a ronderëm as d'Welt versonk.

Vum Spackelter fällt Bléi ëm Bléi  
erof téscht Gras a Blummen.  
«Dat as mer vläicht en doftge Schnéi,»  
sou son si zwee zesummen,  
a sëtze stëll an denken no.  
Du flitt e Päiplek himmelblo  
bis bei eng dofteg Heckerous  
a rascht op hirem seidne Schous.  
Si sëtze stëll a kucken no...

## D'Mënschen an de Krich

Gebieder päärten duerch d'Kapell;  
déi Gleweg froe sech de Fridden.

De Far verdréchent nieft der Quell,  
well ënn'rem Buedem déif donidden  
d'Waasser all zou näischt vergeet.

Lauschter, wéi de Sandstuerm jeet.

D'Kanner winne sech un d'Leed,  
well hir Pappe spille Krich.  
Hir Flënte kruten si geléint.  
Si zéin an iwverluednen Zich  
laaches Monds – dem Doud entgéint.

*Antoinette Delperdange-Kaber*

## Fréijoorsbloumen

*Heemleche, woodleche, séisse Wand  
bléist zefridden iwver d'Land  
Haucht an haucht a gët nët midd  
bis d'Keelt aus dem Buedem zitt.*

*Gët sech nët mat poteren  
d'Narzissen eraus da kloteren.  
Duuss wéi Samett as déi Bloum  
um grénge Still eng lieweg Kroun.  
Over plécke mir se frou  
bis mir gin an d'éiweg Rou.*

## D'Margréitchen

*Am wäisse Räckche steet se do  
d'Margréitchen aus dem Gaart.  
A seet äis lues, ganz lues elo  
fir wat, si hei da waart.*

*Ob d'Mamm déi vill fir äis gemeet  
fir krank, an all al Mënschen  
an déi, déi ganz eleng am Leed  
a sech eng Blimmche wënschen.*



Tom Thies

Erënnerungen un d'Vakanz bei de Grousselteren (VII)

## Dem Här Paschtouer säi Flocki


Eisem Frënd Hugo säi Monni, den Här Paschtouer, wor e spuersame Mënsch, ouni en aartleche Kuuschtert ze sin, well deemools wor en d'Revenüe vun engem Duerfpaschtouer nach laang nët dat, wat se haut sin. Brout a Fleesch krut «den Här» jo alt zum gréissten Deel vun de Baucen. D'Uebst an d'Geméis gouf, mat egegenen Hänn, am Pargaard gezillt. Et gouf, am Parhaus, wéi eiser Här Gott et gewollt hat, riichtewech, fromm, awer spuersam gelieft. Jo, den Här wor e Virbild fir déi aner.

Mëttes, wann den Här Paschtouer a séng Sëschter Hilda, an der Vakanzzeit mam Neveu Hugo, genee em zweilef Auer giess

haten, krut dem Här säi Mupp, de Flocki, d'Reschter vun enger Geméiszopp a säin Dëppeche geschott, déi en nët friesse konnt, well e wor jo kee Vegetarier.

De Flocki, vum Här Paschtouer war schons vu bausse gesin dat réngste Wonnerdéier. Déi riets Halschent vu séngem Kapp wor schwaarz, déi lénks wäiss, säi Réck schwaarz, de Läif wäiss bis un d'Patten, déi crëm schwaarz woren. Och séng Rutt wor mat denen zwou Faarwe geréscht, et wor eng gelleg Freed de Flocki duerch d'Duerf lafen ze gesin.

Kee Mënsch am Duerf konnt behaupten, dem Här Paschtouer säi Flocki wär en dom-



men Hond gewiescht. Dag fir Dag stung de Flocki, soubal de Mëtteg gelaut huet, bei der Trap vum Härenhaus an huet gewaart bis d'Joffer Hilda säi Friessen an säin Dëppche geschott hat: et hätt jo kënne sin, dass déi eng Kéier e Stéckelche Fleesch an der Geméis-zopp vergiess ghat hätt. War dat net esou, huet den hongerege Flocki den Haff vum Härenhaus verloooss, an as an d'Duerfstrooss gelaf, huet sech do eng Kéier no riets a léns emgekuckt, fir dass kee vun denen neimou-desche Gefierer, déi d'Mënschen Auto genannt hun, e kënnt iwwerrennen. Wor alles propper, as en iwwert d'Duerfstrooss op de Réimerwee zougelaf, sou wéi en et zënter fénnef Joer schons gemaach huet.

Dat éischt Haus, an deem de Flocki ëmmer eppes ze friesse krut, war dat vum dawe Märi, dat doudsécher geglääft hat, dass et an den Himmel kéim, wann et dem Paschtouer säin Hond mat Reschter vu Fleesch an Zoossis fiddere géif. Fir dass de Flocki jo nëmme net laanscht séng Dir sollt lafen, huet et se, soubal d'Issc färdég wor, hafewäit opgemaach, sou dass den Hond an den Hausgank era konnt, well d'Märi de Mupp jo net héire konnt, wann e virun der zouener Dir gebillt oder gekraazt hätt.

Hat de Flocki bäim dawe Märi den Teller geleckt, as e viru gelaf, laanscht dem Strahls-Misch säin Haus, wou et fir hie kees eppes gouf, well den Doléiner Misch kaum genuch hat fir sech a séng véier Kanner, déi, bis op d'Schanken, alles batzrénglech giess hun. Dat Haus duerno, wor dat vum Gréngen, dem Papp vun cism Kamerod Nuckes. A Grénge louchen zwéin Honn, fir dat grousst Haus, mat Wüirtschaft a Brenneri ze bewaachen. De Flocki huet sech do och net laang genéiert. Zënter Joeren huet e genec gewosst, wou déi zwéi Muppiën hiirt Friessdëppe stoen haten. Fléck huet de Flocki an de Schapp era gelusst. Wor nach eppes an den Dëppercher, a kee vun den Ägentëmer wäit a breet, huet dem Här säi Mippchen sech séier driwwer hier gemaach, éier e sech op de Wee vis-à-vis bei d'Witfra Martin geschlaach huet.

D'Madame Martin wor d'Witfra vun engem räiche Véihändler vun Useldéng gewiescht, déi, wéi de Mann gestuerwe wor, nees zréck an hiirt Hemechtsduerf komm war, an en Hond vun onbestëmmer Rass matbruecht hat. E wor sou déck wéi héich a konnt nëmme méi am Schlekentempo lafen. Al Dag as en dräimol ippeg, vun deër décker Haushälterin Ida, an der Kichen, wou d'Fenster ëmmer opstung, gefiddert gin.

Fir dee gourege Flocki vum Här Paschtouer wor et kéng Konscht fir duurch d'Fenster vum Ida sénger Kichen eraf op de Buedem ze sprangen, dem Larry säin Dëppchen, dat bal ëmmer voll wor, eidel ze friessen, an duurch d'Fenster erëm craus ze sprangen. Kee Mënsch, an och de Larry, huet sech em de Flocki gekëmmert. De Larry wor vill ze vill vollgefriess, fir sech ze wieren, an dem Ida wor et sou wéi sou egal, wien d'Dëppchen eidel gefriess hat.

Joërelaang hat de Flocki sou säi Iewen erëm-bruecht, säin Här hat vläicht séng Suë gespuert fir déi neigegrënnt Caritas ze ënnerstëtzen; dernieft hat en an der egener Par jo och nach e puer Doléinerfamilien, déi en Trapp Kanner haten.

Enges Daags, e Freideg am Aascht, hat d'Joffer Hilda dem Flocki erëm eng Kéier e Rescht vun hire berimnten Zoppen a säin Dëppche geschott, déi de Flocki bäim beschte Wëllen net friesse konnt, sou, dass e sech gezwonge gesin huet, sech no besserem Kascht emzékucken.

Eppes wor dem Flocki net geheier! Déi éischt Iwwerraschung koum schons beim dawe Märi, well d'Hausdir wor zou. All Gebills a Gekraz hat kee Wäert, d'Märi huet net opgemaach. Och am Schapp vum Grénge wor näischt ze huelen, d'Dëppercher wore rénglech gebotzt. De Flocki gouf onroueg. Elo huet et gheescht: séier, mam knoutererche Mo, iwwer d'Strooss bei d'Witfra Martin!

Bei der Witfra Martin, déi selwer gar gutt giess huet, gouf et ëmmer eppes méi oder manner Guddes. Huerteg wor de Flocki mat



Spréng, déi en sech am Laf vun de Joëren untrainéiert hat, um Fëensterbriet, vun deem um Kichebuedem. Et huet no Gromperkichelcher a Geméiszoop geroch. Souvill de Flocki och dorëmmer geroch a geschnoffelt huet, dem Larry säi Friessdëppche wor néirens ze gesin: en Ëmstand, deen de Flocki a Panik versat huet, well wéi anescht wär dem Flocki säi Spronk op de Kicheschaft ze deiten?

Vun do uewen awer as dem Flocki den Doft vun enger frëscher Lyoner an d'Nucs gerochen, déi d'Witfra Martin, fir samschdesmuerges virgesin hat. Mat engem Saz wor de Flocki iwwert der Lyoner, huet se ferm téschent Zänn geholl, as vum Kicheschaft op de Kichendesch, vun do op den Äerdbuedem, a vun do, mat engem grouse Saz, op d'Kichfënster an craus an de Gaart gesprong, jhust éier d'Ida d'Kichendir opgemaach huet, fir erëm u séng Aarbecht ze goen.

Mär Bouwe souzen op deër middreger Mauer virum Grénge sénger Brenneréi, wéi de Flocki mat der Lyoner téschent den Zänn aus Martins hirer Kichfënster gesegelt koum. Zwou Minutte méi spéit gung d'Hausdir op, an dat déckt Ida koum craus, fir de Flocki, deen sech schons hanner de Blummen an dem Gesträich verstoppt hat, ze vernennen. Virwëtzig si mer dohi gelaf, fir gewuer ze gin, wéi déi Saach géng ausgoen. Awer näischt wor, mir hu just nach héieren, wat mat der Lyoner hannert dem Gesträich géif passéieren.

ren. De Flocki huet d'Lyoner gefruppst — huet sech och guer näischt aus dem Gejäiz gemaacht. Hatt wor jo selwer Schold, et hätt jo d'Lyoner an de Kicheschaft aspäre kënnen.

Awer, fir dee gemengen Déif koumen eng etlech moer Wochen, well, no enger décker Schnäiz vun der Madame Martin, huet d'Ida, all Dag, kuurz fir Mëtteg, d'Kichfënster zou gemaach — bis — jo bis et enges Daags nët méi dru geduecht huet.

Ob de Flocki awer, séngem Här enges Daags den Déifstall gebeicht hat, as hiirt Geheemnes bliwwen.

Nach vill Joëren as dee gefleckte-befleckte Flocki duurch d'Duerf gelaf. Eréischt bant der Besatzungszäit, et kann 1942 gewiescht sin, wéi ech mäi Grousspapp besicht hun, as mer opgefall, datt de Flocki an der Duerflandschaft gefeelt huet. De Bop huet mer da verzielt, datt de Flocki dout, a säin Här vun de Preisen «entfernt» gi wär.

De Flocki as am Duerf gestuerwen, säin Här fënnefanzwanzeg Joer méi spéit, wéi e sech vun der Deportatioun gutt erholl, an nach laang säin Déngscht gemaach hat.

Nach haut, wann ech dat Duerf, aus deem mäi Papp gestaamt hat, besichen, méngen ech den Här Paschtouer vun deemools, misst mam Flocki ëm iirgend en Eck kommen, wéi deemools, vir méi wéi fofzeg Joer.

Och Honn kënn Frënn gin, déi een all säi Liewen nët vergësst.



*Zwou Kazen an eng Maus  
Zwou Fraen an engem Haus  
Zwéin Honn un enger Schank  
Verstinn sech selé lank*

Dieter Zimmer

# Dem Paulus séng Bréiwer un d’Korinther

cf. «Eis Sprooch» Nr 34, 35, 36

## 1. Korinther 4, 6-20

### Nach nēt um Ziel

6 Bridder, wéinst iech hun ech dēst op mech an op den Appolos bezun. Dir sollt un äis léieren, wat dat heescht, nēt iwwer dat erauszegoen, wat geschriw we steet! Et soll nēt den ee géint den anere wéinst iirgend engem vu Stolz opgeblose sin. 7 Wie gēt dir schon e Virzock? Wat hues du, dat s du nēt kritt hues? Wann s du et awer kritt hues, fir wat brenz du dech dann, wéi wann s du et nēt kritt hätt?

8 Dir sid scho sat a scho räich gin? Dir regéiert ouni äis? Jo, ech wollt, dir géingt regéieren, esou datt och mir mat iech regéiere kénnten. 9 Mir schéngt et nämlech, datt Gott aus äis, den Apostelen, d’Allermanst gemaach huert — wéi dem Doud iwvergin. Mir sin op der Welt, den Engelen an de Mēnschen e Schauspill gin. 10 Wéinst Christus si mir Toperte gin. Dir awer sid verstänneg, well dir mat Christus verbonne sid. Mir si schwaach, an dir sid staark. Dir gēt geéiert, a mir gi veruecht. 11 Bis zou dēser Stonn leide mir Honger, Dusch, hu Manktem u Kleder. Mir gi geschloen an hu keng sécher Plaz. 12 Mir schaffen a ploen äis mat eisen egenen Hänn. D’Leit vernennen äis, a mir senen se. Si verfollechen äis, a mir halen dat aus. Si läschteren äis, a mir äntwere frëndlech dorop. 13 Mir si bis haut ewéi den Dreck vun der Welt, de Knascht vun en alleguer, gin.

6: Röm. 12,2-8; Off. 3,17-18,21-9; Röm. 8,36; 2. Kor. 4,11; Hebr. 10,33-40; 1. Kor. 3,18-11; 2. Kor. 11,23-27-12; Matt. 5,44; App. 18,3; 20,33-34; Röm. 12,14; 1. Kor. 9,12/15-13; App. 22,22

### De Paulus as de Papp vun der Gemeng zou Korinth

14 Ech schreiw den dēst nēt, fir iech an d’Schimt ze setzen. Ech weisen iech villmēi

wéi méng léif Kanner zerecht. 15 Wann dir am Licwe mat Christus esouguer 10.000 Léiermeeschteren hätt, dann huert dir dach nēt vill, déi Papp sin. Well ech mat Christus verbonne sin, sin ech duurch d’Evangelium äre Papp gin. 16 Aus dēsem Grond beschwieren ech iech och: Sid méng Nofollicher! 17 Ech hun den Timotheus aus dem nämmelechte Grond bei iech geschéckt. Hien as mäi léift an treit Kand, well en un den Hār gleeft. Wat méng Weer am Licwe mat Christus sin a wéi ech se iwverall a jidder Gemeng léieren, dorun erénnt en iech.

18 E puer Leit sin opgeblose vu Stolz, wéi wann ech nēt bei icch komme géing. 19 Ech kommen awer geschwē bei icch, wann den Hār dat wëllt. Da léieren ech nēt d’Wierder, mä d’Kraaft vun dene kennen, déi opgelooos sin. 20 Wat wëllt dir elo? Soll ech mat der Rutt oder mat Léift an an engem duusse Geescht bei icch kommen?

15: 1. Kor. 9,2; Gal. 4,19; Phil. 2,22; Phln. 10-16; 1. Kor. 11,1; Phil. 4,9-17; App. 16,1-3; 19,22; 1. Kor. 16,10-19; 1. Kor. 16,5-7; 2. Kor. 13,1-10-1. Kor. 2,4-21; 2. Kor. 10,2; 13,10

## E schwéngzegt Liewe soll nēt gedéllt gin:

### 1. Korinther 5,1-13

### Schwéngerei an der Gemeng

5,1 Iwverhaupt héiert en, datt et énnert iech Houerei gēt, an zwar esou eng Houerei, wéi se nēt emol bei den Häden unzetreffen as: Ec vun iech lieft mat der Fra vu séngem Papp zesummen. 2 An da sid dir nach opgeblose vu Stolz! Wir et nēt besser gewiescht, dir hätt Leed gedron an dee Mann, deen dēs Dot begaangen huert, aus ärer Gemeinschaft ausgeschloss? 3 Obwuel ech kierperlech nēt do sin, sin ech dach an Geescht bei icch. Ech hu schon deen, deen



dëst gemaach huet, gerücht, wéi wann ech do wir. 4 Wann dir am Numm vun eisem Här Jesus Christus versammelt sid a wa mäi Geescht mat der Kraaft vun eisem Här Jesus Christus bei iech as, 5 da wëlle mir dese Mann dem Däiwel ausliwweren. Säi Kierper<sup>a</sup> soll zerstückert a säi Geescht um Dag, op deem den Här Jesus Gerücht hält, gerett gin.

6 Äert Bralen as nët gutt! Wësst dir dann nët, datt e bësschen Deessem de ganzen Däg sauer mécht? 7 Loosst den alen Deessem verschwannen, fir datt dir en neien Däg sid. Dir sid dach ouni Deessem. Christus, eist Passalam, as nämlech fir äis geschluecht gin. 8 Wëlle mir aus diesem Grond d'Fest feieren, awer nët mat alem Deessem, och nët mat engem Deessem, dcc fir Hannerwennegheet a Béisecht steet, mä mat Brout ouni Deessem, mat Rengheet a mat Wourécht!

9 Ech hun iech a méngem Bréif geschriwwen, datt dir näischt mat Leit ze schafe sollt hun, déi schwéngzeg liewen. 10 Domat méngen ech nët generell d'Mënschen, déi an dieser Welt schwéngzeg liewen oder d'Knéckjhangen, d'Raiber oder d'Götzendénger. Soss misst dir jo d'Welt raumen. 11 Ech hun iech villméi geschriwwen, datt dir näischt mat engem ze schafe sollt hun, dee sech Brudder nenne léisst an deen e Mënsch as, dee schwéngzeg lieft oder deen e Knéckjhang oder e Götzendénger, e Läschterer, e Sëffer oder e Raiber as. Mat esou engem Mënsch sollt dir nët emol iessen. 12 Wat gi mech schon d'Leit un, déi nët zur Gemeng gehéieren, datt ech se riichte sollt? I huet dir nët déi ze riichten, déi dozou gehéieren? 13 Gott riicht eemol d'Mënschen, déi nët zur Gemeng gehéieren. Dir selwer sollt dee vun iech ausschléissen, dee béis as!<sup>b</sup>

## Psalm 23:

# Mäin Hiirt

- 1 *E Lueflidd vum David*
- 2 *Den Härgott as mäin Hiirt,  
ei feelt mer un näischt.  
E léisst mech op d'gréng Weed,  
féiert mech op de Wee  
bis bei eng roueg Quell.*
- 3 *Mäi Wiese gët erneiert,  
hie setzt mäi Fouss op gruede Pad,  
zu Eiere vu séngem Numm,*
- 4 *Och wann der Doud säi Schiet  
op méngem Wee mech treëft,  
brauch ech dach nët ze fäerten,  
well du, du bas bei mir;  
däin Zepter an däi Staf,  
déi sin en Trouscht fir mech.*
- 5 *En Dësch decks du vru mir,  
viru méng Géigner hin.  
Du salefs mäi Kapp mat Ueleg,  
Mäi Kielech deen as voll.*
- 6 *Dat Gutts dat s du mir dees,  
dëng Léift déi s du mir schenks,  
gi mat mir Dag fir Dag.  
Ech wunnen am Haus vum  
Härgott  
op Zäit an Eiwegheet.*

*Iwwersat vum Felix Molitor  
a Raymond Schaack  
ënnert der Ledung vum  
Här Dr. Emmanuel Bulz*

<sup>1</sup> Lev./3. Mose 18,7-8; 20,11; Deut./5. Mose 27,20 <sup>2</sup> 1. Kor. 4,6 8 <sup>3</sup> 3. Kol. 2,5 <sup>4</sup> 4. Matt. 16,19; 18,18,20; 2. Kor. 13,10 <sup>5</sup> 1. Tim. 1,20; 1. Petr. 4,6 <sup>6</sup> Gal. 5,9 <sup>7</sup> Ex./2. Mose 12,15,19,21; 13,7; Jes. 53,7; 1. Petr. 1,19 <sup>8</sup> 8. Ex./2. Mose 12,3-20 <sup>9</sup> 2. Petr. 2,2,14,19; Jud. 23 <sup>10</sup> 1. Tim. 6,3-10; 1. Joh. 5,19 <sup>11</sup> 1. Kor. 6,9-10; Kol. 4,5; 2. Thess. 3,6 <sup>12</sup> 13. Deut./5. Mose 13,6; 17,7; 19,19; 21,21; 22,21,24; 24,7; Matt. 18,17

<sup>a</sup> 5 oder séng sénneg Natur oder wiertlech säi Fleisch

<sup>b</sup> 13 Deut./5. Mose 17,7; 19,19; 21,21; 22, 21,24; 24,7



*Lüchtmäss*

*1/88*



Lex Jacoby

## Vu Leit, vu klenge Garen an allerlee Schoulmaschinnen

aus «Walferdingen, Bereldingen, Helmsingen. — Bilder und Notizen  
aus der Geschichte / 1992»

’t as nëmme fir ze soen, mä heiandsdo begéint  
ee Leit, an da wénkt een hinnen, oder et  
laacht een hinnen, oder et seet een hinne  
Gudde Moien! an dann as et ewéi wann een  
dene Leit eppes zuleeds gedun hätt. Da kréic  
se stenge Gesichter, da kucke se dran ewéi  
dem Pränz Hari séng Päerd.

Dëslescht war ech ënnerwee fir op de Kiir-  
fecht. Ech wollt wëssen, ob déi Doudeg méi  
frëndlech wären.

’t war Mëtt Mäerz mat engem kale Wand vum  
Gréngewald hier, an déi grouss Helleg an der  
Fassad vun der Kiirch hu mer leed gedun: se  
stin op der Iewesäit, se kréic souzsoen ni e  
Stach Sonn.

’t as nët ëmmer eng Freed, helleg ze sin.

Am Schlasspark hun deen Nomëtteg d’Kréie  
grad Hochzäit gefeiert. Wéi kleng Schaasch-  
techbotzer mat Flillécken hu se em d’Beem  
gedanzt, an dobäi hu se Krääsch gedun, ewéi  
wa se wëlles hätten, d’Mäerzschauere ze  
ruffen.

Du war ech frou, datt déi Helleg an der Fas-  
sad vun der Kiirch wéinegstens en Daach  
iwwer dem Kapp haten.

Ech war, wéi gesot, ënnerwee fir op de Kiir-  
fecht. Ech wollt, wéi gesot, kucken, ob déi  
Doudeg méi frëndlech wären. Ech sin dun  
och e puer Griewer begéint, vun denen eent  
ewéi e klenge Gaart war, an en anert, dat mat  
engem léiwe Sproch un déi Wallefer Rousen  
erënnert huet. Op ville Griewer hun déi  
éischt Fréijoorsblumme geblitt, mä alles an  
allem haten déi Doudeg et nët liicht ënnert  
deem schwéire Marmer.

Awër clo weess ech nach ëmmer nët, ob déi  
an de Griewer méi frëndlech sin ewéi déi an  
de Stroossen.

Et blouf mer den Nomëtteg och nët extra vill  
Zäit fir doriwwer nozedenken. Hannert den  
Haiser huet op eemol en Zuch gepaff, an du  
war et ewéi wann d’Kréien aus dem Schlass-  
park nëmmen op dat Zecche gewaart hätten,  
fir hire Feierwon ze sängen.

De Feierwon vun de Wallefer Kréien, dat as —  
esou kënnt ee bal mengen — en Zuch, deen  
ëmmer nees entgleist, an dann héiert een  
d’Leit am Zuch Kreesch din, an et héiert een  
d’Eisebunner fluchen, an et héiert een d’Poli-  
zei an Pompjeesween an d’Ambulanzen hau-  
len.

Ech war frou, wéi den Zuch erduerch war.  
Dun hun och d’Kréie sech nees berouegt. An  
de Beem waren hir Näschter ewéi arem  
Séilen.

An hannen an der Strooss loug d’Gare wéi e  
Gebai, dat nët méi richteg weess, fir wat et do  
as.

Ech war deer Gare viru laange Joëre schon  
eemol begéint. Ech konnt mech duerfir esou  
gutt u se erënnere, well et déi éischt Gare  
war, déi ech a méngem Liewe gesin hat. Mir  
kouden deemools — et war matten am Sum-  
mer — mat eisem Schoulmeeschter vun  
engem Nopeschduerf erbäi iwwer d’Gapp-  
kaulen, fir zu Wallefer den Zuch ze huelen.  
D’Rees sollt op d’Giewelsmille goen a vun do  
aus ze Fouss op Buurschent. Do géife mer  
dann eng Buerg besichtegen, dat wir mat deer  
schéinsten eng aus dem Land, hat de Schoul-  
meeschter gesot.

Schon e puer Woche virdrun hate mer an der Schoul d'Statiounne vun eiser Rees geléiert — an zwar auswenneg — an zwar esou: «Eisenbahnen. — I. Die Linien der Wilhelm-Luxemburg-Bahnen (200 km) sind: Die Nordlinie, die Ostlinie, die Westlinie, die Südlinie, die Zweiglinie von Bettemburg nach Düdelingen, die Zweiglinie von Nörtzingen nach Rümelingen-Öttingen. Die Nordlinie führt durch die Kantone Luxemburg, Mersch, Diekirch, Wiltz und Clerf nach Ulflingen. Stationen sind: Dommeldingen, Walferdingen, Lorentzweiler, Lintgen, Mersch, Cruchten, Colmar-Berg, Ettelbrück, Michelau, Göbelsmühle, Kautenbach, Wilwerwiltz, Drauffelt, Clerf, Maulusmühle und Ulflingen. — Von Ulflingen führt eine Zweiglinie über Beßlingen nach Lüttich in Belgien, und eine andere über Wilferdingen nach Aachen in Deutschland. Eine Zweiglinie verbindet Ettelbrück und Diekirch.»

Dat wossten déi meescht vun eis op de Fangeren, a wa mer et opgesot hun, dann hu mer bei «Colmar-Berg» op d'Groussherzogin Charlotte an op de Prënz Felix gekuckt, déi hanner Glas an a breiden hëlze Rummen iwwer der Tafel hungen.

Da war de Schoulmeeschter frau.

Wa mer awer bei «Michelau» oder bei «Maulusmühle» koumen, dann huet d'ganz Klass musse laachen: bei «Michelau» well ee vun eis Michel housch, a bei «Maulusmühle» einfach nëmmen esou.

Da gouf de Schoulmeeschter béis.

A méi ewéi eng Kéier hu mer déi ganz Abberzueléng vum Wëllem sénger Nordlinn afgeschreiwe kritt. A well de grouse «W» — esou wéi mer en deemools afgeschriwwen hun — op d'manst op véier Plazc spatz an eckeg war, a well mer ëmmer nees op en neits d'Fieder an d'Tëntefaass gezappt hun, gouf et bei «Walferdingen» méi ewéi eng Kéier en décke Tëntefleck oder e richtege Schwarem vun Tënteflecken.

An dat nët nëmme bei «Walferdingen», och «Wiltz» a «Wilwerwiltz» a «Wilferdingen» koumen nët besser ewech. 't konnt ee sech bal uleë wéi ee wollt, bei all dene Garen, déi mat engem grouse «W» ugaange sin, as d'Fieder entgleist, an da louchen herno Wallefer, Wolz, Wëlwerwolz a Wilferdang an engem Séiegebitt, op dat Finnland hätt kënnen neidesch gin.

E Gléck, datt an der Tëschenzäit anert Schreifgeschir opkoum, dat de Schoulkaner, an der Mënschheet iwwerhaapt, d'Liewe méi licht gemat huet.

Mat deem Schreifgeschir vun dene leschte fofzeg Joër kënt ee souzesoen e klenge Musée anrichten:

Mat der Kräid (déi sech bis haut an eise Schoule gehalen huet),

mat dem Griffel (deem einfachen an deem, dee wéi e Bläistëft war, an deem mer ni esou richteg getraut hun),

mat dem Bläistëft a séngem Bläistëftspëtzer (esou géif et op de Menüskaarten heeschen, déi een am Restaurant presentéiert kritt),





mat dem Tëntestëft (deen een huet musse lecken, fir datt e fett an donkelblo geschriwwen huet — duerno hat een dacks méi Tëntestëft am Gesiicht ewéi um Blat),

mat der Stolfieder (d'Gänsefieder war du schon zënter enger Zäit aus dem Gebrauch), mat der Füllfieder (déi éischt richtig Maschin énnert eisem Schreifgeschir):

Do war déi Füllfieder mat dem Pompelhiewel, mat deem een d'Tënten an eng Gummishüls gepompelt huet,

do war déi Füllfieder, bei deer een d'Tënten crageschrauft huet (déi hat e gliesene Behälter — deemools gouf et nach kee Plastik, deemools waren d'Emere nach aus Blech an d'Kierf nach aus Weiden — an an deem gliesene Behälter konnt ee liicht de «Pegelstand» kontrolléieren),

do war den «l'intenkuli» mat séngem dënne Schreifréierchen a mat der Nol, déi d'Tënte lafe gelooss oder gebremst huet,

do war déi Füllfieder mat der Glasspëtzt (déi huet ausgesin ewéi eng Zitrounpress — d'Glasspëtzt — awer vill méi kleng a vill méi spat, a wann ech mer et richtig iwwerleën, dann huet déi Glasspëtzt iwverhaapt nët ausgesin ewéi eng Zitrounpress, éischer scho wéi eng kleng spat a gedréint Flämmchen op enger dënner Käerz).

Wat elo all déi Füllfiederer ugeet, do muss ee soen, datt rar eng drënner war, déi nët gronnen oder gesabbelt huet. Et gouf der awer och, déi haten hire Kapp, denen huet ee musse fléiwen, fir datt se gaange sin.

Alles an allem huet een zu eiser Zäit, wann ee geschriwwen huet, méi op d'Schreifgeschir mussen oppassen ewéi op d'Buschtawen. D'Buschtawe bestongen deemools iwregens nach aus «Haarstrich» a «Grundstrich». Haut gët et «Haarstrich» a «Grundstrich» nëmmen nach bei denc Strécher, déi d'Pont et Chaussées op hir Stroosse molen.

Et gouf dann och nach fir ze schreiwen en Dénge, dat war aus enger fester Kartongsennerlag, iwver déi eng dënn Haut, en durchsichtige Wuesspobeier, gespaant war.

Dorop konnt ee mat engem Péilchen oder mam Fangernol schreiwen. Wann een awer dat dënnt Blat e bëssen opgehucwen huet, da war d'Schrëft nees verschwonnen.

Dat hécirt sech un ewéi eng Spillsaach, an dofir war dat Dénge an der Schoul och nët besonnesch gär gesin.

Méi ewéi sécher hun ech elo nach dat eent oder dat anert Schreifgeschir vergiess, zum Beispill d'Holzkuelen, déi een iwverall fond huet, wou e Feier war, a mat denen ee wonnerschéin op déi frësch gewäisst Hausgiewele schreiwen a mole konnt, awer dofir huet ee scho mussen en Artist sin, a wa méiglech en Artist, dee séier lafe konnt.

Virun allem déi, denen d'Hausgiewele gehéiert hun, ware bei denc Schreif- a Molaktiounen ze fäerten.

Wéi gesot, et gouf bestëmmt nach anert Schreifgeschir, op dat ech elo nët kommen. Dofir loossen ech déi fräi Plaz. Wann dann nach ee sech un eppes Spezielles erënnere sollt, da kann en dat gläich hei hannendru schreiwen: mam Bläistëft oder mat der Füllfieder oder mam Bic oder mam Filzstëft... je, wat e grad bäihand huet.

Iwregens, wat de Bic ugcet, deen op eemol an denc véierzeger Joëren opgedaucht as, do sollt ee wëssen, dat d'Kijelcher fir déi meescht «Bicen», mat denen an der Welt dorëmmer geschriwwen gët, hei bei äis zu Mamer fabrizéiert gin.

De Bic as och e Bewäis dofir, wéi topeg d'Welt an hir Leit könne sin: joërelaang war de Bic nët zougelooss an de Schoulen, an et hätt een de Kapp könne kaschten — oder dach bal — wann ee mam Bic en offizielle Pabeier ënnerschiwwen hätt.

Mä fir nees op d'Gare zrëckzekommen: ech blouf deen Nomëtteg nët laang bei de Gleiser stoen. 't war wéi gesot Mëtt Mäerz, a vum Gréngewald erbäi huet e kale Wand geblos. Dofir hat ech och de Wand am Réck, wéi ech nees eng Kéier iwver de Kiirfecht gaange si mat séngen éischte Fréijoersblummen, déi sech hannert d'Grafsteng geduckelt hun.

Vum Kiirfecht aus hat ech et nët wäit bis bei déi al Wallefer Schoul, déi grad amgang war nei gemat ze gin.

Mat deer Schoul as et elo wéi mat der Gare: esou wéi déi Wallefer Gare déi éischt Gare war, deer ech a méngem Liewe begéint sin, sou as och déi al Wallefer Schoul déi Schoul, an deer ech déi éischte Kéier hannert dem Pult stong.

't war an de fofzeger Joëren, an ech hu missen de Schoulmeeschter ersetzen, deen deemools d'fënneft oder d'sechst Schouljoër hat. Dat war dun och déi éischte Kéier, wou ech Meeschter iwver déi Schoulmaschinne war, vun denen ech cigentlech schwätze wollt.

Elo kann ech mech awer nët erënneren, ob zu Wallefer dat fënneft oder dat sechst Schouljoër vun der Jongeschoul schon all déi Maschinnen hat, vun denen hei soll Rieds goen. Mä 't sief dann, souwisou hun deemools d'Säll vun eise Primärschoule bal iwverall d'schwächt ausgesin: e bëssen däischer mat héije Fënsteren, vun denen déi ënnescht Rautc blann waren. D'Gemeng oder den Inspekter oder d'Léierin hat se zoupeche gelooss, fir datt näischt vun dobaussen der Schoul hiirt Franséischt, oder hiirt Däitscht oder hiirt Rechnen oder hir Niewefächer stéiere sollt.

D'Schoulsäll waren deemools nach e bëssen cwéi Amaachglierer, an denen d'Schoulkanner sech méiglechst laang als Schoulkanner hale sollten — wéinegstens vun engem Hierscht zum aneren.

Hannert dem Pult, op deem an dene méi fredege Schoulen eng Vas mat Blumme stung, huet een ëmmer nëmmen en halwe Schoulmeeschter oder eng hallef Léierin gesin.



Iwver dem Pult hungen, wéi scho gesot, d'Groussherzogin Charlotte an de Prënz Felix. A wann eent vun de Kanner séng Lektioon nët wosst, dann huet de Prënz Felix däischer dragekuckt.

Meeschtens wosst eent vun de Kanner séng Lektioon nët.

Iwver der Dir hung e Kruzifix, an un der Wand vis-à-vis vun den héije Fënsteren waren d'Tafelen: eng mat Reien, eng mat Karoën, an eng, déi war vun uewe bis ënnen nëmme schwaarz. Natierlech war an dene Schoulen, an denen d'Léierin oder de Schoulmeeschter a virun allem d'Gemeng extra op d'Musck gehal huet, och emol eng Tafel mat Noutelinien. Dat wëllt awer elo nët heeschen, datt et verbuede gewiescht wir, fir op denen Tafelen och eemol mat gewéinlecher Schrëft ze schreiwen.

Dann hun déi grouss Buschtawe bis un den ieweschte «fa» gerecht an déi kleng Buschtawe bis un de «la».

Déi Tafelen, dat ware scho richteg Maschinnen. Déi konnt ee bis un de Plafong stemmen, oder et konnt ee se bis op de Buedem zeien. Et waren der och, déi hu sech dréine gelooss,



déi gungen a Jarnéieren ewéi Dieren. Et gouf der awer och, déi ware fest, déi konnt een nët bougcieren, sief et, dass se nët méi gaange sin, sief et, datt d'Gemeng der Menong war, hir Schoulkanner hätten all *eng* Mooss.

Et gouf Schoulen, do sin d'Kanner nëmmen esou séier gewuuss, well se ëmmer esou héich hu misse reeche fir op der Tafel an déi iewesch Zcilen ze schreiwén.

Nicwënt der Tafel war dacks e Briet mat Gefaacher, an denen ee kartongs ABC-Käertercher niestenee setze konnt. Mat dene Käertercher hun d'Kanner schwéier Wicdrer wéi zum Beispill «Mimi» oder «Lulu» zesumme gesat. Dat Briet mat séngem kartons ABC war an der Zäit eis éischt Schreifmaschin. Spéiderhin gouf et iwregens duerch eng Filztafel ersat. Op deer Filztafel as dann och méi mat Biller ewéi mat Text geschafft gin. Da konnten och déi eng Geschicht un der Filztafel liesen, déi nët liese konnten.

Haut as d'Télévisioun dofir do.

Heiansdo huet och d'Léierin oder de Schoulmeeschter d'Billen selwer op d'Tafel gemoolt. Dat waren déi Biller, déi äis am beschte gefall hun: do konnt een nach materliwén, wéi aus e puer Strécher en Déier gouf (mat kuurzen Ouere war et eng Kaz, mat langen Ouere war et eng Kanéngchen).

Bei de Biller, déi op d'Tafel gezechent goufen, as äis fir d'éischte Kéier opgefall, datt d'Kazen nët extra vill ze maache bräichte fir Kanéngercher ze gin — an émgedréint.

Deemools hu mer och ugefaang zu verstoen, datt e Wollef am Schoofspéiz näischt Onméiglechtes wär.

Lues a lues sin dunn an dene méi räiche Schoulen Apparaten opgedaucht, mat denen een de Kanner Biller vun egal wou a vun egal wat weise kommt: Diaprojekteren, Filmkammeren, Filmprojekteren, Epidiascope an wéi déi Saachen all heeschén.

D'Télévisioun koum an d'Schoul, schwaarz-wäiss fir d'éischt, an dunn ëmmer méi faarweg an dunn ëmmer méi séier an dunn ëmmer méi haart. An d'Kanner hu sech hir

Gedanken iwwer d'Billen gemat. Eng Kéier, wéi e Minister grouss op der Télévisioun ze gesi war, huet esouguer e Klénge geruff: «Oh hei, kuck! dem «Dénge» säi Papa as och an der Reklam!»

A ville Schoulen, wann d'Suen do waren, gouf et schon zënter enger Zäit Radioën an Tournedisquen a Magnetophonen an aner Schwätz- a Museksmaschinnen, mat dene se probéiert hun, de Schoulmeeschter oder d'Léierin ze ersetzen.

Wat elo d'Museksmaschinnen ugeet, do war et virun allem d'Gei, déi an der Zäit eng Haaptroll gespilt huet — an der Schoul, mengen ech. Et muss scho bal en Optimist gewiescht sin, dee jiddfer Léierin a jiddfer Schoulmeeschter fir dat Instrument begeeschtere wollt. D'Kanner hun iwregens séier gemierkt, datt d'Gei dem Schoulmeeschter nët ëmmer gefollegt huet.

Dann hu se méi haart gesongen, an da war alles nëmmen hallef esou schlëmm.

Wéi du op eemol de Guide-Chant an de Schoulen éischt Museksmaschin gouf, as d'Gei an de Vergiess komm.

De Guide-Chant war eppes ewéi e portativen Harmonium, eng Këscht mat Noutentasten an engem Hiewel fir Wand ze maachen, e véiereckege Dudelsak souzesoen. Et war e lëscht Instrument: d'Kanner hu gewéinlech scho gelaacht éi d'Saach iwwerhaupt richteg an de Gank koum. Et huet nämlech ausgesin, ewéi wann d'Léierin oder de Schoulmeeschter Musek aus engem hélzenc Pëtz pompele géif.

An esou huet d'Musek och geklengen.

Deen einfache Guide-Chant huet sech nët laang gehal. E gouf schon no e puer Joër duerch eng elektresch Musekskëscht ersat, un där keen Hiewel méi war. Dunn haten d'Schoulmeeschteren an d'Léierinnen zwou Hänn fräi fir Musek ze maachen. Wa se awer mat enger Hand besser zuwee koumen, dann hu se mat där anerer Hand dirigéiert.

Duerno koume lues a lues Instrumenter an d'Schoul, déi d'Kanner selwer spille konn-

ten: Blockflüeten, Xylophonen, Metallophonen a Rhythmusdousen a -bengelcher. Dat war du schon e grouse Schrëtt op déi richtig Musek zou, an dat war och eppes aneschter wéi déi Instrumenter, op dene mir fréier eis Musek gemat hun; op Kämm an Zigarettebildchercher a Grashällem a Päifen an Troteren, déi mer eis am Fréijor mat der Schuel vun dënnen Vullekiischen äscht gebastelt hun.

Wann awer elo een Iech seet, en hätt als Kand sech Päifen aus Weiderudde geschnëtz, da gleeft him et nët. Ech hun et bis elo nach nët fäerdegbruecht, fir e Päifercherche vun enger Weiderutt crofzedréinen, ouni dass d'Schuel gebascht as. Fir eng ordentlech Päif, déi wéi e Péckvillche klénge soll, muss een d'Holz vun de Vullekiische schneiden.

Mä vun denen Instrumenter, déi mer äis selwer gemat hun, huet d'Schoul nët profitiert. Och nët vun denen, déi bei de Kiirmesbuttécker feel gebuede goufen: déi hu souwiso nët laang gehal, a wann et Tromme waren, dann huet d'Mamm oder de Papp se gewéinlech schon no deer éischer halwer Stonn verstoppt.

Haut hun d'Kanner et domadde méi liicht. Hautjesdags kritt een Instrumenter ze kafen, déi gi vu schwem: do brauch een nëmmen op de Knäppchen ze drécken, da komme Lidder craus an och gewéinlech Musek.

Dofir sin och elo scho vill Kanner Musikanten a Kënschtler, éi se richtig goë kënnen.


De Kanner vun haut kann een als Léierin oder als Schoulmeeschter kaum nach eppes virmaachen: dat meescht hu se schon op der Télévisioun gesin. Et feelt nach jhust, dass een eng Liesmaschin erfanne géif, da bräicht een och dat nët méi ze léieren.

Da géifen och nees méi Bicher kaaft.

Iwregens, Rechemaschinne gouf et schon ëmmer an de Schoulen. Dat war e Gestell, an deem Dréit gespaant waren. Op denen Dréit souze schwaarz a wäiss Kugelen ewéi Pärcelen an enger Ketten. Mat dene Kugele konnt een hin an hier fueren: dat war gerechent. Et huet een zum Beispill eng Kugel vu lénks no

riets geschuppst, an duerno huet een nach zwou Kugele vu lénks no riets geschuppst, an dann huet een déi Kugelen op der rietser Säit gezielt, a wann ee sech nët verzielt hat, dann huet et richtig geheescht: eins und zwei ist drei!

Déi Rechemaschinne waren awer nët nëmme gutt fir Additiounen, et huet een och Substraktiounen dermat fäerdegbruecht, emol nët ze schwätze vun dene schwéiere Rechnungen. Op all Drot waren nämlech zéng Kugelen, an elo kann ee sech liicht virstellen, wat fir Operatiounen a «Lösungen» domat méiglech waren.




Et bleift nach eng Rechemethod ze ernimmen, déi ugaangs de siechzeger Joëren an enger Éislécker Schoul erfond gouf. Se huet op engem hëlzene Baukaste baséiert, deen de Kanner den Émgank mat de Bréch an den Dezimalzuele méi liicht gemat huet. Wann een dann am Rechebuch gefrot gouf, wéi een e Siwentelliter Mëllech gläichméisseg op



sechs Tase Kaffi verdele kënt, dann huet dat kaum nach Kappzerbrieche gemat. Déi kleng Hëlzercher vum Baukasten goufen engem d'Äntwert, an et huet esouguer Spaass gemat, dermat ëmzegoen.

Haut hun d'Kanner et vill méi lücht. Haut brauche se nëmme d'Ziffere vun 0 bis 9 ze kennen an dann och nach dat eent oder dat anert Zeechen. Wa se dann eng Rechnung ze maachen hun, dann hu se hiren Täsche-computer an dann tippe se e puer Zifferen dran, a schon hu se d'Lösung. Mam Reche-computer as hautjesdags «eins und eins» e Kannerspill.



Zu dene Maschinnen, déi an der Schoul ëmmer schon eng speziell Roll gespilt hun, hun déi gehéiert, mat denen ee Kopie maache konnt. Do gouf et am Ufank nëmme de Fuschpobeier, mä domat as een nët wäit komm, héchstens sechs Kopien op ee Streech, an dann hat ee Méi, déi véiert, déi fënneft an déi sechst nach gelies ze kréien.

Du koom eppes ewéi eng Speckroll op de Maart, eng Toile, déi mat enger Art fester Glatine iwwerzu war. Fir domat ze schaffen, huet een dann nach en extra fette Fuschpobeier a vill Gedold gebraucht, bis een den Text oder d'Zeechnong fäerdeg hat, déi ee kopiere wollt. Den Text oder d'Zeechnong gouf virsiichteg mam Gesiicht op d'«Specktoile» geluegt, an dann huet een d'Toile vir-

siichteg opgerullt, an dann huet een eng Zäitche gewaart, bis d'Faarf agezu war, an dann huet een dat Ganzt nees virsiichteg lassgerullt, an da gouf dat Blat mam Text oder mat der Zeechnong nees virsiichteg vun der «Specktoile» geschickt, an dann hat een den Text oder d'Zeechnong, ëm déi et gung, spigelverkéiert op der präparierter Toile. Elo konnt ee mat Afdrock zwanzeg bis fënnefanzwanzeg Kopie maachen. Esou gouf emol gesot. Meeschtens waren awer nëmme déi éischt zéng Kopien däitlech, beim Rescht huet ee musse roden.

Et huet dunn nët méi laang gedauert, du koom eng nei Erfindung an d'Schoulen, den «Ormig». Den «Ormig» huet no deem schwichte Prinzip funktionéiert ewéi d'«Speckschwaart». Mä bei dëser Maschin gouf dat präpariert Blat mam Text oder mat der Zeechnong — heiansdo esouguer a verschidde Faarwen — op eng Walz gespaant. Durno huet een e Filz, laanscht deem d'Walz gedréint huet, mat enger Flëssigkeet gedränkt, déi staark no Alkohol gericht huet. Beim «Ormig» war et ëmmer esou ewéi wann ee géif mat Sherry oder mat Porto schaffen. Déi Maschin hat eng kleng Plattform fir de Pobeier, op deem ee kopiere wollt. Wann alles op sénger Plaz war, huet een un enger Kierb gedréint, dann huet d'Walz sech de Pobeier geholl, a scho koume Kopien craus, déi een heiansdo ugelaacht hun — an heiansdo nët. Dat hung vill dervun af, wéi ee mat der Maschin ëmzegoe wosst, an natütlech och vum Text a vun der Zeechnong.

Et huet een och mussen oppassen, datt een de richtege Wee un der Kierb gedréint huet. Iwregens gouf et déi Maschin och elektresch a mat vill méi Touren.

Ah, an elo gesin ech, elo hun ech mech géiert — et as schon däermoosse laang hier, dass ee mam «Ormig» geschafft huet. Et war dien elektreschen «Ormig», dee sech d'Blieder selwer geholl huet. Beim einfachen «Ormig» huet ee se Blat fir Blat mussen an d'Walz stichen, an dat war eng Gedoldsaarbecht.

Fir ze «vervielfältigen» gouf et dann och nach déi Saach mam Wuesspobeier, op deem een tippen a schreiwen an zeechne konnt. An och fir de Wuesspobeier gouf et eng Maschin mat enger Kiirb an eng aner, do huet een nëmmen brauchen op de Knäppchen ze drécken.

An der Tëschenzäit waren nämlech — och an der Schoul — e sëllege Maschinnen elektresch gin. Vun deem Moment un huet een och mussen e Spezialist komme loossen, wann eppes nët méi funktionéiert huet. Dacks koum och nëmmen e Gesell, an deem huet d'Maschin necs matgeholl. Se misst zréck an d'Fabrik, gouf da gesot.

Hautjesdags si mer esou wäit, datt d'Maschinne schon ufänken ze kopéieren, wann ee se nëmmen bekuckt. Wann een da mierkt, datt een zevill Kopeien huet, dann as et schon ze spéit.

Et géif esouguer Kopéiermaschinne gin, soe se, déi kritt ee guer nët méi un d'Halen.

Elo hat ech mat dene ville Kopéiermaschinnen op een Hoër eng Schoulmaschin vergiess, déi bal an all Schoulsall eng extra Plaz hat: de Globus. Mir hun de Globus zu de Schoulmaschinne gezielt, well een e konnt goen din ewéi en Dapp. Iwrengs huet och de Kompass um Fouss vum Globus zu de Maschinne gezielt: fir äis war de Kompass eng Maschin, déi vum Nordpol gedriwwe gouf.

Mir hun nogelauschtert, wa gesot gouf, do hätte mer d'Welt virun äis mat all hire Mierer an all hire Länner, an dann huet de Schoulmeeschter mat engem spatze Bläistëft op eist Land gewisen.


Mir hun nogelauschtert, mä mir hun et nët gegleeft.

Dat wir elo esou zimlech alles vun de Schoulmaschinnen, wéi mir se fréier kannt hun. Vun dene Schoulmaschinnen, mat dene Sport gedriwwe gët, brauch een nët ze schwätzen. Dat maachen d'Zeitungen an d'Illustriert an de Radio an d'Lautsprecher an d'Télévisioun. Fir déi Maschinne goufen an der leschter Zäit esouguer extra Schoulen erfond mat Säll a Schwammbaséngen, an denen op d'manst zéng oder zwanzeg vun dene Kellerraim Plaz hätten, an denen hei an do déi gewéinlech Schoul fir déi gewéinlech Kanner gchale gët.

Mä näischt fir ongutt. Elo as et Mee, an et as eng Freed fir duerch d'Stroossen ze goen. Déi meescht Leit, denen ee begéint, kucke frëndlech dran, a wann een hinne laacht, da laache se zréck.

Ech wëllt et géif joërelaang Mee bleiwen.

*Zu de Fotoën: Schreifgeschir a Rechenmachin, wéi se fréier an de Schoule gebraucht goufen. (Dës Fotoë goufe gemaach op enger Ausstellung vun de Geschichtsfrënn vun Nidderaanwen)*





Rudy Ludes

## Keen Hënnescht a kee Viischt

An engem Stater Restaurant  
kritt eise Frënd, den Déngens Jean,  
deen hei all Dag passéiert,  
sain lesse grad servéiert.

Vun 10 un as et bei him zou,  
beim lessen huet hie gär seng Rou.  
Do misst scho vill geschéien  
ir hien de Kapp géif dréien.

Mee just an dëser Period  
vu «Ganz-eleng-sin», wéi gesot,  
as dës Geschicht passéiert,  
déi jiddf'ree revoltéiert.

En Hond vun deer bekannter Rass,  
wou Kapp a Schwanz bal d'selwecht as,  
mat laangem Hor behaangen,  
huet sech um Jean vergaangen.

Wéi d'Honn dat jo sou un sech hun  
as hien, wéi magesch ugezun,  
um Jeanche sénge Wueden  
– wéi seet een? – ausgetrueden.

Nu stellt lech vir dat schro Gefill  
gët d'Been op eemol fiicht a kill.  
De Maufel blouf him stiechen  
an doung hien ënnerbriechen.

A wéi sai Bléck den Hond getraff  
huet hien de Fall och gläich begraff,  
huet prompt drop réagéiert  
a'm Hond eng Schank offréiert.

E Garçon kuckt deem Spillche no:  
«Mee, Monsieur Jean, wat heescht  
dat do?  
Wat soll dee Geste bedeiten,  
sid Dir nët weis, mat Zeiten!»

«Ech géif deem Hond, amplaz eng  
Schank,  
e ferme bäi den «Noutausgank».  
Trotz aller Léift zu Déiren  
kënnt keen sech do beschwéiren.»

De Jeanche schmunzt: «Do huet Dir  
recht,  
mee kuckt, mäi Plang war och nët  
schlecht,  
Et housch erauszefannen:  
wou as bei him do hannen?»

(02. 04.1985)

*Siuda Robert*

## *Klengegketen*

*E Wonner*

*Wann d'Téinerten doduerch opfalen,  
datt se se halen  
an agesin,  
datt s'anere Leit op d'Nerve gin.*

*Odyssee*

*Een, deen um falsche Wee as an et weess  
an awer nèt ëmdréint,  
as méi op Rees  
wi mat Verstand geséint.*



Henri Rinnen

## Et wor virun...

730 Jor tauscht de Sigfrid mam Abt Wiker vu St. Maximain zu Tréier de Castellum Lucilinburch um Bock géint séng Lännereien zu Felen; d'Stad Lëtzebuerg entsteet

700 Jor léisst de Wenzel den II. de Johann vu Nepomuk (Nepomucenus) an d'Moldau werfen, well en d'Beichtgeheimnis nët verrode wollt. De Nepomucenus as eise Bommenzinnen gin, e Bréckenhellegen, deen zu Veianen op der Ourbréck Wuecht hält.

550 Jor zitt den Herzog vu Burgund vun Dijon aus géint Lëtzebuerg. Nuets vum 21. op den 22. November 1443 erruwweren se d'Stad, an du wor et laang eriwwer mat der staatlecher Existenz vun der demoleger Grofschaft Lëtzebuerg. Dat gouf an zwee Theaterstécker vum Norbert Weber (Jean Chalop) an Tit Schroeder (De Schäfte vum ale Maart) veraarbecht.

475 Jor koum an der Universitéit Léiwen, déi 1425 gegrénnt wor gin, e Kolléisch fir hebräesch, griichesch a latäin duurch den Erasmus vu Rotterdam bäi, dee vum Jérôme de Busleiden d'Suen derfir kritt huet. Den Anton Meyer vu Lëtzebuerg, dee Mann, dee fir d'éischt Gedichter op lëtzebuergesch 1829 erausgin hat, wor em 1830 do Professor. Hien hat déi Zäit Kontakt mam Franz Joseph Mone, deen aus dem Lëtzebuergesch am Buch «Quellen und Forschungen zur Geschichte der deutschen Literatur und Sprache» Sproocheprouwe bréngt an 1830 erausgin huet, deen och Professor zu Léiwe wor. (vgl. «eis sprooch», Nr. 34, den Artikel vum Jean Welter: Dat Lëtzebuergesch am Buch vum Franz Joseph Mone). — Den 'Iun Gonner huet dem Anton Meyer séng Gedichter alleguer beieneegesicht an an d'Schreifweis vun haut emgeschriwwen.

450 Jor as den Hans Holbein d.J. gestuerwen. De Johann Frank, deen Hans Lützel-

burger genannt gouf, «der trefflichste Künstler aus dem Luxemburgischen», wor bei him zu Basel als Xylograph (Holzschnützer) am Déngscht.

425 Jor (6.9.1568) as den Abt Hoväns vun Iechternach gestuerwen, deen e Frënd vum Egmont wor, dee mam Horn zu Bréssel higericht gouf. Den Abt as géint d'Hexewiesen an der Zäit opgetrueden.

400 Jor gët de Gaspard de Heu, Här vu Befort um Feschmaart an der Stad Lëtzebuerg op Uerder vum Grof vu Mansfeld ghaangen; e wir e Raubritter a Landesverräter gewiescht (cf. Jos. Hess an «Dëst an Dat» 4. Band. RTI.-Eeditioun 1984)

400 Jor kréien déi Dikrecher 3 Jormäert erlaabt: op St. Lucrenz, St. Valerian a St. Lucia.

375 Jor (1618) gët de Fähnrich Aldringer Hauptmann.

an deem schwachte Jor iwwerhëlt den Hubert Reuland d'Drëckerei vun der Witfra Birthon. Wat do gedréckt gouf steet an engem Artikel vum F.v.d.Vekene an de PSH 1967.

300 Jor as de Sprangbur am Gaart vum Schlass Mansfeld zerstört gin, fir aus dem Bläi Kuglen ze géissen.

275 Jor schenkt d'Mamm vum polnesche Kinnek Stanislas Leszcynski dem Rektor vum Jesuitkolléisch e Kleed an en Altorvirhank, déi si selwer gemaacht huet, fir hir Veréierung vun der Muttergottes ze dokumentéieren.

200 Jor, den 21. Januar gët de Louis XIV. zu Paräis geköppt, séng Fra, d'Marie-Antoinette de 16.10.1793.

den 23. Juni 1793 as d'Abtei Orval zerstört gin, déi 1933 erëm opgebaut as.

den 2. August 1793 gët de Mathias Zimmer, de Mates vu Miedernach, als leschten un de Gaalge ghaangen. Deen aarmen Däiweil hat aus elauter Honger a Misär e puer Su gestuel, se awer crémgin, dat onerhéiert Verbrüchen agestän, wat hien awer d'Liewe kascht huet. Dohier kéim dee Sproch: wann een d'Wourécht seet, gët ee ghaangen.

de 24.11.1793 gët de Republikanesche Kalenner a Frankräich proklaméiert; d'Lëtzebuurger hun déi Nimm ëmgedeeft an s'alt e.a. de «Schnorridor» an de «Fressidor» genannt.

**175 Jor** (1818) sin hollännesch a franséisch d'Haaptsprouchen am Kolléisch zu Lëtzebuerg, däitsch wor fakultativ. — Et goufen du zwou uerdentlech Schoulen am Land, eng zu Wolz (Schoulmeeschter Bernard † 1849) an eng zu Gréiwemaacher (Schoulmeeschter Léon Clasen † 1850). Sou huet den Inspekter van den Ede dem Kinnek-Groussherzog Wëllem I. gemellt.

1818 gouf d'Musterschoul, Ecole de Pédagogie, gegrënnt. Et wor déi éischt Normalchoul. Dat éischt Reglement iwwer d'Examen, dat den 2.3.1818 erauskënnt huet, wéi dat hollännescht Gesetz, 4 Brevet-en.

de 27.4.1818 gët eng nei Akerbaukommission genant, éischte Präsidant de Feller.

de 7.7.1818 gët tëscht Réméléng an Fsch d'Minett fond. Et gouf awer nët vill Ophiewes dervu gemaacht, well nach vill Bounerierz do wor, mat deem méi wéi genuch Eise fabrizéiert gin as wéi des gebraucht gouf.

de 16.12.1818 as den Dominik Constant München gestuerwen, gebuer zu Dudeldorf an der Äifel de 26.6.1763; vu 1793 bis 1803 wor e Paschtouer a Bucrgermeeschter zu Dikrech, du Professor am Kolléisch zu Lëtzebuerg. 1818 as e Philosophieprofessor zu Gent. De Martin Blum, Grënner vun der Geschichtszäitschrëft «Ons Heimecht» huet 1901 säi Manuskript als Buch herausgin: Versuch einer kurzgefaßten statistisch-bürgerlichen Geschichte des Großherzogtums Luxemburg

**150 Jor**, de 24.3.1843 koum e Gemengegesetz eraus an deem 7 Stied opgezielt gin: Lëtzebuerg, Dikrech, Iechternach, Gréiwemaacher, Réimech, Wolz a Veianen. 1906 koumen Esch-Uelzecht, 1907 Ettelbréck, Déifferdang a Réméléng derbäi.

de 26.7.1843 as dat éischt Gesetz iwwer d'Organisatioun vun de Primärschoule komm.

1843 gouf och d'Strooss vu Lëtzebuerg op Ettelbréck, Dikrech virun op Wäiswampech

(fir op Stavelot) gebaut.

**125 Jor**, 1868 kënn déi éischt Nummer vun der «Luxemburger Zeitung» eraus, déi bis den 31.9.1941 bestanen huet. D'Lux. Zeitung wor de Nofolger vum «Courrier». De Grënner Theophil Schroell as virun **100 Jor**, den 9.9.1893 zu Lëtzebuerg gestuerwen; gebuer 5.3.1829 zu Iechternach.

1868 gouf de J. Joris den «Avenir» craus, gebuer 5.4.1829 zu Nidderelter (Autelbas), gestuerwen 3.11.1893 zu Lëtzebuerg.

1868-1870 wor déi Zäit wéi vill Lëtzebuurger an Amerika ausgewandert sin.

zu Mondorf gët de John Grün den 27.8.1868 gebuer, † 3.11.1912 Lëtzebuerg; den 25.6.1920 krut hien zu Mondorf e Monument opgeriicht

de 24.10.1868 entsteet den Institut Grand-Ducal. Et woren 3 Sektioonen: déi historesch (1845), naturwëssenschaftlech (1850), medezinesch (1861); 1935 koum déi véiert sproochwëssenschaftlech, folkloristeschesch an toponymisteschesch derbäi; 1962 déi vun der Konscht a Litteratur; 1966 déi vun de «Sciences morales et politiques».

**100 Jor** (1893) entsteet d'Luxemburger Volkszeitung (1894-1923); Grënner Änder Welter; gebuer den 13.8.1852 zu Hlwen, gestuerwen 1933.

an deem Jor gët de Batty Weber Redakter an der «Luxemburger Zeitung».

dat selwecht Jor gët de Cercle Artistique gegrënnt, Präsidant Franz Heldenstein.

gët de Michel Lenz, den 10.9.1893 um Nekloskiirfecht begruewen; et wor en National-Begriefnes; de Pol Eyschen huet d'Läicheried gehalcn. (De M. Lenz huet 421 Gedichter geschriwwen — Gilbert Trausch IV. S. 88)

as de Max Goergen, Jong vum Willy Goergen, den 23.11.1893 zu Stesel op d'Welt komm; gestuerwen zu Wolz den 9.2.1978.

**90 Jor** wor d'Nei Bréck, de Pont Adolphe fäerdeg

den 11.10.1903 as d'Dicks-Lentz-Monument op der Plëssdarem feierlech ageweit gin.



**75 Jor** den 11.11.1918 as den éischte Weltkrich op en Enn gaangen. Den 22.11.1918 kommen déi éischt franséisch Zaldoten an de Generol Foch an d'Stad. Den 8.7.1918 as Clause bombardéiert gin.

d'fräiwëlleg Compagnie mécht «Revolution»; de «Feldwebel» Eiffes as hire Chef. Den 10.11.1918 gouf vum Cercle d'études socialistes am Café Brosius (Pôle Nord) e Comité de propagande républicain geschaf. D'Statuten hat den Dr. Michel Welter ausgeschafft.

de 5.7.1918 gouf am Stadtheater (haut Kapzinnertheater) dem Nik. Welter säin Theaterstück «Grisclinde» (Musek Alfred Kowalsky) opgefëiert. — Du as dem Prof. Erpelting säi Roman ënner dem Titel «Anna», sou wéinst der Zensur genannt, crauskomm, deen nom Krich an «Luxemburg und der Weltkrieg» ëmgedeft gouf.

**70 Jor** 1923 sin d'Cahiers Luxembourgeois geschafte gin (Red. N. Ries).

**60 Jor** gët den Adolf Hitler Reichskanzler — an de Misär fir d'Welt gong un, dat 1000-järegt Räich, dat e proklaméiert hat, huet bis 1945 gedauert...

den 23.5.1933 geet d'Zeitung «Freie Presse» an. Vum 27.5.1933 kënnst d'«Luxemburger Volksblatt», dat de Leon Müller, bis dohi Redakter am Lux. Wort, als Haaptredakter huet. — De Pierre Grégoire gët Redakter am Lux. Wort.

as de 6. Februar 1933 de Professor J.P. Kauder zu Iechternach gestuerwen. E wor de 29. November 1869 zu Nidderaanwe gebuer, gouf Professor an Direkter vum Kolléisch vun Iechternach. Dausenden Notizen iwwer Uerts- a Familjennimm huet e gemaacht, déi awer net publizéiert si gin. (Jongheemecht Nr. 3/1933) — Derzou hat en en sëlliche Wieder beicne geraaft fir e Lëtzebuerg Dictionnaire, wou en op dee vun 1906 opgebaut huet. D'Manuskrift läit an der Sproochesektioun vum groussherz. Institut vun deem fir den Dictionnaire vun 1950 profitéiert konnt gin.

**50 Jor** kapituléiert déi 6. däitsch Arméi, Generalfeldmarschall v. Paulus, mat 92.000 Mann, wat vun 330.000 bliwwen wor, zu Stalingrad, haut Wolgograd.

am Februar 1943 as an Amerika d'Gesellschaft «Friends of Luxembourg» gegrënnt gin, Präsident Matthew Wolff aus der Millebaach-Eech.

den 10.8.1943 hun d'USA en Timber erausgin op deem de Lëtzebuerg Fändel wor, well deen zu Lëtzebuerg selwer du verbuede wor.

den 21. Oktober 1943 gouf zu London en Ofkommen tëscht Belgien, Holland a Lëtzebuerg iwwer d'Währung ënnerschriwwen, dat ee Stee fir d'BENELUX sollt gin.

**40 Jor** den 10.2.1953 huet de Präsident Jean Monnet am Sëtzongssall vum Stadhaus zu Lëtzebuerg d'C.E.C.A. als existent deklaréiert a sot: Mesdames, Messieurs, l'Europe est née.

den 9. Abrëll 1953 as de Pränz Jean mat der belscher Prinzessin Josephine Charlotte bestued gin.

den 29.9.1953 as den Hubert Clement, Direkter a Redakter vum «Eischer Tageblatt» gestuerwen.

den 23.12.1953 as de Pierre Dupong, Staats- a Finanzminister, gestuerwen

1953 as de J.P. Zanen an der Stad gestuerwen, gebuer 1878 zu Wäicherdang. Hien hat fir d'«Landwirtschaftliche Mitteilungen» e Roman iwwer d'Bauereliewen a Fortsetzunge geschriwwen, hallef däitsch, hallef lëtzebuergesch, deen 1915 am Buch mam Titel «Berels Berta» an deer éischter Oplag erauskoum, eng zweet illustréiert wor 1939 komm an eng drëtt 1951. — Artikelke vun him am Wäicherdang gongen iwwer d'Bauereliewen an der Zäit, Taken an Takeschief, eng Uucht asv. Hie wor Mëmber vun der Dictionnars-Kommission vun 1948 bis 1953; am Fiererrot vun der «Hemechtssprôch» 1939.

**30 Jor** wor d'Jordausendfeier vun der Stad Lëtzebuerg; de 25.6.63 gouf eng Plack um Bock zer Erënnerrong opgehaangen.

den 20.6.1963 gouf de Grondstee fir déi nei Bréck G.-D. Charlotte, déi déi Rout Bréck genannt gët, geluegt.

de 4. Mee 1963 as den däitsch-lëtzebuergeschen Naturpark gegrennt gin.

den 12. Mee gët der LUXAIR hiren egene Flioger Prince Henri gedceft.

1963 kënnst déi 3. Editioun vun «Tatsachen aus der Geschichte des Luxemburger Landes» vum P.J. Müller eraus, aus dder mer Donneën hei geknäipt hun; 1968 as déi 4. Editioun komm, e Bewäis ewéi esou e Buch gefrot gët.

1963 kënnst dem Professor Fernand Hoffmann säi Buch vun der «Luxemburger Mundartdichtung» I. Band eraus, e ganz wichtegt Buch iwver cis lëtzebuergesch Litteratur. 1967 deen 2. Band. Eng gekürzt Fassung läit ewell jorclaang fäerdeg do, déi awer bis elo keen Editeur fond huet.

gët d'Sproochesektioun dem Nic. Gredt säi «Sagenschatz» nei eraus, Buch, dat ewell 1939 hallef fäerdeg gesat wor, awer wéinst dem Krich leic blouf. Den Adolf Jacoby, protestantesche Pfarrer an den Jean Dumont haten dat Buch nei verschafft an arrangéiert. Wéi de Leon Senninger d'Hand dervun ofgeschlon hat, gouf et an zwéi Bänn (Soen [1963], Index a Motivregëster [1967]) vum Henri Rinnen fir den Drock facrdeg gemaacht. Eng nei Oplag vum éischte Band koum 1982.

am selwechte Jor koum dem Rosch Krieps säi Buch iwver «Die Luxemburger in Amerika».

en anert Buch vum Lt. Colonel Melchers goung 1963 iwver de «Kriegsschauplatz in Luxemburg 1914-1940».

dem Robert Bruch säi Manuskript iwver e «Luxemburger Sprachatlas, Formen und Laute» gouf vum Jan Goossens als 2. Band vun de «regionale Sprachatlanten» zu Marburg/Lahn 1963 erausgin. De Robert Bruch wor 1959 bei engem Autosongléck dout bliwwen. Geplangt wor nach fir dono e «Wortatlas», wou ewell Viraarbechte gemaacht si gin, mä et blouf du alles leien. Grënn?

1963 sin nach Bicher erauskomm, déi mat der dausendjäreger Geschichte vun der Stad Lëtzebuerg ze din haten, ewéi «Historische Miniaturen» vum Prof. J.P. Erpelding; de Band IV vum Dr. N. Majerus «Die Luxemburger Gemeinden», Dokumenter iwver d'Stad Lëtzebuerg; vum Jos. Thein: Beiträge zur Geschichte des Volksschulwesens; Le Livre du Millénaire, vun der S.E.L.F., wou de Marcel Noppeney den Haaptmann wor; T'Hemecht hat hir Nummer op déi 1000 Jor opgebaut; an et wor eng grouss Ausstellung, Mënze koumen eraus...

1963 wor d'Automatiséierung vum Tëlfon fir d'Land komplett, wéi zu Bënzelt déi lescht Zentral ageweit gouf; 1962 wor et dder eng zu Näidsen gewiescht.

et wor den 30.6.1963 wéi deen éischte Lëtzebuergער Entwécklungshëllefer zu Covendo (Ostbolivien) am Floss Beni erdrunk as.

den 3.10.1963 as de Robert Schuman, de Papp vun der CECA an der EG zu Scy-Chazelles bei Metz gestuerwen. E soll clo séileg gesprach gin.

de Präsident vun der USA, de John Fitzgerald Kennedy huet zu Dallas den 22.11.1963 bei engem Attentat d'Liewe verluer.

wien denkt nach un deen uerge Wanter vun 1963 wéi Musel a Sauer ganz zougefruer woren, Fielsen, Beem a Leitungen voller Äis woren a gebascht oder futti gefuer sin. Wat dat as wa kee Waasser, keen Elektresch, keen Tëlfon do as, as een du gewuer gin.

20 Jor as de Professor Jos. Hess, den 2.4.1973 vun äis gaangen. Nieft sénger «Volkskunde (1929), Die Sprache der Luxemburger (1946), Altluxemburger Denkwürdigkeiten (1960)», fënt een e sëllichen Artikelen an Zeitungen, Zäitschrëften, Kalenneren a Festbroschüren. Den Nic Weber huet séng Radiogespréicher a fënnf illustrierte Bänn 1983/84 erausgin. Fir et nëmme jhust z'ernimmen, hie wor Mëmber vun der Dictionnaires-kommission vun Ufank un, Präsident vun der Sproochesektioun, Mëmber vun der historischer Sektoun asv. asv. an e gouf vun alle Säu-



ten ugesprach, wann Artikle fir Broschüre gebraucht si gin...

as de Schoulmeeschter Jos. Thein den 2.8.1973 gestuerwen. Hien hat sech vill mat Geschicht ofgin; an der «Jonghemecht» huet hien an den drësseger Jore Wierder, Ausdréck a Riedensaarte publizéiert, déi en zu Konstern an Oस्पern notéiert hat, déi deem neien Dictionnaire zepaass komm sin.

15 Jor as op den 1.1.1978 den Albert Thorn, Chef vun der Militärmusek, 82 Jor al, gestuerwen.

huet de Jul Christophory d'Buch «d'Lëtzebuenger am Spigel vun hirer Sprooch» (lëtz., englesch, frans.) erausgin; 1973 d'Buch «Sot et op lëtzebuergesch»; vun him sin och en englesch-lëtzebuergesch, a portugiesesch-lëtzebuergesch Dictionnaire erauskomm.

gët d'Nouvelle Europe eng Medail, geschafe vum Julien Lefèvre, zer Eier vum Tun Deutsch eraus, deen 1932 zu Jonglënster gebuer, den 20.10.1977 aus dem Liewe gerass gouf; hien huet munnech Verdéngschter fir eist Theaterliewen.

Den 8.2.1978 as de Francis Steffen, gebuer 1922, en Zwangsrekrutéierten, gestuerwen, deen e puer gutt Lëtzebuenger Gedichtbicher geschriwwen huet.

10 Jor hat de Piusverband e Kongkur fir Lëtzebuenger Kірchelidder a Massen ausgeschriwwen.

as de Fränz Mersch de 15.2.1983 an der Stad verscheed, gebuer de 5.6.1913. Hien huet d'«Auto-Revue» an déi déck illustréiert schéi Bänn vun Uertschaften a Leit aus dem ganze Land crausgin.

as den Abbé Albert Gricius de 26.8.1983 gestuerwen, deen d'Buch «Dorf in der Front» erausgin huet an e sëllegen Artikelchen ënner dem Pseudonym Albert Hesper a Pilot schrouf.

as am Alter vu 86 Jor de Bëschof Léon Lommel den 11.6.1983 verscheed.

as de Jos. Berrens gestuerwen, deen e gudden Theaterspiller an Auteur vun Theaterstécker wor; e wor en treie Mataarbecher vun «eis sprooch», wou vill Gedichter vun him publizéiert si gin. (cf. eis sprooch Nr. 15/54)

Fir déi Eler vun äis sief drun erënnert, datt den Tino Rossi, 76 Jor al, Chansonnier a Schlagersänger zu Paräis gestuerwen as.

5 Jor as de Josy Ourth, Regisseur an Theaterspiller de 19.5.1988 gestuerwen.

wor den Tunnel ënner dem Hellege Geescht fäerdeg.

koum den «Dictionnaire français-luxembourgeois» vum Henri Rinnen, ronn 1.200 Säiten, an der Editioun St. Paulus-Dréckerei, eraus. Hien hat mam Will Reuland 1974 dat «Kleines deutsch-luxemburgisches Wörterbuch» (haut 8. Oplo) an 1985, och mam Will Reuland de «Petit dictionnaire français-luxembourgeois» opgesat.

## Huet Dir dru geduecht,

fir d'Cotisation vun 1993 ze iwwerweisen? Wann nët, da maacht et direkt a schéckt déi 500 Frang op ee vun eise Konten.

Postscheck 6644-48; BIL 4-100/9748; Spuerkeess 1000/7250-4.

— Bci eise Membren, déi en «Ordre permanent» gemat hun, gët d'Cotisation automatesch vun hirem Kont ofgebucht. —

Sid Dir geplënnert (oder huet den Numm gännert), da sot äis dat och, wann ech glift. — Merci!

## Notizen

1933 hate jong Medercher an der Ouschtervakanz eng Rees an England gemaacht. An der «Lux. Zeitung» vum 26.4.1933 beschreift eng Studentin hir Studierees, wou ze liesen as, datt hire Professor hinnen «angelegentlichst empfohlen, ja nur französisch oder englisch zu sprechen, nur nicht luxemburgisch, daran erkenne man die «bonnes et cochers». An der Jonghemecht (Nr. 7/8 1933) gët do bemierkt: An dee Mann, dee mat denen Erklärungen hauséiere geet, «beansprucht den Ehrentitel eines «luxemburgischen» Pädagogen.»

\* \* \*

Am nationale Litteraturkongkur 1992 fir Kuurzgeschichte woren dër 111 vun 45 Autoren crakomm, dovu sechzeg op däitsch, 34 op franséisch a 17 op lëtzebuergesch. Präisser fir déi Lëtzebuergesch krut den Nico Helminger fir «Äddi Willy» an «Ierfschaft». Am Franséische sin et den Henri Hary fir «Léon»; V. Lorang-Simon fir «Les vacances de Tommy»; Gaston Carré fir «Etat de grâce sur la Placc d'Armes» a fir «Les élucubrations d'Al Mustafa le Bédouin»; Jean Portante fir «Qui a peur de Moby Dick?»; Nelly Lecomte fir «Une visite»; Gabrielle Seil fir «Licu d'exil». Am Däitsche sin et: Georges Hausemer fir «Die Decke, Der Katalog»; Margrit Steckel-Morsch fir «Wenn Tante Anna kommt»; Nico Helminger fir «Tag der Grenze», fir «Kurze Geschichte vom jungen Joe», a fir «Margeriten». Fir all Geschicht gouf et e Präis vun 10.000 Frang, deen zu Klierf iwverreecht gouf. An der Jury woren: Maisy Hausemer, Marie-Flore Weber, Henri Blaise, Anton Cipriani, René Clesse, Pierre Kill, Roger Schiltz, Frank Wilhelm, Jacques Wirion.

\* \* \*

An der Zäitschrëft «Arcler Land a Sprooch» (Nr. 68/1992) liese mer, datt eng Delegation vun Arcler an Diddenhewener an eisem Ministère de l'Éducation Nationale emfaange si gin. Fir déi Areler woren et de Gaston Mathey an de Stany Demechelaer, fir déi Diddenhewener vu «Wéi laang nach?» J.M. Becker, C. Poinsignon, B. Ksaiss-Houssc. Déi Réunioun wor organiséiert gi vum Europäesche Büro fir net verbreet Sproochen. Et gong do drëm, fir ze gcsin ewéi wäit d'Lëtzebuergesch an denen dräi Länner geléiert géif. — Den éischte Regéierongsrot Hostert weess näischt vun engem politesch-sproochleche Problem zu Lëtzebuerg, déi dräi Sproochen géifen ouni Schwiregkete gebraucht, an nom Gesetz vun 1984 géif d'Verwaltung sou wäit wéi méiglech an deen Sprooch äntweren, wéi de Gesuch geschriwwe wir. An der Spillschoul, vu 4 Jor un, géif an der Sprooch vun dem Land geschwat, wat jo d'Nationalsprooch zënter 1984 wir. An der Primärschoul gët fir d'éischt däitsch geléiert an um Enn vum zwete Schouljor kéim franséisch derbäi, dat géing esou viru bis an de Kolléisch. — Dat Ganzt gong mat engem Iessen op en Enn, wou sech op lëtzebuergesch ënnerhale gouf.

\* \* \*

D'lescht Jor (1992), am Saar-Lor-Lux-Sproochekongkur, wou den Thema wéi ëmmer fir d'éischt ze rode wor an «Maach datt d'Kiirch am Duerf bleift» housch, huet d'Madame Jeanine Theis-Kauth e «gëllene Schniewel» kritt fir hiirt Gedicht, dat de 16. Oktober 1992 an der Warte, kulturell Bäilag vum Lux. Wort stong; d'Josée Bertolini-Weber vu Menster krut e «Schniewel» fir e lëschtegen Text.

\* \* \*

Et gefällt engem (iech och?) wéi d'Leit ëmmer méi op Lëtzebuerg Nimm fir hir Geschäfte an hir Firmaë kommen, sou «De Miwwelblët», mat deem een neie Plënnerauto virgestallt gouf (tageblatt 15.10.92); c



Coiffeursalon zu Hesper heescht de «Struwelpéiter» (mam selwechte Numm get et och een zu Esch/Uelz. — d'Setzerin); d'Kannervilla zu Vei(a)nen heescht de «gepépelte Mëll (=Feuersalamander); eng Wiirtschaft huet dee léiwen Numm «am Humpen»; zu Ettelbréck gin déi kleng Butzen «bei de Grimmelcher» versuergt; de «Fissi» heescht eng «sarkastesch» Zeitung vun de jongen Demokraten...

\* \* \*

Et as eng Kommissioun fir en neien Dictionnär (Dictionnaire) a kleng Ännerongen an der Schreifweis ze maache genannt gin. Präsident as de Prof. Jul Christophory, Direkter vun der Nationalbibliothék; Sekretär as de Professor Jos. Reisdorffer; Mëmbren d'Hären: Alain Atten, Archivist an den Nationalen Archiven; Guy Dockendorf, Regéierungsrot am Ministère vun de Kulturelle Saachen; Jean-Paul Hoffmann, Professor; Jean-Claude Muller, Attaché am Informatiouns- a Pressedengscht vun der Regéierung; Henri Klees, Sekretär vun der Sproochesektioun vum groussherz. Institut; Will Reuland, Präsident vun der Sproochesektioun vum groussherz. Institut; Lex Roth, éischt Regéierungsrot am Staatsministère, an Henri Rinnen, pcns. Staatsbeamten, fir d'Actioun Lëtzebuergesch; Georges Wirtgen, Direkter vum ISERP. Déi Kommissioun wor fir d'éischt de 15.12.1992 beienec komm.

## Aus dem Kréimesch Pir séngem Stamminnee (15.11.92)

(am Radio 92,5) (Et gong dora Rieds iwwer dat, wat ewell esou dacks an eisen Notizen iwwer eis Sprooch an «eis sprooch» gelies konnt gin)

D' *Tata Sidonie* (am Gespréich mam Michel): Deemno wéi een eppes seet, deemno gët et och opgeholl, wollt ech dech froen... Ech wollt soen, datt verschidde Wiederder op eemol am Sproochgebrauch changéieren.

*Michel*: Dat stëmmt. Ecn typescht Beispill as d'«Schwätzen».

*Sidonie*: D'Schwätzen?

*Michel*: 't as nach nët laang hier du huet d'Gericht en Urteel *gesprach*. Et as ee vum Gericht schëlleg oder *fräigesprach* gin. Neierdénge *schwätzt ee fräi*...

*Sidonie*: Soss huet e Jong e Meedchen *ugesprach*, an an enger Sëtzong hu se e Problem *ugesprach*... Elo gët d'Meedchen *ugeschwat* an d'Problem och.

*Michel*: Wann een eng Ried gehalen huet, dann as vun enger *Usprooch* geschwat gin. Ech si gespaant wéi laang datt et nach dauert bis aus der *Usprooch* eng *Ueschwätz* gët.

*Sidonie*: An aus engem *Spréchwuert* c *Schwätzwuert*... an aus engem *Sproochmates* c *Schwätzmates*...

*Michel*: An ech waarden drop, datt een am Beichtstull nët méi *lassgesprach* mä *lassgeschwat* gët...

*Sidonie*: *Lassgeschwat* gi mer nët esou séier... D'Kiirch as méi konservativ...

*Michel*: Si huet 360 Jor gebraucht, fir de Galileo Galilei vun der Uklo, hie wir e *Ketzer*, *fräizesprächen*...

*Sidonie*: fräizeschwätzen...

...d'Anglikaner hun clo de Fracn d'Recht *zongesprach*... *zongeschwat* Paschtouer ze gin... Mir hate jo d'Sproochgewunnechten *ugesprach*... *ugeschwat*...

*Michel*: Maja! As iech nach nët opgefall, Tata, et *as* näischt méi.

*Sidonie*: Es *as* gewëss näischt méi?

*Michel*: Neen, et *as* näischt méi. Et *as* kee Fest méi, et *as* keng Feier méi, et *as* kee Concert méi, a keen Theater méi. Et *as* kee Geschäft a kee Begriefnes méi... All déi Saachen sin nët méi, se *fannen alleguer statt*. Et *as* kee Foussballs-, kee Basket- a keen Tennismätsch méi... Se *fannen all statt*...

*Sidonie*: Wéi einfach war et dach, wéi dat alles wor...

*Michel*: Wann d'Sprooch eppes géif spiren,

ech wetten se hätt gejaut vu Péng, deemools wéi een déi éischte Kéier dat schrecklecht Wuert *stattfannen* amplaz vun deem einfache, klenge Lëtzebuurger Wuert *as* gebraucht huet...

## Nom Forum Europa

(Vum Lëtzebuurger Korrespondent vu «Vox Europae», Claude Vanolst)

Vum 21. bis zum 27. September 1992 huet den europäesche Schrëftstellerkongress hei zu Lëtzebuerg de «Forum Europa» vun de manner verbreete Sproochen organiséiert. Ongeféier 50 Schrëftsteller(Innen) a Kënschtler(Innen) aus 22 verschidde Regione vun Europa hun dobäi matgemaach. Wien am Kapuzinertheater den occitaneschen Troubadour Jean-Marie Carlotti oder den Abbey Theatre aus Dublin kucke war, wien am Mondorfer Park déi bretonesch Sängerin Annec Auffret oder am Possenhaus zu Bech-Maacher de friulanesche Liddermaacher Luigi Maicron héiere konnt oder wie spéit owes am Westeschgaart um Lampertsbiere Volleksliddere aus Sardinien, Schottland a Grönland matgesongen huet, wäerd wuel och traureg sin, datt dese Festival ewell eriwuer as.

No engem Iessen, dat méindes owes vun der Stad Lëtzebuerg offréiert gouf, gung de Kongress den Dag drop am bloe Salon vum Cercle Municipal un. Moies hu fir d'éischt ëmmer verschidde Schrëftsteller(Innen) hir Region an hir Literatur virgestallt an dono war eng allgemeng Diskussioun.

D'Situatioun vun de manner verbreete Sproochen as a ville Länner déi selwecht. D'Méisproochegkeet as eng Chance fir och vun denen aner Kulturen ze léieren. Mee d'Schoul as dacks esproocheg a gesäit keng oder nëmme wéineg Plaz fir d'Mammesprooche vun de Kanner vir.

D'Regionalsprooche gi selen an den Zeitungen an an den audiovisuelle Medie ge-

braucht. Vill Auteurs loosse hir Bicher op ege Käschten drécken, well et nët genuch Editeure gët. D'Schrëftsteller(Innen) probéieren hir Sprooche lieweg ze halen doduerch, datt s'eng Sprooch vun haut schreiwene. 't gouf begréisst, datt de Bäitrag vun de Regionalsproochen als kulturelle Räichtum vun Europa ëmmer méi unerkannt gët. Mat Ënnerstëtzung vun der Europäescher Communauté konnten de Bureau européen pour les langues moins répandues zu Dublin an de Secrétariat européen de coédition de livres pour enfants zu Montpellier gegrennt gin. Leider kënnen d'Auteurs vun de manner verbreete Sproochen nach nët beim Literaturpräis vun der Europäescher Communauté matmaachen. Fir dogéint ze protestéieren, hat de Lëtzebuurger Jury 1991 e Roman a Lëtzebuurger Sprooch («Frascht» vum Nico Helminger) fir dese Präis nominéiert.

Nomëttes waren am Kapuzinertheater Liesungen a Concerten. Donneschdes nomëttes gouf och en Ausfluch op Mondorf gemaach. An engem Café am Munnerëfer Park sin du baskesch, bretonesch, frisesch, lëtzebuergesch a samesch Texter erkleng. Besonnesch d'Liesunge vun der samescher Schrëftstellerin Kerttu Vuolab, déi Vullstëmme imitéiert huet, a vum Guy Rewenig, deen iwuer 50 verschidde Wierder fir «Pimpéipel» fond huet, hu begeeschtert well s'et méiglech gemaach hun Sproochen, vun denen ee keen eenzegt Wuert kann huet, iwwert hir Musek ze verstoen.

Samschdes stung fir nomëttes en Ausfluch op Veinen a fir owes eng Visite vum Possenhaus zu Bech-Maacher um Programm. Zu Veinen konnt een ënner anerem d'Haus kucke goen, wou de Victor Hugo gewunnt hat, wéi en hei zu Lëtzebuerg am Exil gelieft an eis deemoleg Kulturzeen beräichert hat. Am Possenhaus war dunn d'Ofschlossfeier mat engem Concert-apéritif vum Gollo Steffen a vum Jean-Michel Treinen an engem Iessen dat vum Kulturministär offréiert gouf.



Well de «Forum Europa» eng eemoleg Aktioun vum Europäesche Schrëftstellerkongress war, hun d'Schrëftsteller(Innen) de leschten Dag vum Festival eng nei Association gegrennt fir mateneen a Kontakt ze bleiwen a fir d'Aarbecht vum Forum virunzeféieren :

«Vox Europae» (Stëmm vun Europa) as den Numm vun dësem neie Veräin, deen d'Cooperatioun an d'Versteesdemech téschent de Schrëftsteller(Innen) vun de manner verbrete Sprooche verbesseren hëllef wëllt.

D'Schrëftsteller(Innen) wëlle sech méi ënnertence begéinen an, zesumme mat de regionale Verbänn, Liesungen a Concerten organiséieren. «Vox Europae» wëllt och Iwwersetzungen a Coeditiounen vu Bicher ënnerstëtzen. Als Alternativ zum Europäesche Litteraturpräis wëllt «Vox Europae» e spezielle Präis fir Schrëftsteller(Innen), déi an enger vun de manner verbrete Sprooche schreiwen, schafen.

Ënnert dem Motto «L'unité dans la diversité» wëllen d'Schrëftsteller(Innen) déi sech an der «Vox Europae» zesummegegeschlossen hun, och gemeinsam Initiativen um europäesche Plang ënnerhuelen. Fir de Liam aus Dublin ze zitieren : «Our Europe has many tongues, but only one voice.» – Füst Europa huet vill Sproochen, awer nëmme eng Stëmm.

E. Devaquet

## Huet dir e Mënsch

Huet dir e Mënsch – an huet e gär,  
da git mat him duerch Heck an Där.  
Scho munchereen huet agesin,  
datt och säi Frënd kann ontrei gin.  
All Tréinen, Schwätzen huet kee wäert  
de Mënsch sech an der Nout bewäert.

Jeanine Theis-Kauth

## Den Äschermëttwoch kënnst bestëmmt

Mer doë Bokemailer op  
an drénken äis mat Schampes voll.  
Ëm Hallefnuecht gët Ënnenzopp  
mat Schwäizerkéis erageholl.  
Routgemoolte Lëpse laachen  
a jäize Wieder ouni Sënn.  
Mer danzen, datt eis Knache kraachen,  
an alles as sou schaupegdënn :  
dat fladderfuddelegt Gezei  
an eis Allüren, déi mer hei  
wéi ee geléinte Mantel dron.

O, onbeschweiert Fuesentszäit!  
All eis Gedanke schlou e Bou  
ëm eescht Problemer, Krich a Leed.  
Verdierf dach nëmme keen eis Show,  
verhonds dach nëmme keen eis Freed!  
Déi hongreg Kanner sin sou wäit...

Mä 't soll kee mengen a kee son,  
datt mer Egoiste sin.  
Kuckt, wéi mer haut zesummestinn,  
ronderëm eng ronn Equipe!  
A jidderee gët gäre mat :  
de Rescht vu sénger Wantergripp,  
säi Mann, séng Fra, souguer e Patt.

Donieft bezillt all bessre Geck  
nach Entrée fir e gudden Zweck.

## Nei Bicher

Fir d'*Aweigung vum Heem Albert Thilges*, de 24. Oktober 1992 zu Wormer hun déi Wormer Guiden a Scouten eng schéin illustréiert Broschür, de 25. Band vun de Wormer Muselbicher, an enger Oplo vun 800 Stéck crausgin, déi, wéi ëmmer, de René Muller zesummegesat huet. No denc sëllecche gudden Wënsch vu Perséinlechketen gët de Paschtouer Albert Thilges virgestallt, a wéi et gaangen as, éier et esou wäit wor, fir dat Heem no laange Jore fäerdeg do stoen ze hun, dat deem entsprieche soll fir dat et geduecht as a wor. Eng Chronik vun 1957 bis 1992 vun de Guiden a Scouten (mat enger Lëscht vun den Theaterstécker, déi gespillt si gi — Mëmbren a Partner), de Wormer Berreg a s'eng Kaplëin, d'gëlle Jubiläum vum Abbé Marcel Tibesard den 11.7.1992, d'Resistenz zu Ohn, wou eng Plack un d'Haus «Hennen» opgehaang gouf fir d'Familje Fischer ze éieren, déi 7 Jongen am Krich verstoppt haten, Erënnerong un den Aloys Heine vu Meechem, deen an d'SS sollt gezwonge gin, mat 6 aner Komroden den Eed nët geleescht huet, du vu Prisong zu Prisong a Stroflager geschleeft den 12.8.1942 gestuerwen as, an zu gudder Lescht nach de Wormer Dichter N.E. Becker, de Beckesch Klos zu Wuert kënnt, deen a jonge Joren an Amerika gezun as, a Gedichter op lëtzebuergeresch verfaasst huet, fir deen d'Post d'Jor als Erënnerong e Bréifkappchen crausgouf, dat alles as dodran ze fannen. — D'Broschür (14×21 cm), 128 Säiten, kascht 200 Frang a kann iwwer de Postscheck vun de Wormer Guiden a Scouten 81073-77 bestallt gin.

\* \* \*

*Kellerzerwiss*, 2 Stécker vum *Pol Greisch* als 24. Nummer an der Serie Amphithéâtre, beim Verlag phi, Postkëscht 66, L-6401 Iechternach crauskomm. ISBN 3-88865-102-6. D'Bichelchen huet 77 Säiten, Format 12,5×18 cm, ill.

Déi zwee Stécker, d'«Phèdre» an «Deen anere Besuch» sin de 17. Oktober 1992 vum Auteur an dem Juliette François am Sall vum TOL gespillt gin an hun duurchwech eng ganz gutt Kritik kritt, wouriwwer ee sech glät nët wonnere kann, wann een dencn zwéin Akteuren hir Gof op deem Gebitt kennt.

Am Virwuert heescht et: «di zwee Stécker (gin) hiren eegene Wee, fir awer jiddferent ganz ënnen am Keller ze landen.» — am «Phèdre» gesi mer eng eler Actrice, deere de fréiere Succès (?) an de Kapp geklommen as... «deen anere Besuch» begéint (de Mann) enger Damm am Park, invitéiert s'an säin heemleche Keller... Allebéid «spannen» se, d'Phèdre dreemt vun hirem (fiktive) Succès, de Mann dëscht der Fra op, déi e begéint sollt hun... — An déi Beicht «Fir méng Mamm» an deere eng Familjengeschicht beschriwwen gët, as esou, datt se un ee geet — et sin Erënnerong vum Kand duurch säi ganzt Liewen, et kënnt ee soen e Bucki op der Mamm an dem Papp hiirt Graf — an an engem egen Erënnerongen erwächt! Eng Meeschtererziclong, déi paakt an nët lass léisst.

\* \* \*

Op engem ganz anere Gebitt, (oder nët?), sin déi zwee Bicher Kabaret:

*Bannemäertchen* vum *Jhemp Hoscheit*. Ed. le Phare, 127 Säiten ISBN 2-87964-019-9 (15×18 cm). 600 Fr.

*Duurchzoch* vum *Jhemp Schuster*. Kabare 1980-1992. (Um Deckel: 1993) Ed. op der Lay, 390 Säiten. ISBN 2-87967-014-4. Präis als Täschebuch 850 Fr., mat Léngenaband 1090 Fr. (11,5×18,5 cm)

An denc béide Bicher leën déi zwéi Kabareartisten äis Sketcher op den Dësch, déi si an dem Jor, (de Joren) virgedroen hun. Et bliedert een dran, et bleift een hei an do hänken, op enger Plaz, liest een en Text vu vir bis hannen, schléit nees op a gët nees op enger Säit wéi ugezun. Et lächelt een, et laacht een alt emol ganzeg haart, et réngelt een d'Nues — an et gefällt dach, dermeesch. Gutt, wéi mat alles as et hei och esou, et denkt een dat as



wiirkech gutt gesot, dat vläicht zevill gesicht, mä am Fong nët iwweel. Et heescht nun och «eng Schreif as keng Schwätz» an «eng Schwätz as keng Schreif», an dach mat e bösse Fantasi kann een sech virstellen ewéi dër zwéin oder eleng op deer klenger Bühn stin, fir d'Leit duurch Laachen un d'Nodenken ze kréien. Wann dat hinne gléckt as et gerochen, wann nët dann as den Zweck verfeelt. Mat dene Bicher huet een clo awer d'Méiglechkeet dene Kabarettisten hir Sketcher kennen ze léieren, ze genéissen oder... vläicht een esouguer nach méi dervun huet, wéi wann een se an Aktioun hätt könne gesin! Mir huet nët alles honnertprozenteg zougesot, mä trotzdem vill(es) gefall.

\* \* \*

Hci kann een dem *Pol Schons* säi «*Spunnes*», deen drëtte Band, «E Sammelsurium vu Gespëttels a Gegecks a Form vu Lidder, Gedichter, Kantaten, Prosastécker a Sketcher» mat dene aneren zwéi (hei virdrun ernimmt) vergläichen. D'Buch kascht 620 Franc an as am Verkaf bei de Messageries du Livre, 5 rue Raiffeisen (fir déi Leit aus der Géigend: an stengege Wee), L-2411 Lëtzebuerg.

\* \* \*

*3.000 Spréch a Spréhelcher* an aner Wouréchten huet d'*Laure Wolter* beieneegesicht a bitt äis se an engem Buch (15×21 cm) vun 128 Säiten, propper gedréckt an dem ABC no gereit, un, an deem bekannt, nët bkannter a «gesichter», nieft Bauere-, Wénzer- a Wiederregelen opgereit sin. Et as eng nei a verbessert Oplo vun *2.500 Spréch a Spréhwieder*, déi si 1986 erausgin huet. Et si 500 Wouerréchten dobäi komm, déi nët all zu der Kategorie vun de Spréchwieder gehéieren, awer an cis Zäit passen, heescht et am Virwuert. An nach wou «vill Helleg» ernimmt gouwen, déi am Laf vum Joër eng Roll spillen. Esou eng Opstellung (Sammlong) ka jidderengem zepass kommen, well déi Sammlonge vu virdrun, et siewen déi vum Dicks, vum Mathias Thill, vum Nic. Plutschette c.a. oder aus dem Lëtze-

buergeschen Dictionär nët méi ze kréie sin. Et kann een nët anescht, et muss een déi Aier vun der Laure Wolter bewonneren, déi ee muss hun, fir sech hannert esou eng Saach ze spanen, Dag fir Dag ze glannen, ze sichen, an ze lauschteren.

Et hätt ee sech gewënscht, dat all déi fréier Opstellungen eng Plaz am Buch fond hätten, déi et sécher verdéngt hun fir ernimmt ze gin. — Nu gutt, d'Buch ka jidderengem sech jo emol a séngem Bicherbuttek weise loossen, et kafen oder beim Laure Wolter, Lëtzebuerg, Postscheck 499556-86 bestellen. Präis 380 Fr.

\* \* \*

Geschichtebicher fir Kanner sin an de leschte Joren alt en etlech op lëtzebuergesch erauskomm, et siewen déi vum Guy Rewenig, et siewen déi Iwwersetzonge vum Tintin an Asterix, déi de Lex Roth an eis Sprooch gesat huet, deer mat an ouni Biller. Een neit flott faarweg illustréiert as am November erausgin: *Geschichten aus dem Zirkus Kopplabunz*, Texter vum *Jhemp Hoscheit*, Illustratioune vum Michel *Demaret*. Präis 550 Fr. Et as grad esou gutt a schéi fir Kanner, déi nach nët liese können — wéi fir déi, déi dat amstand sin — an hire Spaass mat dene léiwen a flotten Illustratiounen hun. D'Geschichte fir déi, déi liese können sin och deemno fir si wuel esou lieweg a frësch, dat se hir Gellecht drun hun, zemol dee grouse, propperen Drock hinnen et liicht mécht — och wann d'Buschtawen esou gebockelt kommen — se derzou bréngen kann hinnen ze hëllef, fir lëtzebuergesch spilles liesen ze léieren — eppes dat jo däermoosse schwéier fir Grousser — an Intellectueller apaart — soll sin.

— Et sief erlaabt — dem Lëtzebuurger «Duden» — léiwe Spottnumm fir dëse Schreier — e puer «Umierkongen» ze maachen (déi och fir aner Bicher an Autore gëlle können). Den Autor *Jhemp Hoscheit* kennt nët vu sénger Uertschaftssprooch ewech (all Respekt derfir) — oder wëll(t) en nët — déi sech a Wieder weist ewéi a «viicht» fir «viischt», «iewecht» fir «iewescht»; da «ge-

meet, peekt» fir «gemat, paakt»; «Spijhel» fir «Spigel». Nach e Wuert zu «Neologismen» a Schreifweis. Fir wat muss ee «gestaunt» hun, wa mir äis duerfir emmer «gewonnert» hun; et sin der «schwindelcg» gin, wa mir emmer «dronkeg» gi sin, a «fir wat» eng Kéier an engem Wuert, dann an zwec Wierder schriewen, an och sou «watfireen», wat dach dräi eenzel Wierder sin. Soc mir nët «mir tauschen eis Boxen», hei lese mer «mir tauschen eis Boxen *aus*». Di lescht Zäit héiert een emmer an éiweg «Hie wëll», woufir dann nët bei eisem «wëllt» bleiwen? Mir «schupse» keen, mä mir «j(h)uppen» en. Wa fir e Bockel eng «Boss» hei steet, da géif een dem «Bokkel» dach léiwer de Virstreech. As et besser, wann een op de Becn «optrëppelt» amplaz «optriet (optrëtt)». An eiser Sprooch as haut och «zwee» fir zwéi(n) crakomm (hei: zwee déck Kussen, zwee Dillendäpp, zwee Punkten, zwec Loftballongen). Warc mer nët houfreg op eis dräi Zorten: zwéi(n), zwou, zwee? As et «keng» Féiwer oder «kec» Féiwer? Et hätt ee sech och gewünscht, datt besser op d'N-regel opgepasst wir gin, grad ewéi och d'Pluralforme vun der Schlussilb «-ek», deen «-éck» no der offizieller Schreifweis geschriwwe sollt sin.

Dës «Umierkonge» sin nun nët geduecht (fir den Autor) ze schoulmeescheren, et sollt nëmnen drop higewise gin, «Feler», déi nët nëmnen eleng hei ze fanne sin.

Mir sin um gudde Wee eis spezifesch Wierder a Lauter ze verléieren an ze verléieren, äis emmer méi a méi un déi däitsch Héichsprooch unzepassen, an dat wat esou dacks iwver eis Sprooch als eis Identitéit an der leschter Zäit zem Beschte gi gët wuel nët méi fir eppes Egenes als Identitéit, ugesi ka gin. Gi mer dann nët doduurch jhust dat op, wat eist soll(t) sin, *a wann dat esou viru geet, da loosse mer dach apake mat deem Slogan: eis Identitéit läit an eiser Sprooch.* (vergläicht och de Bäitrag vun Pir Kremer op enger ancr Plaz.)

hr

\* \* \*

Guy Rewenig: «Zebra Tscherrri». Geschichte fir Kanner. 39 nei Geschichten iwwert déi komesch, geckeg, modern Welt, mat Zeechnunge vun René Weber, Roger Manderseid a Guy W. Stooß, 131 Säiten, Edition Phi/Philou, 495 Frang.

«Zebra Tscherrri» as den éischte Band vun der neier Collectioun «Philou» déi d'Éditions Phi dëslescht crausbruecht huet. An 39 neie Geschichten, an duerch dem Kätt séng Aen (d'Kätt kenne mir aus «Muschkeilusch», 4000 mol an 2 Joër verkaaft) presentéiert de Guy Rewenig séng deels gesellschaftskritesch, deels léschteg oder besënnlech Iwwerleungen, sou zum Beispill iwwert d'Kommunikationsproblemer téschent de Leit an d'Aangscht virum Friemen, d'Viruurteler géintiwver den Ausländer an d'kulturell Ennerscheder an eiser Gesellschaft. D'simplistesches Mentalitéit an d'Liichtglewegkeet vun de Leit; d'Konsumgesellschaft an déi modern Technik, déi déif Gefiller wéi Trauer oder Léift zecchnen dem Kätt säi Liewen a fuedere séng Reaktiounen, déi lues a lues eng richtig Liewensphilosophie op d'Tapéit bréngen. Ernimme mer nach d'Émpanzipation vun der Fra, d'géigeniwver gestallt Liewensopfaassungen oder d'falsch Solidaritéit mat den auslännesche Matbürger, da komme mer zu engem Rächtum u Situatioun wéi mer se haut an eiser Gesellschaft allzegutt kennen an déi och nët fréi genuch kënnen un d'Kanner erubruecht gin, jo esouguer missen, well d'Kand gët dacks zewill vu verschidde Tabutheme verschout. Duerch Alldaags-Situatioun léiert dee jonke Lieser eis Gesellschaft kennen. Dacks gräift eng Geschicht an déi nächst iwver oder erënnert u Situatiounen, déi d'Personnage schons erlieft hun. Mat wéineng Persoune baut de Rewenig, bal wéi ee Soziolog, eng Welt op. Ofgesi vun Ausflich an d'Éislek, an d'Schwäiz, an de Saarbrécker Zoo an an Holland, limitéiert sech dem Kätt säim Universum praktesch op eng Strooss. Déi Strooss spigelt natiirlech dem Kand séng kleng an onerfuere Welt zrëck, eng Welt an där et nët friem as, an och d'Kätt weist, datt hatt zu



enger ganzer Rei vu gesonde Reaktiounen kapabel as.

D'Buch as interessant, well et gët eng relativ präzis a komplett Weltanschauung vun dësem Fnn vum 20. Jorhonnert erëm. Méi ewéi sécher fënt munnechen engagéierte Biiirger sech an dëser sozialkritescher an awer verspillter, dacks zynescher, satirescher oder ironescher Realitéit erëm. Nët esou gutt huet äis awer gefall, dat muenchemol dës engagiert Litteratur dem Lieser d'Gefill gët, näischt wir op dëser Welt onbegrennt. All Schrëtt, all Iwwerleung (bis op e puer méi poetesch oder lëschtég Geschichten) sicht no enger Explikatioun, enger Léisung oder kritiséiert a stellt a Fro. D'Personnage schéngen zevill wéi Karikaturen opzertieden. Si sin zevill bewosst, duerch dem Kätt séng Aen, déforméiert fir dem Kand duerzestellen wat gutt a wat schlecht as. Gewëss d'Kannerlitteratur soll einfach ze verstoë sin, mä duerfir muss een nët onbedéngt séng Weltanschauung fäerdeg offréieren. D'Kand, ob grouss oder kleng, wëllt vu sech aus dës Iddië mat sénger Fantasi zesummestellen. Hei schéngt et plazeweis wéi wann se praktesch imposéiert, jo bal virgeknat, géifen. Interessant as awer och, datt d'Kätt alles selwer erlieft an datt de Lieser dës onerfuere Iwwerleungen novollzicé kann. Gutt och, datt déi al patriarkalesch Gesellschaft entmystifizéiert gët. De Papp as nët méi den Allwëssenden, mä hien huet och séng Schwächten, grad wéi säi Kolleg, de Panzi. Schued jhust, datt d'Roll vun der Fra nët méi opgewäert gët. Aus «Muschkilusch» wësse mer, datt dem Kätt séng Mamm fortgaangen as, well si sech et nët gefale gelooss huet Schëmmel a Bless vum Papp vernannt ze gin. (Nët ze verstoë bleift an dësem Sënn dem Fernand Hoffmann séng Iwwerleung: «Et gefällt mer och nach besonnesch wéi de Guy Rewenig säi «Kätt» an eng Famill bënnt. Fir datt ee Kand an dëer Léift opwiisst, déi hatt spéider soll weidergin... do brauch et eng Mamm an e Pappi» Luxemburger Wort, Die Warte, 29.10.1992)

Wat mir iwwert déi zevill virgeknat Weltanschauung gesot hun, gëlt och fir de System

vun de Personagen. Et gif ee mengen, d'Personnage wiren zevill vereinfacht, zevill pauschal presentéiert. Et schéngt äis wéi wann d'Liewen oder d'Existenz vun den Erwuesseenen e bëssen déck opgedroë wir. De Papp an de Panzi schéngen zevill simplistes, de moderne Muller an de luesen Zaff sin och op zwéi Stereotypen, jo richtig Clichéé limitéiert. I Hei wir eiser Meinung no manner méi.

Et versteet een, datt d'Kätt nët onbedéngt differenzéiere kann, mä den Erzieler kënnt jo dës Roll iwwerhuelen. D'Kätt schéngt och dat enzezt ze sin dat mat zwéi Féiss um Buedem steet. Séng perséinlech Situatioun, et lieft jo praktesch an enger exklusiver Männerwelt (jhust d'Pupu, dem Panzi séng Frëndin; d'Gaby, séng Klassekomerodin an d'Joffer an der Schoul sin d'Ausnamen) fuedert d'Kätt an esou muss hatt e staarke Charakter hun, fir nët ennerzegoën, en exellente Personnage an der moderner Lëtzebuurger Litteratur. Rar huet een an der Lëtzebuurger Litteratur awer och d'Geleënheet esou erfrëschend a poetesch Beschreibungen a Vergläicher ze liesen. Dëse lichten, einfache Styl bréngt de Lieser méi ewéi eng Kéier un d'Dremen a weist, datt d'Lëtzebuurger Sprooch nët stoë bleift, wéi dat zevill dacks behaupt gët. Hei e puer Beispiller:

«Franséich as eng kriddleg Sprooch. Do bonzelen d'Feler nëmmen sou op d'Blat. Ech kenne keng aner Sprooch, déi sou voller Feler stécht. Franséich muss ee ganz duuss upaken. Wann een déi Sprooch zevill stuckelt, da platzt se, an d'Feler fale wéi Schnéiflacken a mäin Heft!» (SS. 14-15) oder: «An eiser Brëfkescht wunnt en Elefant. Zanter dräi Wochen. Glécklecherweis brauch en Elefant keng Miwwelen. Hien huet eng al Zeidung a Fatze gerappt a sech domadder en Nascht gebaut.» (S.44) a fir en Fnn ze maachen: «Eng richtig Tulp wär clo scho laang an d'Gette gang. Wéi eng zerdruddelt Spullomp géif s'ausgesin. Zerknautert an zerdämmert, aarmséileg wéi e geplatzte Luftballon.» (S.99)

Alles an allem as «Zebra Tscherrri» e wäertvollt Buch dat eis Litteratur belieft. Mir jidde-

falls freën äis op dem Kätt séng nächst Aventüren.

*Jacques Steffen*

\* \* \*

*Mon Luxembourg – Mäi Lëtzebuerg* heescht d'Lidd, dat an den Editiounen Emile Borschette, L-7640 Krëschtnech crauskomm as. Text a Musek (Pianobegledong) vum Alex *Tourneur*. ISBN 2-8798 2-038-3. 4 Säiten, 210×290. Präis 150 Frang. Postscheck 88560-96. — Den Text as esouwuel op franséisch ewéi op lëtzebuergesch. Loosse mer wënschen, datt d'Lidd bei de Gesangveräiner gutt opgeholl gët, well et de Repertoire alt eppes opfrëscht.

\* \* \*

*Op der Lay*, L-9650 Fesch/Sauer. Tel. 89742, Postscheck 89095-49 as vun de MALPAARTES-LASER-BIFISER eng nei CD/Cassette mat Lëtzebuurger Melodië vu gescht an haut crauskomm. Bekannt Melodië sin et vum

Dicks, Lentz, Zinnen an aner, gemëscht mat moderne Melodien, déi all réischt no 1980 fir d'éischt op Disk erschéngen sin. 't as keng reng Blasmusik, mä den Numm weist op eng Zäit hin, well den CD mat Laser ofgespillt gët, dofir sin och aner zwëschen déi al an nei geschloen. Am ganze si 34 Lieder drop, déi de Robert Gollo Steffen zu 14 Muskestiteln arrangéiert huet. 60 Minutte laang kann een déi Lieder nolauschteren, matsangen oder och matdansen. D'Fotoë vum ßmschlag huet de Wolfgang Osterheld gemaacht. Wien nun d'Malpaartes-Bléiser wëllt héieren op hirem CD vum «Summer um Stauséi» kritt dee Genoss fir de Präis vu 690 Frang, d'Cassette kascht 450 Frang. Soc mer nach, datt d'SACEM bereet wor, fir déi Produktioun finanziell z'ënnerstëtzen. *br*

Elo jhust erauskomm: *6000 Wieder op Lëtzebuergesch* (français, deutsch, english, español, portugûês), gesammelt vum Jacqui *Zimmer*. ISP, 585 Fr. ISBN 2-87963-177-7.

Wat an den Artikele steet, as nët onbedéngt d'Menong vun der Actioun Lëtzebuergesch.

*Siuda Robert*

## *Klengegketen*

*Falsch Mënz*

*Wou d'Geld eleng de Riichter mécht,  
do huet et och säin eegne Code  
a bei all Uurtel, dat et sprécht,  
do seet et sech vu Gottes Gnod.*



# Wat huet d'A.L. bis elo erausgin ?

Mir kënnen nach offrëieren:

## Zäitschrëft «Eis Sprooch»

1-1972	30 F	(Facsimilé, Ried vum C.M. Spoo 1896)	
8-1977	70 F	18-1986	70 F
9-1978	70 F	19-1986	70 F
10-1979	70 F	21-1987	70 F
11-1980	70 F	22-1988	70 F
13-1981	70 F	23-1988	70 F
14-1982	70 F	24-1988	120 F
15-1983	70 F	25-1989	120 F
16-1984	70 F	26-1989	120 F
17-1985	70 F	27-1989	120 F
		28-1990	120 F
		29-1990	120 F
		30-1990	120 F
		31-1991	120 F
		32-1991	120 F
		33-1991	120 F
		34-1992	120 F
		35-1992	120 F
		36-1992	120 F

**Vereinsschreiwercien** 300 F  
zesummegehallt vum Marcel Lamy + Porto 60 F

## Extra-Serie

No 1	De Rick, 2. Oplo, vum René Kartheiser	50 F
No 2	Ueter d'Jor, 2. kompléiert Oplo vum Heng Rinnen	150 F
No 3	Stuelen (Modeller) 3. Oplo fir all festlech an aner Geleéheneten, eis Uertschaftsnimm, Menüen, d'Schreifweis asw.	90 F
No 6	Dem Pränz Muttwëll séng Rees an d'Mäercheland e Mäerchspill vum Edith Roeder mat der Musék vum Louis Beicht, an d'Lëtzebuergesch iwwersat vum Robert Siuda, Illustratioun vum Pe'l Schlechter	300 F
No 7	Kuuz Geschichten, Concours 1986	90 F
No 8	Klenggeketen vum Robert Siuda	90 F
No 9	De Kapp an de Stärren vum René Kartheiser, gebonnen	465 F
No 10	Kuerblumen um Lamperbiérg gepléckt vum J.F. Gangler (1788-1856) mat der Schreifweis vum haut vum 'Iun Gonner	90 F
No 11	Lëtzebuergesch - Franséischen Dictionnaire (M. 'Th. Krocmmr)	100 F
No 12	Radiospiller (Concours 1989) vum Jhemp Hoscheit	60 F
No 13	Mat Laachen a Kräischen vum Tony Bastian	150 F
No 14	De gaunze Wee vum 'Iit Schroeder	360 F
No 15	Index «eis sprooch» (1971-1991)	75 F

**D'Léierche (dem Léiweckerche säi Lidd)** M. Rodange, Facsimilé an Transcriptioun (1973) 500 F

**D'Buch fir Lëtzebuergesch-Couren: Kommt mir léiere Lëtzebuergesch (Lëtzebuergesch-franséisch)** + Porto 80 F

**D'Iwwersetzung vum lëtz. Text vum Buch op däitsch, englesch oder portugisesch** all Kéier 200 F

**Dëi 3 Cassetten, déi bei dëst Buch gehéieren (Et kann een d'Buch oder d'Cassetten och eleng kafén.)** 945 F

**D'Spéngel vum der A.L.** 50 F

**D'Bronze Plaquette vum Dicks - Rodange - Lentz** 1.250 F + Porto 100 F

## Eis Gléckwonsch- a Neijooschkaarten

Neijooschkaarte mat oder ouni Text

1034 Huelmes	1044 d'Schibbreg
1144 Siwcburen	1214 Réimuch
1224 Mënsbech	1234 Iechternach
1244 Clausen	1334 Zolwerknapp
1344 Schläifmillen	1514 Méchelskierch
1524 Branebuerg	1534 Déifferdang
1544 Rëmmereg	1614 de Mëllerdall
1624 Iechternach	1644 d'Fiels
1714 Esch Sauer	1724 Veianen
1734 Ansebuerg	1744 de Gronn
1814 Huelmes	1824 Klierf
1834 Veianen	1924 Bad Munnerëf
1934 Däiwelsälter	1944 Schengen

De Präis vum de Kaarten as 15 F d'Stéck  
Bei 100 Kaarte kritt ee se fir 11 F d'Stéck  
Porto fir Kaarten bei am Land

1 Serie (4 Kaarten)	25 F
3 Serie (12 Kaarten)	40 F
doriwwer	60 F
fir Europa	30,- / 60,- / 90,-
fir Iwwerséi	70,- / 155,- / 230,-

## Gléckwonschkaarten (ouni 'Text)

1991/92 Modern Molerci vum der Madame Lou Kreintz  
612 an 622 Tableau (faarweg) 30 F d'Stéck

1992/93 Tableau-ë vum Roger Steffen

712 d'Musel bei Meechtum

722 d'Syrbréck bei Manternach

## Gléckwonschkaarten fir Hochzäit oder Gebuert

Zeechnunge vum O. Nalezinck

4 verschidde Kaarten 15 F d'Stéck

**D'Präisser déi mir ugin, si fir Mëmbren.**

Schoulen, Gemengen, Veräiner oder Mëmbren, déi am groussé kafén, kënnen Rabatt kréien.

Bestelle kann een duerch Iwwerweisungen op ee vum eise

**Konten:** Postscheck 6644-48

Spuerkeess 1000/7250-4 — BIL 4-100/9748

Schreift w.e.g. op Arc Virement/Versement genee, wat Dir wëllt, an och d'komplett Adress.

All Informatiounen kënn Dir um Téléfon 47 06 12

(Antwertapparat). Wa keen am Büro as, da sot w.e.g.

Är Telefonsnummer, mir ruffen Iech dann erëm.

Bestelle kënn Dir och schrëfflech un eis Adress:

**Actioun Lëtzebuergesch**

**Postkëscht 98 L-2010 Lëtzebuerg**

Porto fir Buch/Zäitschrëft fir Lëtzebuerg (wann nët extra

vermierkt): 40 F. — Fir d'Ausland a bei méi groussé


Commanden riichte mir eis nom Posttarif.

Et kann een natürléich och séng Bestellung an eisern Büro

op Nummer 21 am Bredewec an der Stad ewechhuelen.

Am beschte freeet een dofir e Rendez-vous.

ÄRE PARTNER



an alle Finanzfroen



**SPUERKEESS**

ISBN 2-87989-003-9